



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 04.06.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Emilia Oliveira,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Jos Thill,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	5
1. Correspondance	8
2. Circulation	8
2.1. modifications à apporter au règlement général de la circulation modifié du 13 juillet 2018 – rue Louis Rech	
2.2. modifications à apporter au règlement général de la circulation modifié du 13 juillet 2018 – emplacement personnes à mobilité réduite au parking « Schwaarze Wee »	
3. Finances communales	9
3.1. approbation de la modification à apporter au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général	
3.2. approbation du devis estimatif relatif au réaménagement des alentours de la maison relais « Schwemm », phase 2	24
3.3. approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'une détection incendie aux ateliers communaux – bâtiment A	
3.4. approbation du devis estimatif relatif au remplacement du chauffage et de la détection gaz au centre d'intervention Dudelange	
3.5. approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la détection incendie à l'école « Brill »	
3.6. approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la détection incendie au bâtiment B de l'école « Strutzbiert » et à la liaison vers le bâtiment A	
3.7. approbation du devis estimatif relatif à la séparation du réfectoire à la maison relais « Boudersberg »	
3.8. approbation du devis estimatif relatif à l'ajout de détecteurs d'incendie dans les appartements de la maison sociale et à l'ajout d'une GLT (« Gebäudeleittechnik ») sur la régulation existante	
3.9. approbation du devis remanié relatif à la mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites d'eau	
3.10. approbation du devis remanié relatif à la mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites de gaz	
3.11. approbation du devis remanié relatif à la modernisation des infrastructures LED	
3.12. approbation de décomptes	
3.13. subsides extraordinaires à allouer	
3.14. approbation d'un crédit spécial relatif à la participation aux frais de remplacement de la station de pompage du chalet scouts « LGS » à Boudersberg	
4. Enseignement fondamental	30
Approbation de l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental 2021/2022	
5. Avis à formuler au sujet du « Plan National d'Organisation des Secours – PNOS »	14
6. Office social	47
Approbation de l'avenant à la convention concernant la mise à disposition de logements sociaux	
7. Avis à donner au sujet de la nomination d'un nouveau garde-forestier	51
8. Personnel	52
8.1. création d'un poste de chargé de cours de l'enseignement musical (formation danse) à tâche complète sous le statut du salarié pour les besoins du département administratif, école régionale de musique	

8.2. création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil

8.3. création de deux postes d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil

8.4. création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif pour les besoins du département administratif, service informatique et nouvelles technologies

8.5. création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe technique pour les besoins du département technique, service gestion et maintien du patrimoine, circulation

Séance à huis clos

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval (à l'exception des points numéros 8.4 et 8.5 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang (à l'exception des points numéros 8.1 à 8.3 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – Correspondance

Le conseil communal prend connaissance de la lettre lui adressée par les communes de Bascharage et Pétange pour remercier la Ville de Dudelange pour son support dans le cadre de la tornade du 9 août 2019 qui a frappé sévèrement les deux communes prémentionnées. Monsieur le bourgmestre annonce ensuite les chiffres du compte provisoire de l'exercice 2020, qui laisse apparaître, après report du boni de l'exercice 2019, un boni définitif prévisionnel de quelque 22,8 millions d'euros.

2 – Circulation

Par des votes pris à l'unanimité, le conseil communal approuve les modifications suivantes du règlement général de la circulation :

1. rue Louis Rech : parking avec disque pour véhicules $\leq 3,5t$, excepté camionnettes certains jours et heures aux 4 emplacements devant le Laboratoire National de Santé et stationnement interdit, livraisons devant le Laboratoire National de Santé pendant les jours ouvrables de 07h30 à 11h30 ;
2. parking « Schwaarze Wee » : règlementation d'un emplacement comme emplacement réservé aux personnes à mobilité réduite.

3 – Finances

Toutes les décisions sont approuvées unanimement par le conseil communal :

1. la modification au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général pour fixer les prix de vente des ouvrages suivants : livre « Dudelange – Gësch an haut » 44,- €; livre « La Bibliothèque publique régionale de Dudelange: le Centenaire 1921-2021 » 13,- €.
2. le devis estimatif de 150'000,- € TTC, relatif au réaménagement des alentours de la maison relais « Schwemm », phase 2 ;

3. le devis estimatif de 22'000,- € pour l'installation d'une détection incendie aux ateliers communaux – bâtiment A ;

4. le devis estimatif de 32'000,- € pour le remplacement du chauffage et de la détection gaz au centre d'intervention Dudelange ;

5. le devis estimatif de 85'000,- € relatif au remplacement de la détection incendie à l'école « Brill » ;

6. le devis estimatif de 22'000,- € pour le remplacement de la détection incendie au bâtiment B de l'école « Strutzbiërg » et à la liaison vers le bâtiment A ;

7. le devis estimatif de 25'000,- € relatif à la séparation du réfectoire à la maison relais « Boudersberg » ;

8. le devis estimatif de 19'000,- € pour l'ajout de détecteurs d'incendie dans les appartements de la maison sociale et à l'ajout d'une GLT (« Gebäudeleittechnik ») sur la régulation existante ;

9. le devis remanié de 330'000,- € relatif à la mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites d'eau ;

10. le devis remanié de 280'000,- € relatif à la mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites de gaz ;

11. le devis remanié de 350'000,- € relatif à la modernisation des infrastructures LED de l'éclairage public ;

12. les décomptes suivants : mise sous terre de l'antenne collective (chantiers Post) 538'099,71- €; travaux de réfection (chantiers Post) 1'448'192,15- €; réseau gaz naturel (chantiers Post) 394'685,51- €; réseau eau potable (chantiers Post) 398'993,80- €; éclairage public (chantiers Post) 182'366,93- €; réaménagement de la rue de la Brasserie, rue Dr Welter 1'124'880,63- €; réfection du revêtement mural du gymnase Ribeschpont 15'041,52- €; installation d'un système d'arrosage automatique au stade Jos Nosbaum 55'934,54- €; remplacement des filets de protection au centre sportif René Hartmann – salle Grimler 24'967,80- €

installation de distributeurs d'eau potable destinés au public au centre sportif René Hartmann 14'082,05- €

13. l'allocation des subsides extraordinaires suivants : 30'000,- € à l'a.s.b.l. « Diddeleng Hëlleft » en tant que subvention pour aide au tiers ; 11'500,- € à la Fondation Home Saint Jean en tant que participation aux frais de remplacement de la station de pompage du home à Boudersberg ; 500,- € à l'a.s.b.l. Médecins du Monde en tant que subvention pour assurer la continuité de ses programmes de soins ;

14. le crédit spécial de 11'500,- € pour financer la participation aux frais de remplacement de la station de pompage du chalet scouts « LGS » à Boudersberg.

4 – Enseignement fondamental

Le conseil communal, approuve avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2021/2022.

5 – Plan National d'Organisation des Secours – PNOS

Par sa circulaire du 1er mars 2021, Madame la Ministre de l'Intérieur a saisi les communes en leur avis relatif au projet d'un plan national d'organisation des secours (PNOS), qui a été élaboré par le ministère de l'Intérieur avec le concours du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS). Le PNOS dresse l'inventaire des risques de toute nature pour la sécurité des personnes et des biens auxquels doivent faire face les secours et détermine les objectifs de couverture de ces risques par ceux-ci. Il s'agit plus précisément d'un programme directeur pour le CGDIS qui fixe les ambitions de ce dernier, en définissant les niveaux de couverture des opérations de secours souhaités pour le pays. Le PNOS constitue aussi la continuité dynamique de la réforme des services de secours, toujours sollicité d'avantage. Le but du PNOS est d'établir un relevé des moyens et des efforts nécessaires pour garantir à tous une aide en moins de 15 minutes. Après délibération, le conseil communal émet à l'unanimité l'avis favorable suivant relatif au PNOS, toute en remarquant que la réforme des services de secours par la création du CGDIS a permis de disposer d'une structure unique permettant une gestion intégrée, efficace et efficiente de tous les aspects concernant l'organisation des services de secours. Le conseil constate aussi que la finalité de garantir des secours endéans 15 minutes pour 90 à 95% des opérations pour chaque point du territoire national est loin d'être atteinte et que le maillage des infrastructures, le

volume du charroi et le renforcement en personnel professionnel doivent être améliorés et poursuivis. De ce fait, le conseil communal avise aussi favorablement le programme de recrutement et d'investissement fixés par le PNOS jusqu'à 2025. Il est donc nécessaire de poursuivre la professionnalisation du personnel du CGDIS tout en soulignant les efforts entrepris depuis de nombreuses années pour recruter et former des volontaires et les maintenir en activité dans le CIS Dudelage comme pompiers volontaires. Ce double effort permettra de ne pas miser sur une unique et seule professionnalisation alors que les pompiers volontaires demeurent un pilier important du modèle de sécurité civile du Grand-Duché de Luxembourg. Finalement, le conseil communal de la Ville de Dudelage félicite l'ensemble du personnel volontaire et professionnel du CGDIS pour son engagement quotidien exemplaire au service des citoyens et de leur sécurité.

6 – Office social

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention passée entre le collège des bourgmestre et échevins et l'Office social de la Ville de Dudelage au sujet de la mise à disposition de logements sociaux.

7 – Avis à donner au sujet de la nomination d'un nouveau garde-forestier

Conformément aux dispositions légales réglant la matière, le conseil communal a été saisi par l'Administration de la nature et des forêts en son avis relatif à la nomination d'un nouveau garde-forestier comme suite au départ en pension de Monsieur Guy Netgen. Le conseil communal avise favorablement la nomination de Monsieur Guy Rassel au poste de préposé de la nature et des forêts (garde-forestier) du triage de Dudelage.

8 – Personnel

Les décisions suivantes, relatives au personnel communal, sont prises à l'unanimité :

1. la création d'un poste de chargé de cours de l'enseignement musical (formation danse) à tâche complète sous le statut du salarié pour les besoins du département administratif, école régionale de musique ;
2. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil ;
3. la création de deux postes d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-

groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du département administratif, service éducation et accueil ;

4. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif pour les besoins du département administratif, service informatique et nouvelles technologies, service scan ;

5. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe technique pour les besoins du département technique, service gestion et maintien du patrimoine, circulation.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos

Fin de la séance vers 12.30 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 04.06.2021

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den éischte Punkt ënnert Korrespondenz, do hutt der engersäits jo de Courier gehat vun der Gemeng Péiteng an der Gemeng Käerjeng, wat e bëssen de Bilan ass vun den Donen, déi se kritt hu par Rapport zum Tornado. Do wollt mer och all den Donateure Merci soen. Well mir jo hei am Gemengerot och en Don, e Subsid gestëmmt haten, wollt mir lech dee Courier awer och zoukomme loossen.

Wann d'Kollegen elo näischt hunn, da géif ech vläicht op ee Punkt agoen an dat ass de provisoiresche Kont vum Joer 2020. Dat kéint vläicht interesséieren, well 2020 jo e bëssen e méi turbulent Joer war, och wat d'Finanzen ugeet. Dat bewierkt duerch d'Pandemie, souwuel um nationale Plang wéi um lokale Plang. De provisoiresche Kont vun 2020 ass jo och en Phase mam Compte général beim Staat, dee jo och déposiert gouf. Hei beim provisoiresche Kont fir d'Joer 2020, do kann ech soen – à ce stade – sou wéi och de Pascal Poull aus der Compta mer et opgeléicht huet och mam Bib Loos zesummen um Niveau vun eiser Recette, mat eise Receveur.

Um Niveau vun de Recetten, am ordinaire Beräich, hate mer ronn 97,8 Milliounen Euro a bei den Depensen hate mer 81,3 Milliounen Euro, dat géif eis e Boni maache vu gutt 16,4 Milliounen Euro. Wa mer an den Extraordinaire ginn, da hu mer do Recettë vu 4,2 Milliounen Euro, Depensen am Extraordinaire vu gutt 29 Milliounen Euro, dofir hu mer dann och e Mali vu 74,7 Milliounen Euro. Wa mer nach de Kont huele vum Joer 2019, dee mer mat eriwuerhuelen, dat sinn 31,1 Milliounen Euro, wa mer dann déi Additiounen a Soustraktiounen maachen, wéi mir dat gewinnt sinn um Niveau vum Gemegebudget, da komme mer op en definitive Boni vun 22.856.021.- Euro fir de Compte provisoire 2020.

Wann een dat vergläicht mam Budget initial 2020, wéi mer den Enn 2019 hei gestëmmt hunn, a wou d'Pandemie nach net virun der Dir war. Do hate mer en definitive Boni vun 3,1. Am Rectifié hate mer 9,4 ageschriwwen, sou dass mer hei eng gutt Ausgangspositioun hu fir d'Joer 2021, well iergend eng Kéier kënnt jo dann och de Rectifié vum Joer 2021.

Verschiede Recetten an Depensen hu mer manner, well verschidde Services och zou waren. Well och d'Crèchen an d'Maison Relais zou waren hate mer och eng ganz Rei Depensë manner, well manner agestallt gouf, well manner Manifestatiounen waren, d'Restauration scolaire... Dat waren alleguerte Punkten, déi dozou gefouert hunn – bon nief dem Extraordinaire, well de Bausecteur jo och zou war, war dann och en Impakt huet.

Wéi gesot, en definitive Boni vun 22,8 Milliounen Euro, déi mer eriwuerhuelen op d'Joer 2021. An dann ass jo nach ze kucken, en cours de Route. Am Joer 2021 hate mer jo festgehalten, dass mer op d'Reservë géifen zrëckgräifen, respektiv en Emprunt maachen. Do kucke mer nach en cours de route, wéini mer wat zéien, ob mer iwwerhaupt en Emprunt zéien oder éischter un d'Reservë ginn. Dat wäert sech nach am Laf vum Hierscht dekantéieren. Do hu mer also awer nach besser ofgeschnidde wéi geplangt.

2. CIRCULATIION

2.1. Modifikatiounen zum geännerten Allgemeine Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 – Rue Louis Rech

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. De Staatslabo, den LNS, den ass un eis erugetrueden, fir kënnen d'Liwwerplaz virum Staatslabo ewechzehuelen a se duerch Parkplaze fir hir Patienten ze ersetzen. An den LNS ass higaangen an huet d'Liwwerplaz hannert dem Labo, op hirem privaten Terrain gemaach. A fir datt se dat kënne maachen, well dat eeben am Domaine public ass, musse mer hei e Verkéiersreglement stëmmen, fir datt déi Liwwerplaz, déi se lo hunn an déi se lo hannenaus gemaach hunn, datt déi kann duerch véier Parkplazen ersat ginn. A vu datt dat hir Demande ass, géif ech lech och bieden, dat sou ze stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou?



CLAUDE MARTINI (CSV): Firwat gi mer op den Disk iwwer op där Plaz hei? Firwat maache mer keng sou Pottoe wéi am Duerf? Well ech mengen déi mannste Leit hunn haut nach sou en Disk am Auto leien.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also et ass esou, eigentlech hätte mer missen en Horodateur dohinner maachen. An Dir wësst jo, wat en Horodateur kascht. An du hu mer mat hinne gekuckt, ob dat dote fir si och OK wier, a fir si ass dat OK. Et kann een allerdéngs och iergend eng Kéier higoen, a sou ee Potto maachen, mee och dee Potto, deen huet e gewëssene Präis. Dofir wollte mer lo mol dat dote probéieren, fir datt et net soll an d'Käschte schloen. Wa mer lo wierklech sollte gesinn, et géif eng Diskussioun ginn oder si géife sech bei eis mellen, da kënne mer nach ëmmer op deen anere Wee goen. Entweder den Horodateur oder dee Potto. Mee wéi gesot, alles dat gëtt et net zum Nulltarif a mir mussen dat bezuelen an net si.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dat ass lo déi eenzeg Plaz, wou mer mam Disk kënne bezuelen zu Diddeleng, also den Disk benotzen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, genau.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

2.2. Modifikatiounen zum geännerten Allgemenge Verkéiersreglement vum 13. Juli 2018 – Handicapéierteparkplaz um Parking „Schwaarze Wee“

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Hei geht et em eng Handicapéierteparkplaz. Dir wësst, datt lo eng Zäit laang de Parking an der Rue du Commerce net wäert accessibel si wéinst dem Chantier Shared Space – Phas 3. An domat géifen och Handicapéierteparkplazen ewechfalen. An dofir géife mer lech virschloen, datt mer eng géifen am Schwaarze Wee bäimaachen. Wuelgemierkt awer datt déi Parkplaz am Schwaarze Wee och géif bestoe bleiwen, nodeem de Parking Rue du Commerce rëm op wier. Mir hätten also dann zum Schluss eng Parkplaz méi. An ech profitéieren och nach eng Kéier dovun, fir dat ze soen. Ech soen dat all Kéier, wa mer driwwer schwätzen: wa lo iergendwou nach engem afält, wou mer nach

eng kënne maachen, wou eng feelt, da soll e sech gäre bei mir oder beim Service Circulation mellen. Dir gesitt, et ass u sech net ganz vill Aarbecht, fir e Verkéiersreglement ze maachen an domat dat ze realiséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärungen Claudia. Froen dozou? Remarken? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass heimat averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. Dann hätte mer de Volet Circulation ofgeschloss a géifen eriwergoen op d'Gemegefinanzen.

3. GEMEGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vun der Modifikatioun am Kapitel XXVIII – Verkaf vun Imprimeeën, kommunalen Audio- a Videodokumenten – vum allgemengen Taxereglement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do geet et em en Taxereglement. Ëm zwee Diddelenger Bicher: „Diddeleng gësch an haut“ an déi rezent Publikatioun iwwer d'Regionalbibliothék am Kader vum Centenaire. D'Buch „Diddeleng gësch an haut“ ass fir 44.- Euro an der Vente a Regionalbibliothék 13.- Euro. Dir kënnt lech erënneren, dass mer hei zwee Präisser gestëmmt haten am Taxereglement.

Dat éischt war, wa mir et verkafen, dat anert ass fir de Prix Revendeur. Dat war jo fir „Diddeleng gësch an haut“ 36.- Euro a fir d'Regionalbibliothék 13.- Euro. Do hu mer vum Interieur matgedeelt kritt, dass mer just en eenheetleche Präis dierfe stëmmen. Dat heescht, dass mir och kee Benefice an deem Sënn dierfe maachen. Mir hunn dann déi Remark vum Interieur mat opgeholl, an dofir proposéiere mir hei, dat ze rektifiéieren, andeems mer déi heite Reglementer zu engem eenheetleche Präis stëmmen, ugeleent un dee Präis, zu deem mer et och als Gemeng verkafen. Dat war d'Erklärung dozou.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer zum zweete Punkt iwwergoen. Do géif ech proposéieren, en zréckzesetzen, well d'Madame Weier, déi nach e sanitären Termin huet, dee se haut de Moien ëm 8:00 muss wouehuelen, nach um Wee fir heihinner ass. Dofir géif ech proposéieren, dass mir dee Punkt nohuelen, soubal si hei ass a lo mam Punkt 3.3. weiderfuere.

3.3. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installatioun vun enger Détection Incendie an de Gemengenatelieren, Gebai A

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An de Punkt 3.3., dat ass d'Détection Incendie an den Ateliers communaux am Bâtiment A um Strutzbierg. Dat sinn 22.000.- Euro, dee musse mer frëschmaache fir dat och rëm besser kënnen ze geréieren. Do gëtt eng nei Détection Incendie agebaut, an déi gëtt natierlech och mat de Vestiaire verbonnen, sou dass mer do, wat d'Mise en Sécurité ugeet, up to date sinn. Ass deen Devis fir de Gemengerot OK? Kënne mer deen dann och ofstëmmen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

3.4. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vum Chauffage a vun der Detektioun Gas am Centre d'Intervention Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer bei deen nächste Punkt. Dat ass och eng Detektioun, awer dës Kéier de Gas. Remplacement vum Chauffage an der Detektioun Gas an eise Centre d'Intervention. Dat sinn 32.000.- Euro. Do ass beim leschten Entretien opgefall, dass eis Chaudière um Enn ass. Dofir muss se ersat ginn. An do bleiwe mer beim Gas, mir huele lo eng Kondenschaudière a wäerten dann och do beim Verbrauch aspieren, an dofir maache mir deen heite Remplacement. Ass d'Gemeng och mat dësem Devis averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Détection Incendie an der „Brill“-Schoul

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da fuere mer weider mat der Securisation. 85.000.- Euro fir d'Détection Incendie an der Briller Schoul. Déi fonctionéiert zwar, mee

se ass an engem ganz schlechten Zoustand. An eisen Techniker war der Meenung, dass mer déi ersetze mussen. Et ass jo sou budgetiséiert, an dofir och hei den Devis estimatif an der Héicht vu 85.000.- Euro. Et ass e bësse méi deier, well et jo och eng grouss Schoul ass. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.6. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Détection Incendie am Gebai B vun der Schoul Strutzbierg an d'Liaison bei d'Gebai A

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer weiderfuere, a mir géifen op de Strutzbierg kommen. Och do Remplacement vun der Détection Incendie mat enger Liaison mam Schoulgebai A. Wéi gesot 22.000.- Euro, also e Lien tëschent Schoulgebai B an A. Och do gëtt se ersat, well se e gewëssenen Alter huet a mir verbannen déi zwee Gebaier mateneen, wat natierlech och den Advantage huet, dass eise Concierge bei der Iwwerwaachung ëmmer direkt up to date ass, a wéi enger Situatioun mer an deene jeeweilege Gebaier sinn. An dat schléit da mat 22.000.- Euro zu Buch. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? Oder ass eng Fro?

JOS THILL (DÉI LÉNK): Jo eng Fro, wat heescht hei „Liaison concrète“? Datt déi zwee Detektiounssystemer mateneen verbonne sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Genau. Dass een dat dann och direkt iwwert den Tableau iwwerwaache kann an direkt weess, wou d'Situatioun drun ass. An dat erliichtert dann d'Aarbecht fir de Concierge. Dat ass ganz genau dat. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.7. Approbatioun vum Devis estimatif fir eng Separatioun vum Refectoire an der Maison Relais „Butschebuerg“.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An dann den nächste Punkt, dat ass eng Separatioun vum Refectoire an der Maison Relais Butschebuerg. Och dat musse mer maachen, well dat eng Virgab ass vun der Fonction publique, wou mer och e Rapport kritt hunn. Dat schléit mat 25.000.- Euro zu Buch. Do musse mer am Refectoire eng Trennung maachen tëschent der Kichen an dem eigentleche Refectoire, wou d'Kanner iessen. Am Kader vun enger reegelmëssiger Visitt, déi d'Fonction publique mécht ass déi

nei Dispositioun opgehol ginn. An do wëlle mer norüsten, fir dann och konform ze sinn am Alldag.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Hu mer dann nach Schoulen, wou dat eng Kéier muss gemaach ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): A ce Stade net. Vlächtt kann d'Josiane eng Kéier drop agoen, mee souwäit ech weess, à ce Stade net.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Normalerweis gëtt jo am Sall wou giess gëtt, net gespullt. An dat dote war bis elo keng Obligatioun. Och de MENJE mécht seng Visite fir den Agreement, an do krute mer ganz kloer gesot: „Dir musst dat trennen“. Dat heescht, et dierf net méi do gespullt ginn, wou dann och giess gëtt. Mee dat ass awer nëmmen zu Butschebuerg de Fall. Déi aner Maison Relais si jo gutt an der Rei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot och heimat averstannen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir Feiemelder an den Appartementer vun der Maison sociale unzebréngen an den Ajout vu GLT - Gebäuleittechnik fir déi besteeënd Regulatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer weider a mir bleiwe bei der Sekurisatioun a mir gi riwwer bei d'Maison sociale. Do geet et éischter ëm Detektoren. 2019 gouf jo e Gesetz gestëmmt, wou een da muss norüsten an deenen Zëmmeren als Privatpersoun, awer och als ëffentlechen Dréier. Hei ass jo de Fall, dass mer Chambres meubléeën hunn, da musse mer do en Detektor installéieren. An dat maache mer. An och bei der Regulatioun, déi mer hunn, maache mer e GLT, dat ass am Fong e Leitsystem fir dat dann och kënnen opzeruffen an ze steieren. An dat schléit da mat 19.000.- Euro zu Buch. Ass de Gemengerot och domadder averstannen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.9. + 3.10. Approbatioun vum Devis remanié fir d'Mise à disposition vun externen Ekippe fir Waasser- a Gasleitungen ze leeën

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer weider bei den Devis remanié. Zweek Stéck. Engersäits fir de Kanal, fir d'Waasser. An ee fir de Gas, fir eis Equipe externe. Ech gi fir d'éischt dee mam Waasserreseau un. Et ass

jo sou, dass mer do 2017 en Devis gestëmmt hu vun 120.000.- Euro an dass mer hei lo en Devis remanié presentéiere vun 330.000.- Euro. Wéi gesot, 300.000.- Euro fir d'Joer 2017 - 2021 an nach eng Kéier 30.000.- Euro fir d'Joer 2022. Bon, mir hu jo déi Ekippe externen. Dat sinn alleguer déi Ekippen, déi och dobaussen nieft eise Servicer och d'Waasserreseauen leeën. A fir de Gas, do ass dee selwechte Prinzip, dass mer och extern Ekippen oder Firmaen hunn, déi de Gasreseau leeën. Do hu mer en Devis remanié vun 280.000.- Euro.

Do hate mer jo eng Kéier redresséiert an do hat Dir eng Deliberatioun nageschéckt kritt, well do eng Erreur matérielle war. Do waren 120.000.- Euro 2017 am Devis, dee mer gestëmmt hunn. Lo den Devis remanié vun 280.000.- Euro. 250.000.- Euro vun 2017 bis 2021 an 30.000.- Euro fir de Budget 2022. Fir dat dann am Budget och sou ze vermieren.

Och dat sinn extern Firmen, déi déi dote Reseae leeën, well eis Ekippe vum Gas- a Waasserwierk, déi si jo verstärkt am Asaz bei de Leit doheem, bei den Haushalter, fir och d'Compteuren opzehänken. Souwuel déi nei Waassercompteuren, wéi och déi nei Gascompteuren. Bei de Gascompteuren si mer jo och an enger legaler Obligatioun. Bis Enn des Jores 2021 musse jo déi Smart-Meteren hängen. An den Ament sinn hei zu Diddeleng schon 91% vun den Haushalter iwwer Smart-Meter scho couvréiert. Also et bleiwen nach 9%, mir hunn nach bis Enn des Jores. Mir leien also am Timing ganz gutt.

A fir déi Compteuren vum Waasser kënnen weider opzehänken, do si mer bei ronn 20%, do hunn eis Ekippen nach Aarbecht. Mee d'Prioritéit läit beim Gas, well do eng legal Obligatioun ass, dat ass beim Waasser net. Dofir wäerte mer nach eng Kéier verstärkt an d'Ekippen investéieren, déi dobaussen am Asaz sinn, fir dass eis Leit déi Zäit hunn, fir kënnen déi dote Compteuren opzehänken. Dofir hu mir hei deen Devis remanié gemaach, fir deenen doten Obligatiounen kënnen sou gutt wéi méiglech nozekommen, vis-à-vis vun den Diddelenger Haushalter. Dat also zur Erklärung.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat heescht jo dann indirekt, dass ab 2022 eis Ekippen dat alles rëm kënnen selwer maachen a mir déi extern Ekippen net méi brauchen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, ech denken dass mir déi extern Ekippen dann net méi brauchen. Beim Gas, do bleiwe jo nach just 9%, do si mer sou gutt wéi zum Schluss

ukomm. An da muss een nach kucken: 2021 an och deelweis nach 2022, wou mer e bëssen eppes verbucht hunn, dass mer am Laf vun 2022 ... bon, dertëschent ass de Covid komm, dofir ass een och net sou schnell virukomm, wéi mer gemengt haten. Well och dat hat en Impakt drop, fir bei d'Leit heem ze kommen. Dofir wollt mer hei nach eng Kéier en Devis remanié maachen, fir dass mer dat sou séier wéi méiglech iwwert d'Bün kréie mat allen néidege Protektiounen, déi d'Ekippen, respektiv och eis Leit brauchen, wa se an d'Haushalter ginn. Mee et ass am Fong geduecht, dass mer 2022 fäerdeg ginn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et ass awer net, dass et e Problem wier, dass eis Ekippen dat net kéinten, et ass just, dass se de Moment iwwerlaascht si mat deem aneren, an dass dofir déi extern Ekippe mussen asprangen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Absolut.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Da géif och nees de Punkt kommen, wou mer ouni si géifen eens ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Eis Ekip vum Gas- a Waasserwierk déi kéint, an deem legalen Timing, dee mer hunn, net gläichzäiteg op deene Projekte schaffe, wou mer Kanal wiesselen, Waasserkanal wiesselen, Waasser, Ofwaasser, Gasdistributioun an och nach dat doten an den Haushalter maachen, dat géife se net packen. Dofir hu mer 2017 jo de Choix geholl, fir op extern Firmen zrëckzegräifen. Fir dass déi am Déifbau tätég sinn an eis Leit da geziilt kënnen an den Haushalter agesat ginn, wou se sech dann och all Kéiers identifizéieren.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Op deene Punkten 3.9, 3.10, 3.11, do sinn d'Augmentatiounen vun de Budgete, also vum Devis par Rapport zum ...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kommt mer bleiwe vläicht bei 3.9 an 3.10. Bei 3.11 wëll ech elo net drop agoen, well ech dat nach net exposéiert hunn. Wann Der wëllt, dann haalt lech Är Remarque fir 3.11., mir ginn dann op den 3.9. an 3.10. an.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Et ass déi selwecht Fro. Also déi nei Devisen, déi mer lo virleien hunn, par Rapport zu 2017 sinn dat jo ganz substantiell Erhéijungen. Bei deem engen ass et 3 Mol sou vill, bei deem anere 2,5 Mol sou vill. Erkläert dat sech doduerch dass de Stonnentarif eropgaangen ass oder sinn et einfach vill méi Stonnen, well vill méi

Aarbechte gemaach ginn? Dat wär eis Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An d'Äntwert geet da bei der éischter Fro op den zweeten Deel, well mer effektiv méi Stonnen hunn, well mer méi Projeten hunn a si och méi am Asaz sinn. Et ass och e bëssen de Spigel vun deene Projeten, déi mer an deene leschte Joren hei am Gemengerot gestëmmt hunn am Déifbau, an dat huet dann natierlech och en Impakt op déi extern Ekippen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci. Ech wollt just froen: Wann dat lo alles installéiert ass, da brauche jo u sech och eis Ekippe beim Gas a Waasser, beim Elektresch ass et jo souwisou schonn, déi brauche jo dann och net méi ofliesen ze goen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass richtig. Dofir sinn déi Smart-Meter do, fir dass een net méi brauch ofliesen ze goen. Do kann dann à Distance ofgelies gi säitens vun der Gemeng, an eis Leit kënnen dann op eisen anere Projeten, wat d'Modernisatioun vun de Stroosseninfrastrukturen ass, rëm an den Asaz goen. Soss nach weider Remarken, Froen? Neen. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert den Devis remanié vun den Equipes externes, wat eis Waasserconduitten ugeet, géifen ofstëmmen.

Wien ass domadder averstane mat deem Devis remanié? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An dat selwecht gëllt fir eis Gasconduitten. Wien ass mat deem Devis remanié averstane? **Och dat ass unanime.** Och do soen ech lech da villmools Merci.

3.11. Approbatioun vum Devis remanié fir d'Modernisatioun vun den LED-Infrastrukturen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op de Punkt 3.11, dat ass och Modernisatioun vun eise Strukturen, vun de Stroosseluuchten, wou mer jo méi an den LED ginn. Och do hate mer 2017 en Devis gestëmmt vun 250.000.- Euro. Hei hu mer en Devis remanié vun 350.000.- Euro. Do ass eng Erhéijung vun 100.000.- Euro, well mer och systematesch eis Stroosseluuchte moderniséieren, déi dann och natierlech méi energieschounend ginn. Dass mer och do norüsten, wou z.B. Chantiere vun der Post sinn. Wann et sech ergëtt, huele mir dat och mat, nieft deene Stroossebauprojeten, déi mir jo och selwer hunn. An do goufen 2017 bis 2021 eng ganz Rei Quartieren a Stroosse gemaach. Am ganze leie mer bei 200 Stroosseluuchten, déi

moderniséiert goufen iwwert den LED an Diddeleng. Do gouf ganz vill Aarbecht gelescht an dofir hei och den Devis remanié.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Wéi vill ass dat dann ongeféier, déi 200 Luuchten? Ass dat d'Hallschent oder dräi Véierels? Sou ongeféier, fir dass een sech dat ka virstellen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Oh, ech mengen, dass mer mol nach net op der Hallschent sinn. Wann een dat konsequent duerchzitt, an dat war jo e bëssen eis Prioritéit. Ursprénglech sollt de Projet jo nëmmen do gemaach gi wou Chantiers si vun der Post. Mir sinn awer och op anere Plazen, wou et wierklech noutwenneg war, wou och méi al Stroosseluuchte sinn, higaangen an hunn déi ersat. Mir probéieren do zweegleiseg ze fueren. Här Gangler:

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mir ware mol eng Kéier do uewen, wou déi Start-Uppe sinn. Do war eng, déi huet Stroosseluuchte mat LED, presentéiert, déi z.B. ageschalt hu wann een an d'Géigend komm ass an ausgeschalt hu wann een net an d'Géigend komm ass. Déi och mat engem System mat Kamera virgesi waren, wat d'Sécherheet géif erophiewen. Ech wollt just nofroen: Hutt Dir do nach eng Kéier e Feedback kritt, wat aus deem Projet ginn ass? Hätt deen iergend eng Kéier fir eis hei kënnen interessant ginn? Oder fuere mer de Moment einfach standardméisseg mat deenen normalen LEDe virun?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Fro. Dat ass eng ganz interessant Fro, Merci dass Dir se gestallt hutt. Mir fueren zweegleiseg. Mir hunn engersäits déi Standard-LED-Luuchten, déi um Marché sinn. A mir ënnerstëtzen awer och déi Diddelenger Start-Up. Et sinn eng ganz Rei Stroossen, déi mat deem doten Dispositif ausgestatt goufen, notament wann Der kuckt am Quartier Italien, Reitesch Kopp, respektiv och an anere Quartieren. Also mir fueren do zweegleiseg. D'Iddi war jo och, déi Start-Up, do wou mer kënnen, ze ënnerstëtzen. An et ass jo WeThink, fir se net ze nennen, do hu mir mat hinnen zesumme geschafft.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Allgemeng eng Fro: Hutt Dir als Gemeng wëlles, wierklech alleguerten d'Luuchten op LED ze wiesselen? An déi aner Fro ass: Hutt Dir och de Choix fir d'Faarwum LED kënnen auszesichen? Well perséinlech fannen ech dat immens flott, dass mir LED hunn. Mee bei verschidde Stroosse fannen ech déi Luucht immens wäiss, wat immens kal wierkt .

A bei LED-Luuchte kann ee vläicht méi e waarmt Wäiss eraussichen, wat dann och de Stroosse méi e waarme Cachet géif zrëckginn. Well déi al Luuchten, dat sinn da sou déi giel Luuchten, wat u sech eng flott Ambiance mécht. An ech fannen déi wäiss LEDen e bëssi ze vill grell. Ech well einfach den Ustouss ginn, wann Der kéint déi Faarf, déi Temperatur vun der Luucht eraussichen, fir dann op e bëssi méi waarm Téin ze goen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Remark a Fro. Bon, par Rapport zu där éischer Fro: Systematesch, wa mer Stroossen erneieren, wäerten d'office LED-Luuchte kommen. Dat ass schonn eppes, wat mer konkret upeilen. Dat par Rapport zu der éischer Fro. Par Rapport zu der zweeter Fro, bon, dat ass eng méi technesch Fro, déi kann ech ganz gären un eis Servicer weiderginn. Natierlech ass et awer och ëmmer en Aspekt vun der Sécherheet. Et kann engem vläicht net gefallen, wann et ze hell ass. Mee de Virdeel ass, wann et méi hell ass, dat gëtt awer fir den User op der Voie publique, egal ob en elo Autofuerer ass oder Vëlofuerer oder Foussgänger ass, duerch eng Hellegheet, déi een huet, awer eng aner Sécherheet, wéi wann et méi „tamiséiert“ ass. Mee ech kann déi dote Fro ganz gäre mathuelen un eis Servicer.

Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da soen ech lech villmools Merci fir d'Diskussioun an da géif ech virschloen, dass mer iwwert deenen Devis remanié ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.12. Approbatioun vun den Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer iwwer op d'Dekonten. Dat sinn der gutt 10 Stéck. Dat huet virun allem mat enger ganzer Rei Chantiers vun der Post ze dinn, déi maache gutt 50% vun den Dekonten aus, déi Dir virleien hutt. Dat éischt ass eng, wat eis Kollektivantennen ugeet. Do hate mer en Devis vun 645.000.- Euro, Depense effective: 538.099,71.- Euro. Dat zitt sech vun 2014 bis 2020. Dann déi ganz Rei Refektiounen vun de Stroossen am Kader vun de Projekte vun der Post. Dat war en Devis, deen approvéiert gouf vun 1,6 Milliounen Euro. D'Depense effective: 1.548.192,15.- Euro. Och dat zitt sech vun 2015 bis 2020. Dann de Gasreseau, och rëm en Lien mat de Chantiers vun der Post. Den Devis mat 500.000.- Euro gestëmmt, d'Depense effective: 394.683,51.- Euro an dat och iwwert



Mir iwwerhuele jo traditionell ëmmer bei sou Infrastruktuurinvestier 50%. An dann hu mer nach 500.- Euro fir d'Médecins du Monde. Dat sinn déi dräi Subsiden, déi hei virleien.

Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? Oder si Froen dozou? Da kënnen mer ofstëmmen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.14. Approbatioun vun engem Crédit spécial fir d'Participation aux frais fir de Remplacement vun der Pompstation am Scoutschalet „LGS“ zu Butschebuerg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da musse mer, vu que dass mer hei e Subside extraordinaire hunn, an déi Suen net virgesinn haten, wat d'Fondation St. Jean ugeet, hei nach e Crédit spécial stëmme loosse vun 11.500.- Euro, fir dass mer dann och budgetär korrekt sinn. Ass de Gemengerot och mat deem Crédit spécial averstanen? **Dat ass unanime.** An da soe mir lech och do villmools Merci.

5. AVIS PAR RAPPORT ZUM „PLAN NATIONAL D'ORGANISATION DES SECOURS - PNOS“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op de Punkt 5 iwwergoen. An dat ass dann den Avis, dee mer als Gemeng formuléieren, par Rapport zum PNOS. Et ass jo sou, dass mer d'Circulaire den 1. Mäerz kritt hunn an dass mer bis de Juni als Gemeng kënnen en Avis ofginn – et ass jo keng Obligatioun – et sinn eng Rei vu Gemengen, déi en Avis ofginn hunn, anerer guer net. Wéi gesot, et ass jo keng legal Obligatioun. Mee vu dass mir als véiertgréisst Stad awer e Centre d'Intervention hei zu Diddeleng hunn an de PNOS awer e Bestanddeel ass vum Gesetz iwwer den neie CGDIS, ass et awer och wichteg, hei deen Avis ze verabschieden, respektiv ze presentéieren.

2018 gouf jo d'Gesetz gestëmmt, dat de CGDIS an d'Liewe rëfft, wat jo och zu enger Professionalisatioun vun der ziviller Sécherheet bäidréit, souwuel ronderëm den Incendie wéi ronderëm dat ganz Ambulanzewiesen. Mir wëssen alleguer, dass säit deem Gesetz och ganz vill geschitt ass an d'Situatioun ronderëm d'zivil Sécherheet sech och daitlech verbessert huet. An de PNOS, Dir hutt dat Dokument virun enger ganzer Rei Méint zougestallt kritt, an et ass dës Kéier och als Partie intégrante beim Gemengerot um Ordre du

d'Joren 2016 bis 2020. Dann de Waasserreseau. Den Devis 500.000.- Euro. D'Depense effective 398.993,80.- Euro. Och dat am Zäitraum 2016 bis 2020. Da komme mer op d'Modernisatioun vun der Stroosseninfrastruktur. Dat war de Reamenagement vun der Rue de la Brasserie an der Rue Dr. Welter. Den Devis, dee gestëmmt gouf, dat war 1.190.000.- Euro an d'Depense effective 1.124.880,63.- Euro. Dat war virun allem an de Joren 2019 an deelweis 2020.

Da komme mer op de Gymnase Ribeschpont. Do war de Revêtement mural, dee frëschgemaach gouf. Dat waren 18.000.- Euro, d'Depense effective 15.041,52.- Euro. Da war eis Sportinfrastruktur um Stade Nosbaum. Do hu mer eng Anlag installéiert, fir automatesch de Wuesze netzen. Dat war en Devis vu 60.000.- Euro. D'Depense effective war 55.934,54.- Euro. Am Centre Sportif René Hartmann, do sinn d'Filets de protection ersat, dat war virun allem am Grimler. Dat war 25.000.- Euro den Devis an d'Depense effective 24.967,80.- Euro. A mir bleiwe beim Centre Sportif René Hartmann. Do hate mer och Waasserspender fir de Public. Dat war en Devis vu 15.000.- Euro an d'Depense effective 14.082,05.- Euro.

Voilà, dat zu deenen 10 Dekonten, déi Dir hei virleien hutt. Ass dat fir de Gemengerot sou OK? Remarken? Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat deenen 10 Dekonten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.13. Extraordinair Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech weiderfuere mat Subsiden. Do hu mer engersäits de Subsid, deen de Gemengerot all Joer vergëtt un d'Asbl „Diddeleng hëlleft“. Dat sinn 30.000.- Euro. Dann hutt Dir an Ärem Courier och e Subsid extraordinaire fir d'Fondation Home St. Jean vun 11.500.- Euro. Dat sinn am Fong, nieft dem Subsid, deen de Ministère ginn huet, 50% vun där Mise, déi nach bleiwen.

Jour. Et ass dat Dokument, wat d'Zilsetzungen definéiert, ob déi de CGDIS hischaffe soll. Et sinn am Fong déi grouss Orientatiounen. Et ass och als Programme directeur ze gesinn. Et ass sécherlech e laangwierege Prozess, wann een och dat Dokument duerchkuckt, wou de CGDIS wëll histeieren. Mee am Fong ass de PNOS jo e wichtige Bausteen, dee geliiwert gëtt, respektiv och liiwert. Am Englesche géif ee soen, et ass eng Aart „Roadmap“. An et ass net onwichtig, well zënterhier och d'Ziel vun den Interventiounen – dat gesäit een an der Statistik – vum CGDIS landeswäit zougeholl hunn.

Dat ass natierlech och eng Noutwendegkeet, well Lëtzebuerg sech demographesch weiderentwéckelt, dat mierke mer am Alldag. Well d'Altersstruktur jo och ännert, wat och en Impakt huet op d'Interventiounen. Well duerch d'Weiderentwécklung vun eisem Land d'Infrastrukturen an och déi wirtschaftlech Aktivitéite sech weiderentwéckelen. Et ass also e Ganzt. An de CGDIS muss do och zimmlech flexibel bleiwen, fir deem kënne standzehalen. An dofir muss e sech weider gutt opstellen. An dat war och d'Wichtigkeet vum Gesetz vun 2018, fir een eenzege Corps ze hunn, deem adequat äntwere kann op déi verschidde Situatiounen, an och asezbar ass.

An d'Zilsetzung vum PNOS ass jo, am Noutfall a 15 Minutten op der Plaz ze sinn an dat am ganze Land. An iwwert deem dote Wee eng Couverture kënnen ze garantéiere vun 90-95%. 100% ass sécherlech ni méiglech. Mee dat ass dat Ziel, dat de PNOS sech hei gëtt. An dat bedeit natierlech och, dass nieft dem organisationelle Volet awer och den operationellen an infrastrukturellen Deel ganz wichtig sinn. Awer och e finanziellen Invest, wou jo Gemeng a Staat sech deelen, 50/50 vun de Käschten. Zivil Sécherheet gëtt et natierlech net zum Nulltarif. Mee op där anerer Säit ass et awer och wichtig, d'Finanzen am A ze behalen. An et ass hei net anescht wéi bei anere Projeten, déi souwuel de Staat wéi d'Gemengen hunn. An awer bleift et wichtig, dass een zu jidder Zäit schnell an adequat op déi ënnerschiddlechste Situatiounen reagéiere kann. An ech mengen dass dat och kee Luxus ass, well an deene dote Situatiounen all Minutt zielt.

An et ass och dofir ganz wichtig, well mir alleguer hei banne wëssen, wéi prekär eenzel Situatiounen an der Vergaangenheet waren, well deelweis net genuch Leit do waren. An duerch déi dote Reform vun 2018 ass d'Situatioun awer elo anescht.

An dofir ass bei der Reform och de Volet vun der Professionaliséierung konsequent virugedriwwen.

Mee, op där anerer Säit, dat war jo och virun der Reform e ganz wichtige Bestanddeel – alles wat d'Benevolat ugeet, déi fräiwëlleg Leit aus dem CGDIS. Och dat bleift en extrem wichtige Pilier, dee sécherlech net ze vernoléisseggen ass an deem och Partie integrante ass vun der Strategie. Well och si als Benevollen hunn och nieft de Professionelle Respekt an Unerkennung verdéngt. An dat gëllt natierlech och, wann ee wëllt Jonker rekrutéieren, dass een deenen fir dat Engagement dat se hunn, dann och deem néidege Respekt an Unerkennung zollt. De CGDIS wäert sech also kloer duerch de PNOS weider kënne gutt opstellen. Dat ass dat, wat en undeit. Ouni awer ze vergiessen, dass de CGDIS – d'Gesetz gouf jo 2018 gestëmmt – den Ament nach am Opbau ass. En huet zimmlech schnell a gutt evoluéiert, mee en ass nach weider am Opbau.

An an deem Kontext ass et fir sou eng Organisatioun, déi an hirer Struktur national operationell ass an awer och regional a lokal, wichtig, sech zousätzlech Capacitéiten a Kompetenzen ze ginn, fir weider déi Risiken a Geforen, deene mer hei am Land ausgesat sinn, déi mer hei an eise Gemengen hunn, fir déi kënne besser anzeschätzen. An natierlech och, fir sech déi néideg Instrumenter ze ginn. Do zielt nieft de Leit, déi am Asaz sinn, de Professionellen an de Benevollen, och d'Infrastruktur selwer. D'Centres d'Intervention als Bau, als Infrastruktur, mee awer och dee ganze Charroi ass wichtig, deem d'Leit notzen, fir an den Asaz ze fueren. Duerch déi néideg Kompetenz a Capacitéiten, déi se hunn, kënne se de Volet Preventioun wouerhuelen. Och dat ass e wichtige Bestanddeel beim CGDIS. Mee awer och déi ganz Planifikatioun vun den Interventiounen, wa se an den Asaz musse goen. Dat eent leeft mat deem aneren zesummen.

Dat Dokument, dat mer hei virleien hunn, gëtt eng Zilrichtung. Engersäits ass et e 5-Jores-Plang bis 2025 an awer och eng Planung bis 2040. Dat ass natierlech ganz ambitionéiert an usprochsvoll. Et gesäit een, dass à terme 16 gréisser Infrastrukturprojete kommen. Et gesäit een awer och, dass méttelfristeg geplangt ass, 2000 Leit operationell ze hunn, fir och do europäesch Standarden ze erreechen. Also ass et och wichtig, sech gutt opzestellen a sech déi néideg Moyenen ze ginn, fir déi zivil Sécherheet hei am Land kënnen ze gewäerleeschten. Well et dierf een net vergiessen, de CGDIS ass en ëffentleche Service. Et ass en Etablissement public, dee mat enger héijer Qualitéit beduecht ass ëm eist Liewen an och ëm eis Sécherheet am Alldag. Ech hunn elo e bësse méi wäit ausgeholl, fir de

Kader ze setzen. An dat féiert mech dozou, dass mer hei en Avis opgestallt hunn, wou ee ganz kloer seet, dass déi Struktur, déi mer den Ament hunn, souwuel effikass wéi effizient soll kënnen an den Asaz goen, fir souwuel déi operationell, technesch an administrativ a finanziell Volete kënnen ofzeddecken.

Dass mer lo an där Situatioun sinn, dass mer ee Corps hunn. Wou mer virdrun natierlech jo ëmmer zwee Corpsen haten, déi parallel fonctionéiert hunn. Heiansdo och mol konkurrenzéiell. Dat war zu Diddeleng net de Fall, well mir do eng Virreiderroll haten an déi zwee Corpse jo exzellent zesummegeschafft hunn. Et war jo och ee vun den éischte Centres d'Intervention, wou déi zwee ënnert engem Dag zesummegeschafft hunn. Mee wéi gesot, dat war net bei alle Plazen de Fall. Mee lo hu mer ee Corps unique, deem territorial an operationell ass. Mat der Garantie, déi ee sech wëll ginn, dass een a 15 Minutten 90 – 95% kann ofdecken.

Hei zu Diddeleng kann ee mat Satisfaktioun och feststellen, dass de CGDIS gutt fonctionéiert, och nom Gesetz vun 2018. An et ass och wichteg, fir eng uniform Couverture ze hu fir déi 102 Gemengen hei am Land. Dofir soe mer och an eisem Avis, dass et wichteg ass, déi Professionaliséierung weiderzeféieren. Dass et wierklech wichteg ass, weider déi Volontairen ze rekrutéieren an ze forméieren, well si e wichtige Pilier sinn. An dass et net duergeet, eenzeg an eleng op d'Professionalisatioun ze zilen. Dat geet bei wäitem net duer, wa mer d'zivil Sécherheet hei zu Lëtzebuerg wëlle garantéieren. Mir hunn awer och eng Fuerderung dragesat.

Ech hu jo virdu gesot, dass et och wichteg ass, déi finanziell Aspekter weider kënnen am A ze behalen. Dofir ass den Avis, dee mir hei formuléiert hunn, positiv. Well d'CGDIS an d'PNOS musse weider kënnen ëmgemat ginn. Mer hunn awer och d'Fuerderung hei dragesat, an dat war bis dato net de Fall, an do gëtt et och eng Ouverture säitens vum CGDIS an och vum Inneministère, an dofir hu mer versicht, dat hei nach dran ze setzen. Et ass jo sou, dass virun allem, wann een deene Benevollen wëll och den néidege Respekt zollen, all déi Benevollen, déi am Privatsektor sinn an déi fräigestallt gi vun hirer Aarbecht fir a Formatiounen, respektiv fir an den Asaz ze goen, dass do natierlech de Patron, wann ee fräigestallt gëtt, rembourséiert gëtt fir déi Stonnen, wou säi Personal ausfällt.

Dat ass bei de Gemengen net de Fall. An et ginn natierlech Gemengen, an Diddeleng ass nach

ëmmer eng vun deene Gemengen, déi seng Leit fräistellt. Mir hunn eng hallef Dose Lait, déi beim CGDIS am Asaz sinn, an déi mir fräistelle fir an den Asaz ze goen. D'Gemengen ginn awer net rembourséiert Dofir och hei d'Fuerderung, dass mer, per Analogie zum private Secteur, och als éffentleche Secteur rembourséiert ginn. Dat engersäits fir den Incentive ze ginn, dass vläicht aner Gemengen, déi et den Ament nach net gemaach hunn, dass déi vläicht och op de Wee ginn, dass se Leit astellen, déi beim CGDIS als Benevole tätig sinn, dass se déi fräistellen. An awer och deene Gemengen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi lo scho säit Joren deem dote Move maachen an och First Movers sinn, fir och déi ze ënnersträichen. Ouni awer ze vergiessen hei zum Ofschloss dem Diddelenger CGDIS, mee och dem CGDIS generell e ganz grouse Merci ze soe fir dat exemplarescht Engagement dat se am Alldag hu ronderëm d'zivil Sécherheet. Well mer och wëssen, dass mer bei hinnen a ganz gudden Hänn sinn. Dëst zum Avis, deem Der hei virleien hutt par Rapport zum PNOS. An d'Diskussioun ass elo op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir hunn eis natierlech och mam Dossier CGDIS a PNOS seriö auserneegesat, a mir hunn nieft der Circulaire ministérielle, der faarweger Hochglanzbroschür vum Document de synthèse vum PNOS, vum Inneministère an de 435 Säiten Original Plan National d'Organisation des Secours awer och den Avis détaillé vum Syvicol gelies. An ech sinn e bëssen erstaunt, dass den Här Buergermeeschter als Vize-Präsident vum Syvicol a Representant vun der Region Rëmeleng – Keel - Diddeleng, eis dësen Avis vu 15 Säiten net bäigeluecht huet, well dee gouf jo och ausgeschafft, fir dass d'Gemengen eng Basis hunn, fir hir Prise de position auszeschaffen. An et ass ganz interessant, wann een deem Avis liest. Et ass e Résumé, Punkt fir Punkt, vun deene 435 Säiten, wéi eng Prise de position a wéi een Impakt dat och huet op eis Gemengen. E kuerze Résumé. Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, am Gesetz vum Mäerz 2018 gouf d'Organisatioun vun der nationaler Sécherheet definéiert a gesetzlech kadriert. An do war och scho virgesinn, dass de PNOS sollt ausgeschafft ginn.

An dësem Gesetz gouf de PNOS och juristeschesch definéiert, dat ass net onwichtig. „Le PNOS dresse l'inventaire des risques de toute nature pour la sécurité des personnes et des biens auxquels doivent faire face les secours et détermine les objectifs de couverture de ces risques par les

secours.“ Dat ass also en Document d'orientation. Dat däerfe mer net vergiessen, wéi et jo och am Gesetz, am Artikel 69, festgehale gouf.

Am Gesetz steet net, dass de PNOS sollt doriwuer eraus festhalen, wéi d'Finanzéierung sollt fixéiert gi fir déi opgeluechten Objektiver an Zukunft ze errechen. Och wann de PNOS lo herno sollt als Règlement grand-ducal festgehale ginn, ënnersträicht awer de Syvicol dass d'Verbindlechkeet, virun allem wat de Finanzéierungsplang ubelaangt, dee vum PNOS virgesi gëtt, juristeschesch net ginn ass. A grad dësse Finanzéierungsplang, deen hei am PNOS festgehale gouf, ass an eisen Aen, nieft dem Fakt, dass e juristeschesch jo d'Strooss net kann halen, absolut net kritiklos ze approvieren.

Ech erkläre mech: wéi de Syvicol et och ënnersträicht, feelt am Fong e Plan de financement fir de CGDIS. Et gouf vum Ufank un net genuch Kapital virgesinn, dat denkt och de Syvicol. Dat kënnt jo och raus aus de Schreiwesse vum PNOS, aus där laanger Expositioun, déi am Ufank do steet. Mee et kann awer elo net sinn - an dat ass e bëssen d'Suerg, déi de Syvicol huet an déi mir och mussen deelen - dass den Inneministère lo eng faarweg Broschür drécke léisst a verschécke léisst, an d'Gemegeconseillere, dann och gebiede sinn, dee Projet dann och sang- und klanglos ofzeseenen, an dann och déi ganz batter Pëll vum der finanzieller Méibelaaschtung, déi wierklech substantiell wäert sinn - ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck - einfach sou ze schlécken. A mir sinn e bëssen enttäuscht, dass de Schäferot och a senger Prise de position déi Problematik net genuch ënnerstrach huet. Vläch ass och de Buergermeeschter e bësse gefaangen, politesch gesinn, well e jo e bëssen déi selwecht Blutgrupp huet, wéi eis Inneministesche, mee dat ass just eng kleng Parenthèse.

Mee, wat awer lo wichteg ass ze erkläre zu deem Finanzéierungsplang. Den Här Buergermeeschter huet gesot, et ass virgesinn, dass 50% vum der Finanzéierung vum CGDIS vum de Gemengen iwwerholl ginn, déi aner 50% falen un de Staat. Fir dës Depensen awer fir d'Gemeng kloer ze limitieren, do hat op Initiativ um Syvicol d'Gesetz sech och e kloer Kader ginn, d.h. am Gesetz gouf kloer fixéiert, dass et e Plafonnement sollt ginn. Awer dee spillt réischt ab 2023. Dass d'Augmentatioun vum der kommunaler Participatioun - an dat ass ganz wichteg - net méi héich dierf ausfale wéi déi prozentual Hausse vum der Dotatioun vum Staat un d'Gemengen. Et kritt een e bëssen den Androck, wéi wann dat heiten e „Cadeau empoisonné“ wär, wéi wann hei

den Inneministère probéiert, duerch eng grouss Zoustëmmung vum de Gemengen zum Dokument PNOS vläch geneschelt d'Dotatioun vum de Gemengen eropzeschrauwen. Et ass jo lo laut PNOS virgesinn, d'Dotatioun vum de Gemengen ëm 10% pro Joer ze erhéien. Obwuel am Gesetz vum Finanzministère, dat mer och presentéiert kritt hunn, bezüglech der Programmation financière pluriannuelle fir 2020 bis 2024 stabel Dotatioun fir 2021 an 2024 virgesi waren.

Well de Plafonnementsmechanismus awer réischt 2023 spillt, wëll laut PNOS de Ministère, dass d'Gemengen elo - virun deem Plafonnement, deen eebe gesetzlech festgehale ass - 2021 d'Gemengen 13% méi an 2022 d'Gemeng 19% méi bezuelen, an dat obwuel grad elo duerch Corona d'Gemege scho manner Dotatioun vum Staat kréie wéi virgesinn. Just als Parenthèse, fir dass mer wëssen, vu wat mer schwätzen. Diddeleng huet 2019 750.000.- Euro bezuelt fir de CGDIS. Am Budget rectificié 2020 goufen 756.000.- Euro festgehale an am Budget 2021 856.444.- Euro. Mir schwätzen hei net vu Peanuts, dat ass richtig Geld. De Syvicol weist och drop hin, dass d'Gemengen dräimol mussen an d'Täsch gräifen: se kréie manner Dotatioun, se musse méi fir de CGDIS bezuelen an - dat spillt jo och besonnesch fir Diddeleng - si mussen en plus den Ënnerhalt vum de Gebailechkeeten assurieren. Och wa mir Loyer kréie vum CGDIS vum 200.000.- Euro am Joer, dat muss ee fairerweis jo och soen.

An, den Här Buergermeeschter huet et jo och gesot, och an hirem Personal hu se fräiwëlleg Pompjeeën, déi mir zur Verfügung stellen an déi mir bezuelen. Dat heescht, d'Gemege si scho genuch gebeidelt. An och dat monéiert de Syvicol, dass am PNOS och keng kloer Explikatioun sinn, firwat et zu dëser Präisexplosioun kënnt. Dat ass net kloer opgeléicht. Si erkläre dat duerch déi gewünschte Professionalisatioun vum der Rettungsdéngschter mat noutwendegem Opstocken duerch haaptamtlech Rettungsleit fir dës Objektiver vum PNOS ze errechen. Mee mir wësse ganz genau, eng Augmentatioun vum der Masse salariale vum 9% bis 2025 - dat steet hei am Text - ass geplangt. Mee mir hei zu Diddeleng wësse jo am beschten, dass nei Posten eng reegelrecht Depensenexplosioun déi Joren duerno bedeiten. An et gëtt och gefaart - laut Syvicol - dass virun allem och en administrative Waasserkapp d'Fraise vum Personal wäert explodieren doen. Bref, laut PNOS fonctionéiert de CGDIS 2025 mat engem Schlëssel - dat muss ee sech mol virstellen - vun 1 Persoun am Administrative fir 12 bis 13 Pompiers volontaires a professionnels. Dat heescht,

1 an der Administratioun géint 12 Leit, déi um Terrain schaffen an déi Aarbechte maachen, déi am Fong virgesi sinn. Et sollen 200 zousätzlech administrativ Poste geschaf ginn a 600 – 800 nei operationell Posten.

Wat dem Syvicol och opstéisst, a wat mer och ganz gutt kënnen novollzéien, dat ass dee ganze Volet Estimation des besoins net duerch eng kloer Analys iwwert e puer Joer opgesat gouf, mee et gouf just eng Analyse ponctuelle vun de Joren 2017, 2018 gemaach. Dir kënnt och ganz genau, ech huelen un, dass Der dat all gesinn hutt, och op Sait 407 steet jo och, wéi eis Diddelenger CIS, wéi mir geschafft hunn. Dat steet och just do punktuell, wéi mer an engem Joer geschafft hunn. Et gouf net kloer duergeluecht an deem ganze PNOS-Dokument, wou een och kéint aspueren. Éischtens emol mat den administrative Poste vill méi virsiichteg ëmgoen, fir déi ze erhéijen. An et gouf z.B. och net duergeluecht, dass 10% vun den Opérations de secours Krankentransporter sinn, déi keng vital Urgence sinn an déi een och gutt kéint u privat Prestatairë weiderginn. Wat de Leit vum CGDIS géif erméiglechen, hir wierklech wichteg Missiounen ze erfëllen an dann och de Besoin vun haaptamtliche Mataarbechter drastesch géif erofdreiwën. Dat ass e wichtige Punkt, wou een awer kéint kucken, fir déi Saach an en Equilibre ze bréngen. Mir huet dat gutt gefallen am Pabeier vum Syvicol, dass do Saachen net nëmmen negativ ënnerstrach gi sinn, mee et ass och gesot ginn, wéi probéiere kënnen, fir do d'Enner e bëssen uneneen ze kréien.

Wat sinn dann elo déi wichteg Missiounen an Objektiv? Natierlech wëlle mer e performante Rettungsdéngscht! Natierlech brauche mer virun allem Ambulanzen- am SAMUs-Wiesen exzellent ausgebildete Secouristen! Professionell gesi si mer zu e puer hei bannen, déi ganz genau wëssen, wéi wichteg et ass, dass a 15 Minutten eng 1. Hëllef op der Plaz ass. Sief et bei Häerzinfarkt, sief et bei Hiereschlag, ënner anerem. Mir stellen op kee Fall a Fro, op kee Fall! Net dass dat eis herno am Mond ëmgedréit gëtt, dass eis Ambulanzen a SAMUe musse 24/24 Stonne mat Top-Leit besat sinn.

Dass hei den zousätzleche Rekrutement vu fest ugestallte Secouristen e Must ass, dat ass och fir eis kloer. Den Objektiv, fir am ganze Land a 15 Minutten op der Plaz ze sinn, ass absolut löblich an erstriewenswäert. An do si mer natierlech 100% averstanen. Diddeleng kritt eng gutt Nott: mir sinn an 13 Minutten an 21 Sekonnen am Schnëtt op eisem Lieu d'intervention. Wat jo

awer och ganz luewenswäert ass. Mir sinn awer och averstane mam Syvicol senger Observatioun, ob wierklech am Pompjeeswiesen och all HLF bei de Centre, dat sinn Hilfsleistungslöschfahrzeuge, also Pompjeeswon, muss 24/24 Stonne mat professionellen haaptamtliche Pompjeeë besat ginn. An doduerch - den Här Buergermeeschter huet et och uklänge gelooss - eis benevole Volontaire-Pompjeeën ersat ginn. Ech denken nämlech, och wann ee mat Leit aus der Profession schwätzt an och mat aneren, dass dat och e bëssen de But ass: eis Volontaire komplett duerch eng professionell Pompjeesekipp ze ersetzen. An dat ass schued. An den Här Buergermeeschter huet et och ënnerstrach, an dat kënne mer nëmmen ënnersträichen, dass grad hei zu Diddeleng eis Pompjeeën eng wichteg Stäip sinn. Et huet ee jo och gesinn hei am Dokument, am CIS Diddeleng, do hu mer 10 professionell Pompjeeën an 82 Volontairen. Dat sinn der vill. Op dee finanziell explosiven Impakt vun enger kompletter Professionalisatioun, och am Pompjeeswiesen, hunn ech jo schonn higewisen. Wéi gesot, wat géif dat heeschen?

Menger Meinung no, kéint een do vill besser, méi koordinéiert nach kucken, wéi een de Planning an deenen nächste Jore sollt maachen. D'CSV ass deelweis d'Accord mat där Deliberatioun, déi eis de Schäfferot hei virgeluecht huet. Mee mir wäere frou, wann Dir dee Saz, deen eis am meeschte stéiert, dat ass: „De ce fait il peut être sous-crit aux objectifs“ – Jo – „et au programme de recrutement“ – deelweis – mee awer guer net: „et d'investissement fixé par le PNOS.“ Dat ass dat, wat eis e bësse stéiert. Wa mir dat heite lo einfach sou duerchjitze loossen, dann ass dat sou e bëssen e Blankoscheck fir sech net mol ze iwwerleeën: Hei lauschter, wéi kënne mir dat maache mat deene fräiwëllege Pompjeeën, fir déi mat anzebannen? Wéi kënne mir dat maache mat de Krankentransporter, déi net musse vu wierklech gutt forméierte Samu-Leit a Secouristen ausgefouert ginn? Ech denken, dass mer deen „Investissement financé par le PNOS jusqu'à 2025“ net mega-gutt fannen, dass dat nach net ausgeräift ass.

Mir fannen et dofir net remarkabel, eng Planifikatioun bis 2040, sou wéi se hei virläit, ze aprouvéieren. Mir fannen dat Wuert remarkabel net immens gewielt. An Dir sot et jo och an Ärem Niewesaz, dat ass nämlech ganz witzeg. Dir schreift: „Il est remarquable que le PNOS prévoit une planification jusqu'à 2040“. Mee da kënnt Äre „mais“. Dofir hat ech den éischten Ufank scho guer net geschriwwen. „il est à craindre que sur

un temps aussi étendu il soit difficile de faire des projections précises qui sont adaptées à la situation future. Sur base de données statistiques consolidées et actualisées une réévaluation des objectifs stratégiques devra être établie." Do gi mer lech absolut Recht, dass dat sou muss sinn, dofir fanne mir dee „remarquable“ do net schrecklech glécklech. Awer wat mir als Diddelenger CSV virun allem vermessen, dat ass eng Positionéierung zu eisem Centre d'Intervention. Well, Dir wësst et ganz genau, mir hu fir 10 Joer dem CGDIS eis Lokalitéiten op der Lëtzebuerger Strooss zur Verfügung gestallt. An duerno steet dran an deem Contrat de Louage, éischters, wann eis Leit an de Rettungsservicer, an den ominöse gemeinsamen Zenter zu Diddeleng-Beetebuerg géife plënnere, da kéinte mir och dee Kontrakt éischer opléisen. Dofir vermësse mir eng Fro. An déi kann e jo hei an enger Prise de position abauen: Wéi steet et ëm de Projet an der Zon Riedgen? Wéi steet et mam Projet vun engem gemeinsamen Zenter Beetebuerg-Diddeleng?

Den Här Buergermeeschter huet am Februar 2020 gesot, d'Enquête lafen, mir hunn den Terrain am PAG kloer définiert nieft der Husky. De CGDIS gëtt Bauhär. Wann den Neibau steet, recuperéiere mir den Terrain vun der Lëtzebuergerstrooss, wou mer jo awer och schonn ugeduecht hunn entweder eis Gemeindebetriber do auszubauen oder e Wunnungsprojet doraus ze maachen. Dofir eis Fro, wéi et lo steet mat deem Projet, deen ugeduecht ass bei der Husky? Well an deem 430 Säite laangen Text vum PNOS, do steet eng Zeil. Eng Zeil! Do steet dran, mat enger Foussnott, dass dee Projet iergendwann eng Kéier realiséiert soll ginn, mee do steet guer näischt Konkretes dran. Wéi gesot, dat wär hei eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir och do nach eng Kéier nozehaken, da krite mer och eng schréftelech Äntwert vläicht. Oder vläicht kann den Här Buergermeeschter mir déi och scho ginn, vläicht wësst Dir scho méi wéi ech. Mee hei, an hirer Deliberatioun, do steet just eng Mini-Foussnott, dass verschidde Bâtimenten „en planification de construction“ sinn „dont le mode de transfert de propriété du terrain reste également à définir“ a sou weider. Dat heescht, do ass nach guer näischt Konkretes geschitt. Dat ass Sait 312. Dat hutt Dir jo wuel all gesinn.

Deelweis si mir mat verschiddenen Appreciatione ganz averstanen, mee als Conclusioun schlësse mir eis éischer de Conclusioun vum Syvicol un. Éischters: „Nous soutenons les objectifs fixés. Nous insistons sur le fait, que le chapitre relatif aux conséquences budgétaires du

PNOS manque de détails. Nous n'apprécions pas la prévision d'une hausse moyenne des dotations communales de 10% par an, alors même que la loi du 19.12.2020 indique des dotations stables entre 2021 et 2024. Nous considérons“ – an dat ass dat Wichtigst – „que le PNOS est un document d'orientation.“ Voilà. A mir hoffen, dass de PNOS nach ugepasst gëtt. Well d'Ministesch hat dat jo och ugekënnegt, dass op d'Remarke vun de Gemengen hin de PNOS nach eng Kéier sollt iwwerschafft ginn. Dass seng Objektivt sollen erreecht ginn, dat wëlle mer jo op jidde Fall, mee dass awer virun allem déi finanziell a personell Modalitéite mat méi Transparenz, méi Seriö, Klorheet an Novollzéibarkeet am revisitéierte Projet festgehalen ginn. Dat hoffe mer ganz staark. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Zum Ufank vläicht just eng Parenthèse fir d'Madame Kayser: „Remarquable“ an engem Text, dat si ganz geféierlech Wieder, well domat huet een net gesot, ob et remarkabel gutt oder remarkabel schlecht ass.

Ech kommen dann awer zu eiser Stellungnam zum Avis, deen eis virläit. Also mir si mat dësem Avis vill méi zefridde wéi mat villen Avisa virun, déi mer zu anere Plans nationaux haten, ech denken un déi vum Kaméidi a vun der Loftqualitéit. Hei si mir der Meenung, dass déi meescht vun deene wichtege Punkten an deem Dokument hei drastinn. Ënner anerem wollte mir eis Satisfaktioun iwwert déi „Structure unique“ nach eng Kéier ausdrécken. Also net méi spéit wéi haut de Moie konnt een héieren an den Noriichten, datt zu Metz zwee Leit gestuerwe sinn, well d'Leit net un den 112 komm sinn. En eelere Här an och e Kand vun zwee Joer. An duerch déi Unifikatioun vun de Strukturen, déi mir lo hei am Land hunn, déi eis franséisch Noperen nach ëmmer net hunn, well et do 4 oder souguer 5 verschidden Nummere gëtt, déi ee muss kontaktéieren, ass dat tatsächlech ee riseg Fortschrëtt. Déi Zilsetzung fir a 15 Minutte spéitstens op d'Asazplaz ze kommen, déi schéngt eis och e gutt Zil, an datt dat herno wäert Sue kaschten, dat ass d'Konsequenz dovun, mee dat schéngt eis awer och néideg. Bon, et ass natierlech ëmmer gutt, datt een do d'Kaz net am Sak keeft an dass ee weess, wat op een zoukënnt.

E Punkt, wou mer effektiv e bësse Schwierigkeiten domat hunn - dat kënnt da vum Terrain – vill Leit, d'Benevollen, hunn tatsächlech d'lescht

Joer den Androck kritt, datt se e bëssen aus der Struktur rausgedréckt gi well d'Ufuerderung immens héich ass an doropshin eng Rei Benevollen opgehalen hunn. An dat fanne mer bedauerlech. Quitt datt mer verstinn, datt e professionellen Asaz an den Ausbau vun dësem professionellen Asaz och wichteg ass. An dofir ass et fir eis op jidde Fall och wichteg, datt hei speziell och d'Benevollen, d'Volontairen erwäant ginn an datt och weider insistéiert gëtt, datt et wichteg wär „depuis de nombreuses années pour recruter et former des volontaires et les maintenir en activité.“ Also dat ass fir eis e ganz wichtige Punkt.

An deem Sënn ënnerstëtze mer och déi Sätz, déi dann nach weider do stinn: „Les pompiers volontaires demeurent un pilier important du modèle de sécurité civile du Grand-Duché de Luxembourg.“ A mir schléissen eis och dem Merci vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng fir d'Ensemble vun dem Personal vum CGDIS un. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Thill.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wollt och kuerz eppes soen. Effektiv hu mir och den Avis vum Syvicol an deem ganzen Dossier, dee mir geschéckt kruten, vermësst. Mir konnten hei zu Diddeleng joerzängtelaang op de Service Intervention ziele mat vill kompetenten an héich motivéierte Leit. Sou Rettungsdéngschter verlaangen natierlech vill Engagement vun de Matbierger a Matbiergerinnen an d'Ufuerderunge sinn an deene leschte Joren ëmmer méi grouss ginn. An dofir mengen ech och, eleng mam Benevolat kann déi Aarbecht net bewältigt ginn. Dofir begrësse mer och dës grouss Verbesserung. Déi ass immens wichteg fir Diddeleng a fir d'Biergerinnen an d'Bierger vun eiser Stad. Och elo an der Covid-Zäit hu mer gemierkt, datt d'Rettungsdéngschter nach méi sollicitéiert gi sinn. An et ass wichteg, fir do e ganz kompetenten a ganz séiere Service kënnen unzebidden.

Fir déi ambitionéiert Ziler vum PNOS kënnen ze erreechen, brauche mer natierlech méi ausgebildete Leit, méi Materialien, eng optimal Organisatioun ass an deem Sënn och e wichtige Punkt. An dat, wat ech scho virdru gesot hunn: de Benevolat eleng wäert hei net duergoen. Dofir ass et och wichteg, datt de PNOS virgesäit, datt do méi professionell Leit eng Hand mat upaken. Also d'Previsioun vum PNOS gi bis 2040 an dofir ass et wichteg, eng gutt Planbarkeet ze hunn, well mir brauchen och Sécherheet an der Ëmsetzung

vun deem Ganzen an eng permanent Upassung vun der Situatioun. Ech mengen, 2040 ass scho muer, mee trotzdeem ännert sech ganz oft ganz séier d'Situatioun vun de Besoinen dobaussen, wéi een et och an der Pandemies-Zäit elo gesinn huet. Natierlech wäert dat eis méi kaschten. Wéi vill méi, wollte mer gäre wëssen op dëser Plaz. Dir hutt virdru gesot, datt 50% vum Staat gedroe ginn a 50% vun der Gemeng. Mee de konkreten Impakt: Wat heescht dat méi? Wat ass dat prozentual gesi méi, wéi dat wat bis elo ëmmer fir déi Servicer bezuelt ginn ass? An eng nächst Fro ass: Huet dat schonn eng Inzidenz op den nächste Budget vun der Gemeng? A wou wëllt d'Gemeng och déi Sue siche goen, déi mer musse méi an deem Sënn bezuelen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Ahmedova.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mir sinn haut hei als Diddelenger Gemengerot invitéiert, fir eisen Avis ofzeginn iwwert den zukünftege „Plan National d'Organisation des Secours“ also PNOS genannt. En Dokument iwwer ronn 500 Säiten, dat Enn Abrëll vun der Chamber diskutéiert ginn ass an elo vun de Gemengen aviséiert gëtt. Dir als Buergermeeschter hutt eis jo do schonn ausféierlech Detailer geliwwert. D'Iddi dohannert geet schonn op 2010 zrëck. Deemools gouf schonn eng Etüd an Opdrag ginn, déi zum Zil hat, 90 bis 95% vun den Interventiounen vun de Rettungsservicer innerhalb vu 15 Minutten ze realiséieren, tëscht dem Appell an dem Antreffe vun de Rettungsekippen.

Dofir fannen ech dat lo remarkabel, datt elo haut a Fro gestallt gëtt, no iwwer 10 Joer Etüde vun Experten a Recherchen a Vernetzung a Meetings a Sech-Ofstëmmen a Budgeten opstellen a sou virun, datt hei nach ëmmer gemengt gëtt, mir kéinten hei wierklech beurteelen, ob dee Schlëssel tëscht Administrativen, Volontairen a professionelle Leit um Terrain dee richtege wär. Also ech mengen, do musse mir eis dorop verloossen, dass déi Leit, déi dat tatsächlech beurteele kënnen, no souvill Joer Ofweien, fir déi beschte Léisung ze fannen, eis déi lo hei um Dësch presentéiert hunn. Ech mengen do sollte mer e bësse bescheide sinn an et och deene Leit iwwerloossen, déi doriwwer schwätze kënnen.

Dës Prozentsaz also, fir innerhalb vu 15 Minutten op der Plaz ze sinn, wou de Accident geschitt ass oder wou d'Leit Hëllef brauchen, war bis elo nach net erreecht. Z.B. si mer bei nëmme 78% bei

den Ambulanzen, 75% bei de Pompjeeën oder och nach bei 75% bei der Verkéiersaccidenter. Well hei handelt et sech net ëm Zuelespillereien, mee ëmmer liewenswichtig Minutten, déi versträiche gelooss ginn. De Generaldirekter vum CGDIS, de Paul Schroeder, nennt dat „the golden hour of shock“, déi 60 Minutten also, déi alles kënnen entscheeden. Wann ee 15 Minutte rechent bis op d'Plaz an nach 15 Minutte bis an d'Spidol, da bleiwen nach 30 Minutten, extrem wichtig 30 Minutten, fir Éischt Hëllef ze leeschten. Dës Déngschtleeschung huet e Präis: En dichte Réseau un Zentren, héichprofessionellt Personal an eng Technik um leschte Stand. Nëmmen da kann e qualitativ héichwäertegt Rettungswiesen ugebuede ginn. Et däerf och keen Ënnerscheid gemaach ginn, vu wou den Appell aleeft an der Zentral, iwwerall am Land, ob an engem Ballungsgebiet oder um Land, ob den Accident op der Autobunn passéiert oder iergendwou am Bësch. De Service an den Usproch ass dee selwechten. Et ass an eisen Ae souguer e Biergerrecht. Éischstens, en effikasst Rettungswiesen ze hunn a sech dorop verloossen ze kënnen. An zweetens, datt keen Ënnerscheid gemaach gëtt, wou's de wunns oder a wat fir engem Eck vum Land Hëllef ugefrot gëtt.

5 strategesch Etappe gesäit de PNOS also vir: Preventioun, Anticipatioun, Planifikatioun, d'Verdeelung iwwer Land an d'Evaluatioun herno. Ausserdeem ginn d'Besoiner gekuckt, dat souwuel u Material wéi u Personal an deene ronn 100 Asazentren haut. An deem neie PNOS ginn och déi vill Fräiwëlleger integréiert. An ech mengen do si mer eis parteiwwergräifend eens, datt hiren Asaz gewierdegt gëtt a mat de professionellen Rettungskräfte vernetzt soll ginn. An och si solle schaffen kënnen ënnert deene beschten Aarbechtskonditiounen. De PNOS gesäit ronn 4000 Fräiwëlleger fir. Dobäi komme 600 – 1500 nei professionell Secouristen a 500 Leit am administrativen an technesche Beräich. Iwwert d'Legitimitioun vun deenen Zuelen hunn ech elo schonn eppes gesot. Do ginn ech lo guer net drop an. Da ka vläicht deem engen oder anere vill virkommen, mee et muss een hei Rechnung droen, datt e Rettungswiese keng Paus kennt. Si sinn am Asaz 24/24 Stonnen 7/7 Deeg. Ausserdeem huet och missen dem Bevëlkerungswuesstem hei Rechnung gedroe ginn. An net zulescht kommen, klimabedéngt oder net, nei Erausforderungen op eis duer. Stierm, Iwwerschwemmungen a Bëschbränn, also ëmmer méi grouss Asaz. Och dorobber musse mer preparéiert sinn, fir a sou Fäll autonom a selbstänneg reagéieren ze kënnen.

Wat bedeit dat elo fir eis Gemengen? De PNOS gesäit fir dat, wéi dat och lo scho war, sech de Staat an d'Gemengen d'Käschten deelen. Ma duerch déi héich Investitiounen an d'Modernisatioun vum CGDIS ginn och d'Käschten an d'Luucht. De Pro-Kapp-Beitrag pro Gemeng klëmmt vun 100.- op 150.- Euro am Joer, awer net vun haut op muer. E klëmmt all Joer ëm 10% während deenen nächste 5 Joer. Op d'Detailer dovunner geet den Här Buergermeeschter herno sécher nach an. Dir hutt vläicht matkritt, dass an den Diskussiounen verschidder gemengt hunn, dass dës Investitiounen eleng de Staat misst droen. Mir als LSAP gesinn dat net sou. D'Basisversuergung vun der Populatioun soll op de Schëllere vu Staat a Gemeng verdeelt ginn. Eng änlech Diskussioun misste mer dann nämlech och féieren, wann et zum Beispill ëm d'Schoule geet, d'Education nationale. Och hei hunn de Staat an d'Gemenge sech d'Käschten opgedeelt an d'Gemeng Diddeleng baut, investéiert a moderniséiert andauernd, fir eise Kanner an dem Schoulpersonal déi beschtméiglech Aarbechtskonditiounen ze bidden. Fir lo rëm zrëckzekommen op de CGDIS, ech mengen d'Zäit ass net stoe bliwwen. D'Populatioun ass gewuess, an hir Uspréch mat. Dat ass legitim. Datt d'Bierger sollen deelhuelen um Fortschrëtt. Den Här Thill ass elo grad op e Fall an eisen Nopeschlänner agaangen, wou ee gesäit, wann dat net de Fall ass, wann een net dauernd investéiert, wann ee sech net dauernd vernetzt, da kann dat passéieren, an dat ass fatal fir d'Leit. Sou verhält et sech dann och mat der Gesondheitsversuergung. An an hirer Diskussioun an der Chamber an an hirem Avis huet och de Syvicol d'Käschte fir d'Gemengen am Kader vun der Pandemie als Argument geholl, fir de Verdeelungsschlëssel a Fro ze stellen.

An wann ech dann hei nach eng Kéier op d'CSV aginn: wann Dir hei vu Blutgrupp schwätzt, da musse mer vläicht och iwwert d'Blutgrupp nodenken, wéi sech hei vläicht d'CSV positionéiert mam Syvicol. Dir vertritt vläicht och d'Meenung hei vum Präsidant vum Syvicol. Einfach, well Dir lech do vläicht méi no stitt, ech weess et net. Mee op alle Fall ass am Kader vun der Pandemie d'Argument geholl ginn, de Verdeelungsschlëssel, dee wär net korrekt. Et kann e wuel kaum behaupten, de Staat hätt keng Käschte gehat während der Pandemie oder en hätt sech hei derlaanscht gedréckt. D'Pandemie huet eis eppes ganz anescht gewisen. Wéi wichtig et ass, datt een andauernd investéiert an d'Gesondheitsversuergung vu senger Bierger an datt e Land gutt opgestallt ass, fir seng Populatioun sou gutt wéi méiglech duerch sou eng Kris ze féieren. An zweetens,

datt een ëmmer, an all Situatioun, ëmmer besser zesumme weider kënt wéi eleng. Mir sollen net maachen, wéi wann de Staat en anonymt Gebilde wier, e Géigespiller vun de Gemengen. De Staat sinn och mir. Hei geet et drëms, fir sech ze vernetzen, ze moderniséieren, fir e gemeinsamen an effikasse Service unzebidden. A sou als Gemeng matzeschwätzen, mat agebonnen ze sinn.

Dës Majoritéit scheit op alle Fall net, fir hiren Deel vun der Verantwortung ze iwwerhuelen. Hei zu Diddeleng ware mer ëmmer stolz op eisen Zenter. Dat ass an Zukunft net anescht. Mir ginn op alle Fall e positiven Avis of a bedeelegen eis un engem effikassen an effiziente Rettungswiesen am Déngscht vun eis all. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kohn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Kann ech nach e klengen Zousaz soen? Ech wollt eppes iwwert d'Volontaire soen. Also Merci dem Diddelenger CGDIS mat all de Volontairen an och de Professionellen. D'Pompjeeë gehéiere jo och zum Stadbild derzou. Et ass wichteg och fir d'Veräinslieden, et gesäit ee se bei ville Manifestatiounen. An awer och wichteg fanne mir d'Jugendpompjeeën, a mir ënnerstëtzen eis Gemeng bei all Effort fir d'Benovolat bei de Pompjeeën, a besonnesch och bei der Jugendpompjeeën, attraktiv ze maachen. Well hei gi Jonker encadréiert, exemplaresch encadréiert, a si droe vill Know-How fir hiert ganz Liewe mat ewech. An dann hunn ech awer nach eng Verständnisfro: Den Avis vum Syvicol, deen ass jo awer zimmlech kritesch. A mir si jo och Member beim Syvicol. An den Avis hei, deen ass jo ganz positiv. Ech mengen, déi aner Gemengen, déi ralléiere sech un den Avis vum Syvicol. Den Avis vum Syvicol ass hei eigentlech guer net berücksichtegt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen, dat ass net Fall. Da géif ech vläicht op verschidde Punkten agoen. Ech wéilt awer fir d'éischt mol Merci soe fir Är Stellungnamen, déi sech deelweis iwwerschnidden hunn, deelweis och verschidde waren. Ech ka just soen, dass dës Majoritéit an net nëmmen dës Majoritéit, do hutt Der jo awer verschidde Stellungnamen héieren, léiwer eng Politik mécht, respektiv ënnerstëtzt, déi Sue kascht, wéi eng déi Mënscheliwe kascht. A wann hei banne verschidde Leit d'Sécherheet vun de Bierger ze deier ass, ma da solle se dat awer och kloer soen. Notamment um Niveau vun der ziviller Sécherheet.

Ech mengen dass dat ganz wichteg ass, dass mer eng zivil Sécherheet hunn, déi gutt opgestallt ass. Dat vläicht als generell Remark, éier ech op déi verschidde Stellungnamen aginn.

Den Avis vum Syvicol, dat ass en Avis wéi ganz vill Aise vum Syvicol, déi sinn natierlech all liesbar, un deene kann ee sech natierlech inspiréieren. Ech muss soen, dass deen heiten Avis vum Syvicol, wat och ugeschwat ginn ass vun e puer Säiten, wann de Buergermeeschter Vizepresident ass, en Avis war, deen net ofgeschwat war an och net diskutéiert war mat de Vertrieeder vun de Gemengen, déi am Verwaltungsrot sëtze vum Etablissement public CGDIS. Am Etablissement public CGDIS si Verwaltungsrotsvertrieeder souwuel vum Staat wéi och vun de Gemengen. A vun de Gemenge sinn „toutes couleurs confondues“, all politesch Parteie sinn doranner vertrauden. An et ass réischt an enger zweeter Sitzung, wou déi Vertrieeder mat bäigezu goufen, wou eng ganz Rei Proposen, och iwwert de Pressecommuniqué relativiséiert goufen, respektiv aneschtens duergestallt goufen.

Am Fong hätt de Syvicol, an dat huet de Syvicol selwer och agesinn, fir säin Avis ze formuléieren, am Virfeld eng Ronn hätt missen dréie mat de Gemeengevertrieeder, déi och verschidde politesch Kapen ophunn, och notamment déi vun der CSV. Dir wësst jo genau, wien Äre Vertrieeder doran ass. Deen huet jo och wat d'Finanzen ugeet, eng ganz kritesch Stellung. Mee wéi gesot, déi Ronn gouf an enger zweeter Phas gedréit an net an enger éischter Phas, déi zu engem Avis hätt kënne féieren, well dann hätt verschidde Propose méi nuancéiert kënne ginn. Dat dann zum Avis vum Syvicol, deen ee sécherlech kritesch ka gesinn. An awer si verschidden Elementer an eisem Avis dran, mee dann eeben aneschtens formuléiert.

Da wëll ech eppes soen, wat ech awer lo net verstanen hu par Rapport vun der Logik vun de Finanzen. D'Madame Kayser monéiert hei d'Finanze ronderëm de PNOS. Bon, mäi Verständnis, an ech kommen nach eng Kéier op de Verwaltungsrot zrëck vum CGDIS als Etablissement public. Do sëtze Vertrieeder vum Staat an natierlech och rëm Vertrieeder vun de Gemengen. De Verwaltungsrot vum CGDIS a senger Kompositioun validéiert d'Budgeten, d'Joresbudgeten an och de Pluriannuel. Domadder hunn ech lech eng kloer Äntwert ginn, wou och déi Chifferen, déi hei mol monéiert goufen, hierkommen. Dat ass jo net en Alleingang vun der Direktioun vun der Administration de Secours vum CGDIS. Et ass nach ëmmer dat iewescht Gremium, sou wéi hei de Gemengerot de Budget validéiert, ass et nach ëmmer

de Verwaltungsrot vum CGDIS a senger Kompositioun, déi dee Budget festhält, mat allen Impakter, déi en huet. Et muss een also och déi doten Diskussioun an déi richteg Logik setzen, wann een hei verschidde Punkte monéiert. Mir sinn eis eens heibannen, dass e muss d'Finanzen am A behalen. An dofir sinn ech och ganz beim Här Thill. Mee mir hunn eis awer verstane mat där Formulatioun „il est remarquable que“.

Mir baséieren eis do op dat, wat am PNOS drasteet. Mee de „mais“ ass och fir dat e bëssen ze entkräften, well mer eis do och ganz kloer Froe stelle par Rapport zum Finanzement. Ech hunn hei bannen net héieren : Wat kascht de CGDIS eis? Nieft dem Loyer, dee mer zwar kréien. Wann ech kucke fir 2020 an 2021, dann ass d'Contribution vun der Stad Diddeleng um Fonctionnement vum CGDIS 0,9%! 0,9% vun eisem Budget, wou mer investéieren an d'zivil Sécherheet. 0,9%. Ech hätt kee Problem, wa mer souguer 2% misste bezuelen. Wann dat dozou bäidréit, dass Mënscheliwwen dobausse kënne gerett ginn, hunn ech kee Problem domat. 0,9%! Mir féieren hei eng falsch Diskussioun.

Op där anerer Säit si mer eis eens, dass mer effektiv mussen d'Finanzen am A behalen. Déi Suerg, déi och hei iwwert all Bänke gedeelt gouf - dat fënnt ee jo awer ganz kloer am Avis erëm - ass natierlech dass vläicht duerch déi Professionalisatioun de Risiko besteet, dass déi Benevollen ewechgedréckt ginn. Dofir war et eis och wichteg - och de Leit, déi am CGDIS an der Verwaltung sinn, och de Leit an dem Verwaltungsrot vum CGDIS, wéi och an den lokale CGDISen an och CISen - ze soen, dass et wichteg ass, dass déi Benevollen e Bestanddeel sinn. An déi ganz Ausso fënnt ee ganz kloer an dësem Avis erëm, dass dat e wichtige Pilier ass. An et ass och wichteg, an dofir si mir vläicht och e Schrëtt méi wäit gaangen, dass een och déi Benevollen indemniséiert wa se fir d'Gemeng schaffen. E Benevole esou, dee gëtt jo och indemniséiert. Mee dat ass de Verwaltungsrot vum CGDIS, deen dat decidéiert, wéi eng Indemnitéit se kréien.

An da gëtt hei monéiert dass mer näischt soen zum Projet Diddeleng. Dat gëtt da sou rausgepickt. Ma mir sinn hei gefrot gi fir Positioun ze huelen zu engem nationalen Dokument. Net zum lokalen Zenter. E steet dran, wéi och vill aner Projeten drastinn. Et ass en nationaalt Dokument. Mir hunn net d'Fro gestallt kritt, eng Positioun ze huelen zum lokalen Diddelenger Centre d'Intervention. Natierlech lafen déi Diskussiounen weider. Dat steet jo och dran am PNOS, wéi d'Situatioun

ass. Et ass ee grouse Projet vum deene 16, déi alleguerten hir Dosinnsberechtigung hunn, wéi de CGDIS sech wëll opstellen. Mee d'Diskussiounen lafe ganz gutt virun, souwuel vum CGDIS, dee wäert Bauhär ginn. Dir sidd jo Bestanddeel vum dësem Gemengerot, Dir wësst jo, dass mer am Kader vum PAG alles an d'Weeër geleet hu fir dass dësen Terrain ka geholl gi fir de gemeinsamen Zenter ze bauen.

Ech sinn awer frou ze héieren, dass awer an där isolierter Stellungnam just op den Diddelenger Zenter, datt Der fir de Standuert Diddeleng sidd. Well d'CSV huet, wéi mer hei den Avis verabschit hunn, zum Plan sectoriel zone d'activité économique, d'Standuertfro Diddeleng a Fro gestallt. Mee d'Optioun ass nach ëmmer déi selwecht. Nämlech am Plan sectoriel zone d'activité économique, dee mer hei verabschit hunn, hu mer de Startschoss gesat, fir dass den Diddelenger Zenter mam Beetebuerger Zenter zesummen op Diddeleng kommen. Dat war de Point de départ. An zu deem stoungt Der net. Dat heiten ass d'Suite logique am Kader vum PAG, dat wëll ech hei ganz kloer nach eng Kéier ënnermauern. Also e bësse cocasse, Äert Positionnement haut hei. Op där anerer Säit sinn ech frou ze héieren, dass Der awer zum Diddelenger Standuert stitt. Et ass ëmmer gutt, wann ee seng Meenung deementspreechend och ännert.

Déi Structure unique, déi mer hunn, déi dréit eng gewësse Suerg. Den Här Thill ass drop agaangen. An d'héiert een effektiv op verschiddene Plazen eraus, dat ass zu Diddeleng manner de Fall, dass awer eng Rei Benevollen opgehalen hunn. An ech mengen et ass wierklech wichteg, dass och an där Orientatioun, déi de CGDIS sech hei gëtt, och iwwert de PNOS, dass d'Benevolle wierklech e wichtige Bestanddeel bleiwen.

Ech mengen d'Madame Kohn ass och drop agaangen, d'Madame Heinen ass och drop agaangen. Och de soziale Volet vum Benevolat an och d'Jugend, déi et wichteg ass, se ze ënnerstëtzen. Par Rapport zu der Remark vum der Madame Ahmedova. Do hu mer natierlech dat grousst Dokument vu 500 Säiten, mee do hu mer och d' Document de synthèse, do fënnt een ab der Säit 48 eng Rei Punkten, wou een déi global Evolutioun huet, wat de Budget ugeet vum CGDIS. De genaue Montant fir de Budget 2022 hunn ech nach net gerechent. Mee de Prinzip gëllt, dass een d'Finanzen deementspreechend muss am A halen, tout en sachant que dass de Moment d'Contribution vun der Stad Diddeleng bei 0,9% ass, wat de Volet ugeet vum CGDIS.

Dëst gesot, hu mer hei awer en Avis virleien, deen awer engersäits, wat de finanziellen Deel ugeet, e bësse méi kritesch ass par Rapport zu den Donnéeën, déi mer virleien hunn. Dass een déi am A muss behalen. An dass och déi Suerg do ass, dass een déi Benevole weider ënnerstëtzt an dass dat kloer hei seng Nidderschrëft huet. Fir mech schéngt och evident ze sinn, dass de PNOS en Dokument ass, d'Madame Kohn sote et, d'Madame Ahmedova sot et, dat wäert evoluéieren. An dat dann och wäert missen adaptéiert ginn. Dat ass vläicht och de Virdeel, wann et e Programme directeur mat engem Règlement ass, dat een dann och kann adaptéieren en fonction och vun der Evolutioun vun der Situatioun. Dat ass eng Flexibilitéit, déi een deemtspriechend och huet. Ech hunn hei probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen an och eng Äntwert ze ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll awer just ganz kloer soen, mir ënnerstëtzen och all Investissementer, déi néideg sinn. Meng Interventioun war am Fong geduecht, fir awer e bësse e kritescht An drop ze halen, virun allem och op d'Finanzen, fir dass déi net aus dem Rudder geroden. Sécher muss d'Sécherheet och eppes kaschten. Mee, wéi Dir lo och am Schlusssaz gesot hutt: Mir hoffe jo och, dass dat heite just en Ustouss ass, fir awer nach Verbesserungen ze maachen, virun allem och méi previsibel a méi ausgeräifte Previsiounen ze maachen. Well dat kënnt jo ganz kloer raus, dass verschidde Chifferen, déi erausgezu gi sinn, an op déi aus eng Berechnung gemaach ginn ass, wéi vill Leit mer nach brauchen, wéi vill Material mir nach brauchen, déi net ganz kloer definéiert sinn.

Och wann d'Madame Kohn gemengt huet, dat wäre Leit, déi eppes dovu kennen. Dann hätte se dat vläicht nach méi explizitt sollen an hire 500-Säiten-Dossier mat hei rabréngen. Dat ass just eng kleng Parenthèse. Wéi gesot, mir stëmmen dat heiten och mat, well mir selbstverständlech och d'Aarbecht vun deene Leit, déi um Terrain sinn, wëllen honoréieren. Awer meng Interventioun war méi geduecht, dass mer sollen en A drop hunn, dass dat Finanziellt net sollt aus dem Rudder geroden. An dass mer, wéi gesot, och net déi fräiwëlleg Pompjeeë lues a lues ersetzen duerch professionell Leit, déi vill méi kaschten. A wou vläicht awer eng Méiglechkeet ass, fir dat e bësse méi iwwerluecht a méi fractionéiert och an deenen nächste Joren ze maachen. Voilà, dat wollt ech just nach soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi dote Remarken.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech loosse et net gäre sou do stoen, well lo si mer d'Wierder am Mond ronderëm gedréit ginn. Ech hu just gesot, dee Schlëssel, deen opgestallt ginn ass tëschent Administrativen a Leit um Terrain, datt een do sollt dovun ausgoen, datt dee Schlëssel trotzdeem Kapp a Fouss huet. Wat lo d'Flexibilitéit ubelaangt. Dat hu mer mengen ech alleguerten hei banne festgestallt. Wann do vun 2040 geschwat gëtt, da muss een domadder natierlech virsiichteg ëmgoen. Mee och déi Flexibilitéit, ëmmer erëm op Besoinen ze reagieren um Terrain...

Mir wësse jo nach net, wéi an Zukunft d'Verkierssituatioun ass, ob d'Mobilitéit vläicht dozou féiert, datt méi Accidenter passéieren. Wat bréngt de Klimawandel eis? Kee Mënsch weess dat elo. Dat heescht, et soll ee sech och net ze vill verbäissen: Hei lo hu mer awer haut dat gesot an a 5 Joer musse mer erëm dat Ganzt upassen. Fir mech ass dat eng Stärkt. Et soll een elo net dovun ausgoen, datt mer haut lo alles a Steen hei meesselen. Mee et muss een awer och dovun ausgoen, datt dat, wat mer lo hei um Dësch leien hunn, Kapp a Fouss huet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer mat all deene Remarken, déi gemaach goufen zum Vott iwwerginn zum Avis vum PNOS. Wien ass mam Avis averstanen, sou wéi en hei virläit? **Dat ass unanime.** An da soen ech hei dem Gemengerot Merci fir d'Diskussioun.

3.2. Approbatioun vum Devis fir de Reamenagement vun den Alentoure vun der Maison Relais „Schwemm“ Phas 2

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géif ech proposéieren, dass mer op e Punkt vun de Gemegefinanzen, de Punkt 3.2. zrëckginn, wat d'Alentoure vun der Maison Relais „Schwemm“ ugeet. Ech weess, dass d'Leit do sinn. Dofir begrëissen ech ganz häerzlech an eiser Ronn d'Madame Weier, d'Architektin, déi mam Amenagement vum Extérieur vun der Maison Relais „Schwemm“ befaasst ass. Wou d'Phas 1 jo am Gaang ass, respektiv d'Phas 2, déi mer hei presentéieren. An dann och aus eisem zoustänneg Service de Mica da Silva. Et ass jo sou, dass mer hei am Fong en Devis estimatif virleien hu vun 150.000.- Euro, wat de Reamenagement ugeet vun der Entrée vun der oppener Schwämm. Et

ass jo sou, dass mer 2019 déi 1. Phas gestëmmt hunn, dat ass do wou déi direkt Entrée ass vun der Maison Relais. Dat huet mat 200.000.- Euro zu Buch geschloen.

Deen Devis hate mer hei gestëmmt. A mir hate jo och gesot, dass mir dee ganze Projet vum Reamenagement an zwou Phase géifen opdeelen. An elo ass dee lénken Deel, wat am Fong dann d'Phas 2 ass, déi mer hei dem Gemengerot wéilte virstellen, a wat dann eng Envergure huet vun 150.000.- Euro. An da géif ech ganz gären och dem Andrea Weier d'Wuert ginn, fir eng Kéier duerch de Projet ze féieren. Do ass jo och eng Powerpoint-Presentatioun preparéiert, déi hat Dir och an Ärem Dossier. Fir nach eng Kéier do op déi 2. Phas anzegoen. D'Andrea Weier huet d'Wuert.

ANDREA WEIER (BUREAU WEIER): Villmools Merci a schéine gudde Moien alleguerten. Et freet mech, dass ech dee Projet hei däerf virstellen. Wéi gesot, déi éischt Phas vun der Maison Relais, déi hu mer jo schonn d'lescht Joer absolvéiert gehat. Hei gesitt Der eng kleng Foto, déi ënnert d'Lann eriwwekuckt zu deem, wat do am Projet gemaach ginn ass. Hei ass de Plan d'ensemble. Den ënneschten Deel, dat wat liicht méi hell ass, dat ass dat, wat mer scho realiséiert hu mat där ganzer Entrée an d'Maison Relais mat engem Deel vum Schoulhaff, wou se dann eeben och am Ament schonn d'Schoul rëm kënnen notzen. Wou mer de Ping Pongs-Dësch rëm installéiert hunn, de Babyfoot an och eeben e puer Bänken amenagéiert hunn. Deen Espace ass zum Deel scho clôturéiert. An am ganz ënneschten Deel, hanne bei der Lann och mat engem Planzbac delimitéiert, wou dann d'Kanner kënnen hir Aktivitéiten am Gäertneresch testen. Hei eeben déi zwou Phasen, déi éischt Phas realiséiert, déi zweet Phas ass déi rout Phas, déi mer mat Rout hannerluecht hunn. Dat ass dee Beräich, wou fréier och schonn eng Kéier 4 Beem stoungen, déi an der 1. Phase ewechkomm si fir d'Installation de chantier kënnen ze realiséieren. Déi Beem waren deemools awer och an engem schlechten Zous-tand an dofir konnte mer se och net wierklech am Projet integréieren. Mee si sollten eeben och ersat ginn.

Wat ganz wichteg ass bei deem Projet hei, war, dass déi zwee bestoend Beem, déi mer am ieweschte Beräich vum Schwämmgebai hunn, datt mer déi stoe gelooss hunn. Et ass en Aesculus carnea briotii. An eng Magnolie, déi ganz kromm gewuess ass an e flotte Spillberäich fir d'Kanner degagéiert. Déi wäerte mer mat gréiss-

ter Viersuerg erhalen a se an de Projet integréieren. Mir hunn déi 4 Beem, déi mer ewechgeholl och rëm reimplantéiert an axéiert op déi nei Entrée vun der Schwämm. Respektiv net Entrée, mee zu dem ale Gebai, do war dat jo d'Hauptentrée vun der Schwämm an degagéieren doduerch och e flotte Fräiraum fir d'Kanner, deen herno e flotte sonneg-schiedege Beräich gëtt, well déi Beem natierlech net sou grousskrouneg Beem si wéi den Aesculus, déi rout bléiend Käscht. An mir hate geduecht, dass mer do – müssen oder däerfen – nëmmen einheimesch setzen. Dat heescht, dass mer do wäerte vun der Plantatioun hir de Feldahorn zum Asaz bréngen, wou mer e klengkrounege Bam hunn, deen awer ganz flott Schiedspiller ka mat rabréngen. Bei de Revêtementter hu mer praktesch dat selwecht Revêtement vun der 1. Phas iwwerholl. E permeable Beräich, deen d'Waasser no ënnen infiltréiere léisst. Den Neasto-Pave 1:39:21 ass dat als Material, dat mer do zum Asaz bréngen. Mir hunn och nach eng Kéier dräi Zeechekreesser mat virgesinn. Déi gesitt Der do an deene rouden Espacen.

An de Schoulhaff era komme mer iwwert eng grouss Paart, sou dass eeben och dat Thema Sécuritét garantéiert ass. Do kënnen d'Pompjeeën an de Schoulhaff erafueren. Do ass eng grouss Paart iwwer 4 Meter virgesinn, sou dass do d'Sécherheet och garantéiert ass fir dee Schoulhaff, deen op sengem ganze Pourtour och clôturéiert ass. Ausserhalb vun där Clôture hu mer awer och nach den Accès, fir hanne bei der Piscine laanscht ze kommen. Do wäerte mer och dee selwechte Revêtement huelen, wéi op där anerer Säit vun der Piscine. Dat heescht, dee Béton drainant perméable, wou dann eeben och d'Waasser sech kann infiltréieren a mir doduercher net vill an de Kanal wäerten eraféieren oder an d'Evakuatioun vum Waasser. Mer hunn zwar versigelt Flächen, mee alleguer déi Flächen, déi mer nei uleeën, si waasserduerchlässeg. Dann hei nach eng Kéier zu där Coupe, wou Der op de Schoulhaff oder de Maison Relais-Haff kuckt.

Do wou déi gestréchelt Linn ass, ass dat, wat mer realiséiert hunn an dat wat op där anerer Säit dovunner ass, ass dat, wat an där Phas lo mat reamenagéiert gëtt an deem selwechte Belag, wéi an der 1. Phas. An ënnert de Beem wäerte mer dee Beräich och einfach nëmme mat de Co-peauxen ofdecken, propper maachen, fir dat dann och als Spillberäich notzen ze kënnen. Do gesitt der och an der Coupe, am hënneschte Beräich, déi Trap. Dat ass déi Nouttrap, déi souwuel fir d'Maison Relais wéi och fir d'Schwämm zur Dispositioun steet. Dat ass natierlech eng Bau-

massnam, déi lo net am Kader vun eisem Reamenagement gemaach gëtt, mee déi gëtt am Kader vun der Piscine gemaach. Dat sinn Aarbechten, déi elo am Gaang sinn ofzelafen. An do ass eeben och gekuckt ginn, dass de Bam wierklech beschtméiglech protegéiert gëtt an d'Struktur sou realiséiert ass, dass do net en ze vill groussen Impakt op de Wuerzelberäich kënnt.

Voilà, hei e puer Fotoen, vun deem, wat mer an där 1. Phas gemaach haten. Eng Kéier dee Planzbac, wou och d'Holz fir eis e ganz wichtegt Element war, wat an deem Reamenagement hei zum Droe kéim.

Dann eeben och den Natursteen, kombinéiert mat Bänken oder och onofhängeg dovunner, déi als Umrandung vun deene Spillfläche wäerten zum Asaz kommen. De Prinzip vun der Clôture ass deen, dee mer och um Terrain hunn, dee wäert weidergefouert gi fir de ganze Site ze clôturéieren. Et gëtt just eeben och punktuell ënnerbrach op deem enge Beräich, nieft dem Accès vun der Livraisoun, wou mer och nach wäerten e Bus-Arrêt installéiere mat deem Modell, deen Dir och neierdénge hei zu Diddeleng iwwerall implantéiert. Dat heescht, eng iwwerdaachte Bushaltestell gëtt och Deel vun deem Projet. An dann hu mer jo och nach déi Phas Budget, wou den Här Buergermeeschter jo och schonn erwänt huet fir déi ganz Reamenagement, Terrassementsaarbechten, Betongsaarbechten, Revêtement, Kanal, Eclairage a Plantatiounen. An déi verschidden Elementer, déi mer am Kader vun deem Projet zum Droe bréngen, souwéi d'Honorairen, da leie mer bei deem Projet bei deenen 150.000.- Euro. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Ech soen och dem Andrea Weier Merci fir de Projet nach eng Kéier presentéiert ze hunn a fir d'Erklärungen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Villmools Merci och der Madame Weier fir d'Presentatioun. Mir hate scho relativ vill 2019 doriwwer geschwat, datt dat eng immens Verbesserung ass. Lo ass de Projet hallef realiséiert. Wann ee sou e bëssen zwee Joer zréckdenkt, a sech d'Situatioun ugekuckt huet, wann déi Kanner do an d'Maison Relais gaange sinn oder d'Leit an d'oppe Schwämm gaange sinn, da weess een, wéi waarm et do war bei 30 Grad a wéi een do stoung a wéi ee geschweesst huet. Ech mengen, well et och an Natur an Holz gehalen ass, ass dat Ganzt insgesamt eng Verbesserung. Fir d'Kanner a fir jiddwereen. Et ass och net méi déi Mixitéit, mir ginn an d'Maison Relais

ran an an engems gi mer an d'Schwämm. Dat heescht, dat ass elo e protegéierte Beräich, wou déi Kanner sech sécher fillen a wou een och d'Sécherheetsmesuren all kann anhalen. D'Fro war och virun zwee Joer: Wat fir eng Beem ginn ewechgeholl? Ech sinn natierlech frou, datt dee grouse Bam do lénks oder déi zwee, do stoe kënne bleiwen. Wuel wëssend, datt se iwwert där Trap sinn, wou d'Sortie de secours ass. Déi si jo gebotzt ginn a si wäerten nach e bëssen entholzt ginn. Mee eleng dat Erhale vun deem Bam, dat mécht awer och de Cachet.

D'Fro war déi Clôture. Ass déi och héich genuch? Déi soll net bis erop gezu ginn, fir datt et awer en Espace bleift, wou d'Kanner sech wuel fillen an net wéi an engem Prisong. Lo hu mer déi Clôture jo schonn eng Zäit an dat klappt immens gutt. Do klammen och d'Kanner net sou séier driwwer an et leeft och kee fort. Allgemeng ass dat do eng Verbesserung. Wat awer och eng Verbesserung ass, dat ass datt d'Claudia mat sengem Service Circulation do rout Luuchten installéiert hunn. Et ass nu mol en Ausgangsberäich vun enger Maison Relais an dat erlichtert enorm. Also och dat ass eng Verbesserung. Insgesamt mengen ech, datt hei kee Frang ze vill bezuelt gëtt fir dee ganze Projet. Et ass wierklech eng absolut Verbesserung. Och Vélosstänneren, do war och d'Diskussioun. Déi si schonn zum Deel do an et wäerten der warscheinlech nach bäikommen. Iwwerdaacht war d'Fro. Dat wäerten eis eege Servicer herno maachen, wann dat de Wunsch ass vun der Maison Relais. Vläch nach eng kleng Remark: Och déi Terrass uewen, wou soss d'Buvette war, déi kann och elo vun der Maison Relais genotzt ginn. Wat natierlech rëm der Maison Relais en Espace am Fräie gëtt, wou se sech kënne ophalen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci dem Josiane. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Och meng Felicitatiounen. Ech war mer déi Saach elo nach eng Kéier ukucken. Den éischten Deel ass ganz flott gelongen. An ech fannen et och ganz flott, déi Kombinatioun Schied a Sonn, dass d'Kanner och Plaz hunn, wou se kënne spillen, wou se sech kënne beweegen. Beweegung ass wichteg. An dass se sech och e bësse kënne zréckzéien ënnert de Schied vun deem grouse Bam. Wat mir och ganz gutt gefall huet, dat ass déi Clôture, och vun der Héicht hir a vun der Struktur hir. A wat ech och nach flott fannen, dat ass, datt mer d'Elteren dobaussen halen. Quitt dass déi dann och an der Rei stinn

an e bësse motzen, well se do musse stoen a waarden. Do krut ech gesot: „An da musse mer do waarden“. Du hunn ech geäntwert: „Da kënnt och keen Är Kanner klauen.“ „Ah jo, dat ass och wouer.“ Dat muss een de Leit dann heiansdo och sou erklären, dass dat och wichteg ass. Bon, dat eeben och zur zousätzlecher Sécherheet, dass keen erakënnt. Et weess een nie, Amoklauf a sou weider... Mee d'Leit hunn dat awer dunn direkt verstanen. Wéi gesot, dat gefällt mir ganz gutt. Och wéi et elo virgesinn ass, fir déi Beem do ze recuperéieren, virun allem dee witzege Bam, wou d'Kanner dann och mol erëm kënne op d'Beem kloteren, wéi dat och soll sinn. Dat ass ganz flott.

Ech hunn awer zwou Froen: Wéi ass dat mat där Nouttrap? Ass déi awer permanent vun ënnen accessibel? A wéi ass et dann do mat der Sécherheet? Net dass d'Kanner dann do erop rennen an dann uewen do op der Plattform iwwert der aler Piscines-Entrée ronderëm turnen. Dat ass, mengen ech, eppes, wou een nach muss kucken, wéi een dat da mécht. Well eng Nouttrap, déi kann ee jo net ganz zoumaachen. Oder gëtt dat just e One-way? Dat ass eng Fro. Dann och iwwer d'Sécherheet allgemeng. Mir hate schonn eng Kéier gesot gehat, de Claude Martiny hat schonn drop higewisen an och mir aner hei bannen hunn dat gutt fonnt, wéi déi Phas war mat der Zon 30 an der Parkstrooss.

Do wär vläicht awer nach eng Kéier ze iwwerleeën, ob een déi Zon net fix sollt festhalen, laanscht dem Jugendhaus, laanscht dem Lycée, laanscht d'Maison Relais bis an déi nächst Kéier. D'Claudia weess, dass mir dat all Kéiers soen an hat seet och all Kéiers dass et net sou einfach ass, mee mir soen et awer all Kéiers. Voilà, also Felicitatiounen zu deem gudden Projet, zu där gudder Kombinatioun. De Besoin vun de Kanner gëtt Rechnung gedroen a mir freeën eis schonn, wann et ganz fäerdeg ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Nach weider Stellungnamen?

JOS THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Och zum Thema Sécherheet. Do (um Écran am Sall) gesäit ee jo nach de Plan d'ensemble, do si grad beim Foussgängersträif dräi Beem. Do ass d'Visibilitéit wierklech net gutt. Et kënnt och nach e Busarrêt dohin, et si Parkplaze ronderëm. Mir fannen eigentlech, datt entweder d'Foussgängersträif op eng aner Plaz misst kommen, well d'Beem se do wierklech verdecken.

An deem selwechte Sënn si mer natierlech total dofir, datt déi Zon och mat an d'Zon 30 km/h mat rageholl gëtt. Well sou, wéi et sech elo do presentéiert, gesäit den Automobilist d'Leit oder d'Kanner, déi beim Foussgängersträif waarden, wierklech ganz schlecht. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Thill. D'Madame Kohn an dann d'Madame Heinen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Ech wëll och vu Säite vun der LSAP zum Ausdrock bréngen, dass eis de Projet super gutt gefällt, mee dat verwonnert jo och elo net. Mee ech hunn nach eng kleng Verständnisfro. Et war lo gesot ginn, den Daach ass elo uewen op, also d'Terrass, uewe fir eropzegoen, ass fir d'Kanner elo rëm disponibel. Ass do och eppes virgesinn, fir se do e bëssen ze schützen oder gëtt nach iergendwellech Infrastruktur amenagéiert? Oder ass dat vläicht lo net direkt virgesinn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir schléissen eis och un. Mir fannen dee Projet do och ganz flott. Et ass eeben net ganz grouss do, d'Surface gëtt net vill méi hir. Mee dat wat dann do gemaach gëtt ass op jidde Fall ganz positiv fir d'Kanner, déi ganz am Ufank jo do guer näischt haten. An och dass et waasserduerchlässeg ass a vill Natur, also d'Beem, erhale bleiwen, dat fanne mir natierlech och ganz gutt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är Stellungnamen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech soen och nach e klengt Wuert dozou. Ech hat jo schonn 2019 bei der Presentatioun vum Projet gesot, dass de Reamenagement vun der Plaz virun der Maison Relais „Schwemm“ mat der Neigestaltung vum Entréesberäich eng super Saach wier. An ech mengen, wou mer elo déi puer Fotoe gesinn hunn, dass domat dës Ausso komplett bestätegt gëtt. Wann déi 2. Phas, déi mer lo am Detail virgestallt krute realiséiert ass, dann hu mer eng flott Spill- a Rouplaz direkt virun der Dier vun der Maison Relais a brauchen net méi op eng Spillplaz an der Émgegend, wéi dat an der Vergaangeneheet, wou ech nach als Chargé tätég war, de Fall war, auszewäichen. Dës Projet konnt jo réischt erméiglecht ginn, nom Verleeën vum Entrées-

beräich vun der oppener Schwämm, deen an der Zäit och fir vill Duerchernee gesuergt huet wann d'Schwämm op war, souwuel banne wéi baussent der Maison Relais. D'Sécherheet ass also lo weesentlech verbessert ginn, souwuel ronderëm d'MRE, wéi dann och fir den Agangsberäich. Duerch d'Ubréng vum der Clôture laanscht den Trottoir kënnen d'Kanner also net direkt op den Trottoir rennen. Och d'Elteren, an déi, déi d'Kanner siche kommen, respektiv aner Leit, déi wëllen an d'Maison Relais, déi mussen sech lo fir d'éischt iwwert de Parlophon, Videophon, deen elo zur Säit vum Trottoir an d'Clôture integréiert ginn ass, mellen. Dann ass natierlech och ze begréissen, dass elo och d'Installatioun vun där Rout-Luucht-Anlag, - an déi wëll ech ervirhiewen- dass déi lo endlech dem Personal erlaabt, uerdentlech mat de Gruppen, respektiv den Elteren, déi d'Kanner bréngen oder ofhuelen, iwwert déi vill befuere Parkstrooss ze goen.

D'Visibilitéit war effektiv ugangs e bësschen entravéiert, wéi den Här Thill gemengt huet, mat deene Beem . Mee dat war awer och direkt vum Service gesi ginn, déi dann och direkt do gewiert hunn an eng Luucht iwwert d'Strooss gemaach hunn. Voilà, ech wollt just nach froen: mer hu lo jo déi Konditioun do vum Agreement, wou mer fréier zwar op der Terrass uewenop e klengen Deel amenagéiert haten, mat enger gréisserer Markis a mat e puer kleng Spillercher. Mee dat heiten huet awer elo scho méi e groussen Impakt, an ech wollt nach eng Kéier drun erënneren, dass eng Konditioun vum Agreement ass, dass een eng Spillplaz ronderëm d'Maison Relais soll hunn.

Mee datt mer an deem heite Sënn och mol eng Kéier kënne bei deene järeleche Kontrollen, respektiv einfach mol e Bréif un de MENJE schreiwen, fir do nach vläicht e Subsid ze kréien? Ech weess net, ob do schonn dru geduecht ginn ass? An ob een dat net vläicht eng Kéier sollt maachen? Voilà. Da wollt ech just nach froen... Et sinn de Moment nach vill Corps de Metiers do, déi souwuel am Vestiairesberäich schaffen, wéi och am Agangsberäich vun der oppener Schwämm schaffen. Do wollt ech just froen, ob schonn en Zäitplang do ass, wéini d'Aarbechte vun der 2. Phas sollen ufänken? Wéi vill Schaffdeeg sinn ongeféier geplangt? Dat waren déi Froen, déi ech nach wollt stellen. Selbstverständlech stëmme mir deen Devis do mat, well et ass eng weesentlech Verbesserung. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech profitéiere just vun der Geleeënheet, fir eng technesch Fro ze stellen. Ech géif gär wëssen, mat wéi engem Material, mat wéi engem Holz schafft Der? A wéi ass do d'Durée de vie dovunner? Dat ass eng Fro, déi mer eis schonn e puer Mol gestallt haten, schonn am Kader vun engem Chalet, wou d'Gemeng baut a wou eis gesot ginn ass, dass d'Holz eng ganz laang Durée de vie hätt an dass et den Architekt deemools e bësselche verwonnert huet, dass mir dat net woussten. An deem Kader hei, wou mer déi schéi Clôture maachen, déi ganz flott ass, géif ech ganz gär wëssen, mussen mer do en Entretien maachen oder hält dat vum selwen? Wéi gesäit dat do aus? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Den Här Martini huet mer effektiv de Botter e bëssen ewechgeholl vun der Schmier. Ech wollt och froen, mat wéi engem Holz hei geschafft gëtt. A vläicht och fir d'Zukunft en Denkustouss, dass ee vläicht méi op regional Produiten a regional Hëlzer zréckgräift a se net onbedéngt vun där anerer Säit vun der Welt afléien ze loosse. Mee ech fannen de Projet super. A wann ech sou e Projet gesinn, ass wierklech mäin Dag gerett, ech si glécklech fir de Rescht vum Dag. Et ass wierklech un immens vill Saache geduecht ginn. Et ass immens harmonesch opgebaut ginn. Meng Fro wier gewiescht, ob och e pedagogesche Gaart ka benotzt gi fir d'Kanner, fir mat Kraider oder Geméis... Jo, ech hunn dat lo net direkt gesinn, dofir meng Fro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Froen an déi harmonesch Stellungnam hei am Gemengerot zu deem dote Projet. Ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Andrea Weier, fir op déi méi technesch Aspekter vum Projet anzugehen an duerno un d'Josiane.

ANDREA WEIER (BUREAU WEIER): Bon, bei verschidde Froen, do kann ech keng Stellung huelen, dat ass ganz kloer. Wann ech lo op déi éischt Fro bezüglech d'Trap aginn, also déi Trap ass net direkt Kontext vun eise Projet. Si ass vun deenen Architekten, déi d'Schwämm reamenagéiere geplangt a gëtt och ënnert deenen hirer Supervisioun realiséiert. Et ass eng Noutausgangstrap, déi vun der Terrass vun der Schwämm erof an de Schoulhaff féiert. Ass also souzesoen eng One-way-Trap. Déi ass ënnen zou. Vun der Struktur

hir ass se e geschlossent Element an et kann ee just eraus. Also d'Kanner kënnen net iwwert déi Trap erop op d'Terrass goen. Et sief, d'Personal ass dobäi an déi spären op, fir dass se dann och vum Schoulhaff erop kënnen goen. Mee si kënnen sech net ameséieren, do d'Trap erop- an erofzelaufen. Dat ass net méiglech. D'Beem an d'Foussgängersträif. Do ass jo och schonn doriwwer geschwat ginn. Dat läit och e bëssen ausserhalb vum deem Beräich, dee mir lo wäerte realiséieren. Awer ech mengen duerch déi Realisatioun vun där Luuchtenanlag ass där Sécherheet vun där Foussgängersträif awer scho Rechnung gedroe ginn. Also ech hätt do lo net weiderhi grouss Bedenken an deem Beräich. Zur Zon 30 km/h kann ech mech lo net direkt äusseren.

Zu där Geschicht, wat ass méiglech, fir vläicht herno nach den Daach vun der Piscine ze amenagéieren? Dat läit och den Ament ausserhalb vu menger Méiglechkeet, iergend een Avis dozou ofzeginn. Wat déi Bänke bei der Trap vun der Entrée vun der Maison Relais ubelaant, dat si Bänken, dat sinn net Backen. Also de Planzbac, dat ass deen ënnert där grousser Lann, dat ass keng Bänk. Dat sinn déi dräi Elementer, déi do ënnert deem grousser Bam hänken. Dat si Planzbacken an do kënnen effektiv d'Kanner mat dem Léierpersonal oder mat de Surveillante vun der Maison Relais Aktivitéite maachen. Et stinn am Ament och Tomaten a Paprika an ech weess net wat nach alles doranner. Also den Usaz ass do. An ech mengen, wa se dat herno an hire Plang mat ranhuelen, da geschitt do sécherlech eppes. Mee um Niveau vun der Entrée, dat sinn 3 Bänken, déi mer hunn an déi och schonn um Terrain installéiert sinn, also do kann ee sech hisetzen an dann an den Haff erakucken.

Wat de Planning ubelaangt, ass virgesinn, dass mer am September ukommen. Dat heescht, mir sinn am Gaang, d'Preparatiounen ze maachen, fir d'Demande d'offre erauszeginn, fir de Gros Oeuvre. Wat déi Clôture ubelaangt, déi hunn Är eege Servicer gemaach, dat heescht deene kënnt Dir och selwer felicitéieren, well se hunn eng gutt an och eng flott Aarbecht geleescht. Dat Holz, dat bei där Clôture zum Asaz komm ass, ass Robinienholz. Wou genee dat elo hierkënnt, dat misst ech nofroen, dat kann ech elo net soen. Mee ech mengen net aus iergend engem Regenwald, mee vläicht awer éischerter aus den nordesche Länner. Ech mengen net, dass dat lo ganz regionaalt Holz ass. Bei deene Planzbacken, do ass eeben drop gekuckt ginn, dass mer mat Eech schaffen, och do kann ech lech lo kee Certificat ausstellen, aus wat fir engem Bësch et kënnt. Dat hunn ech lo

net nogefrot, well ech dat net préparéiert hat.

Wat d'Laangliewegkeet ubelaangt: Dat Holz, wat mer lo do am Asaz hunn, ass eigentlech net a Kontakt mat Buedem an ass och eng Stol-Holz-Konstruktoun, wat d'Gelänner, also wat den Drot ubelaangt. Also vun deem hir ass eigentlech net vill, ausser wann et reent, Waasser wat do stoe bleift. Dat heescht, dat Holz kann – ech leeë lo net meng Hand an d'Feier – mee 30-40 Joer kann dat theoretesch awer op där Clôture halen, well et net a Kontakt ass mat fiichten Elementer, wat bei deene Backen eventuell en anere Fall ass, vu dass déi op enger Holzstruktur drop fixéiert sinn. Mee och do ass nach mat MDF-Placke geschafft gi bannendran. Dat heescht, mir hu keen direkte Kontakt vum Buedem mat dem Holz am baussechten Encadrement. Sou datt och do gekuckt ginn ass, fir dat qualitativ héichwäerteg auszeschaffen. A mir hoffen, dass déi Saache laang halen, an dass net iergendee sech eng Kéier ameséiert, do e Feier dorënner ze maachen, well dann hält och d'Holz net. Mee soss si mer awer relativ gutt fir ze starten.

An ech menge mir géinge mat deene selwechte Materialie virufueren an och erëm op Är Servicer zrëckgräifen, fir de Rescht vun der Clôture z'amenagéieren, fir dass mer wierklech dee selwechte Stil herno iwwert dee ganze Site hunn. Ech hoffen, ech hunn op all déi Froen geäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi doten Explicatiounen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ganz kuerz nach zwou Saachen, déi ech wollt soen. D'Madame Heinen hat geschwat vun engem klengen Beräich. Wann ech sou d'Längt kucken an d'Metercarréen, ech mengen, da leie mer awer tëscht 800 an 1.000 Metercarré Fläch, déi do virun der Dir ass, wat jo awer net kleng ass, wat jo net grad näischt ass. Dann zum Beräich Terrass, wou d'Madame Kohn gefrot huet. De Moment ass do nach net geplangt, wat do dohinner kënnt. Fir d'éischt ware jo mol d'Aarbechte virun der Dier. Wat herno kënnt, dat muss mer mam Personal kucken. Ech muss awer soen, sou Reuniounen mam Personal an der Maison Relais, dat war scho relativ schwierig während der Kris.

Dat heescht, mir ware scho frou, wann net ze vill Leit do era getrëppelt si während der ganzer Kris. Mir wäerten dat direkt an der Reentrée maachen. Merci. Jo vläicht zu de Subsiden. Effektiv, bis elo



hat d'Maison Relais nëmmen e klengen Bausseberäich. D'Visitte fir den Agreement vun der Madame Schuller déi sinn am September virgesinn, an da schwätze mir do mat hir driwwer an da géife mer och ufroe fir de Subsid ze kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Den Här Thill huet vun engem Sécherheetsproblem beim Zebra geschwat. D'Madame Weier an och den Här Zuang sinn eng Kéier kuerz drop agaangen. Also mir ass elo do och näischt méi zu Ouere komm. Ech mengen de Mica da Silva, dee sëtzt hei. Wann do nach iergendeppes sollt sinn, da kucke si dat. Mee wéi gesot, mir ass do näischt méi zu Ouere komm, sou datt do alles misst an der Rei sinn. Mir hu jo och eng Luucht mat „Bouton poussoir“ gemaach. Och fir sou eng Luucht ze maache muss een op Autorisatiounen waarden. Mee déi hu mer, an dofir ass dat lo och a Musek ëmgesat ginn. Fir de Rescht, wat den Tempo 30 km/h ubelaangt: mir kënnen eis hei drunhalen, wéi de Geck un de Bengel, mee ech muss lech ëmmer déi selwecht Äntwert ginn, déi ech vun enger Etage oder zwou Etage méi héich kréien, well mir dat als Gemeng hei leider net kënnen eleng decidéieren. Mir kéinte souguer higoen an dat stëmmen. An da schécke mer et an, an da kréie mer et verworf an dann hu mer nach näischt geschafft.

Dofir widderhuelen ech meng Äntwert, déi ech de leschte Gemengerot ginn hat. Mir haten am virechte Gemengerot jo een Deel Zon 30 km/h do an der Parkstrooss gestëmmt, well mer do och en Avis positif kritt haten. An du si mer och higaangen a mer hu gefrot, ob mer net och nach déi Zon 30 km/h do kéinte verlängeren. An do krute mer en negativen Avis vun der staatlecher Verkéierskommissioun, wat den Tronçon 30 km/h ugeet. Si hunn eis deen Deel Tronçon laanscht d'Schoul jo accordéiert. Se wëllen net, datt dat nach vill méi soll verlängert ginn, well – an dat soen ech och all Kéiers – fir si déi Rue du Parc eng Verbindungstrooss ass, wou ronderëm scho lauter Zon 30

km/h sinn. Dat ass d'Argumentatioun, firwat mir dat net kënnen maachen. An ech mengen, dann hätt ech lo näischt vergiess.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia. An da ginn ech d'Wuert nach weider un de Manderscheids Ren, eisen Holzexpert.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt just ganz kuerz op d'Interpellatioun vun deene Gréngen äntweren. Den Diddelenger Gemengerot huet schonn am November 1989 eng éischt Resolutioun an huet am Juni 2005 eng zweet Resolutioun gestëmmt, wou mer ganz kloer soen, dass mer op Tropenholz komplett verzichten. Sou dass mer hei zu Diddeleng nëmme lokaalt, respektiv regionaalt oder wat och ëmmer mer vun Holz profitéieren, mee op kee Fall Tropenholz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, Merci. Ech mengen all Froe goufe beäntwert, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Devis estimatif vun 150.000.- Euro averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci. Och dem Andrea Weier an dem Mica da Silva Merci fir hir Presenz haut de Moien hei am Gemengerot.

4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Approbatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun vum Fundamental fir 2021/2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen an dat ass déi provisoiresch Schoulorganisatioun, déi de Moien hei wäert presentéiert ginn. An da ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, eiser Schoulschäffin, d'Wuert fir d'Aféierung ze maachen an d'Presentatioun.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buegermeeschter. Den Erni Ferrari an de Joël Mischaux, déi si lo warscheinlech hei virun der Dier an déi kommen elo ran. An ech géif da kuerz, éier ech zur provisoirescher Schoulorganisatioun kommen, e puer Wuert soen. D'Schoulorganisatioun, déi mir d'lescht Joer haten, déi stoung wierklech am Kader vun der Kris. Et ass kaum iwwer Zuele geschwat ginn, et ass méi driwwer geschwat ginn, wéi geet et virun? Wéi leeft et an eise Schoulen? Wéi geréiere mer et? Déi Zäit, dat hoffen ech wéinstens, déi

ass elo zum Deel eriwwer. D'Organisatioun gëtt rëm vill méi normal, wéi se bis elo war. Ech wëll awer an deem Kader soen, dass et wierklech e schwéiert Joer war.

E schwéiert Joer fir all Partner an de Schoulen, am Fondamental, mee och an der Maison Relais. Et ass ugaange mat Hänn wäschen, desinfizéieren, léften, bis zu de Masken. Da sinn och nach Schnelltester dobäikomm an der Maison Relais, mee och an der Schoul. Ech wëll awer hei profitéieren, fir all deene Leit: den Enseignanten, der Direktioun, dem Erni Ferrari, dem Joël Mischaux an och dem Personal aus der Maison Relais e grouse Merci ze soen an och dem Rescht vun eise Personal vun der Gemeng. Dat war net nëmmen e risegen Opwand fir déi, wou sech ëm d'Kanner këmmen, mee och d'Ennerhale vun de Gebaier, Botzen, alles dat war eng grouss Erausforderung, dofir vu menger Säit hei a vun eis allegueren e grouse Merci un déi alleguer.

Ech begréissen hei nach den Erni Ferrari an de Joël Mischaux, déi lo hei ënnere sinn. Da kéim ech zur provisoirescher Schoulorganisatioun. Dir hutt wéi gewinnt, wéi och all déi Jore virdrun, all déi Dokumenter virleien. D'Propositione vun de Schoulen, d'Ressort scolaires, d'Pausen, d'Surveillance-Pläng, d'Circulaire vum Ministère. Ech mengen och do stinn e puer Ännerungen oder Neierungen dran. An natierlech de Rapport vun der Schoulkommissioun, deen awer schonn op den Abrëll zréckgeet, well mer hu misste relativ fréi dëst Joer déi Schoulkommissioun maachen. Bon, dann zu den Detailer. Och dëst, Joer – dat ass zwar schued, mee et ass awer sou - krute mer rëm manner Stonnen, Leçonnen attribuéiert. Dëst awer net, well den Indice social oder iergend eppes geännert huet, mee einfach doduercher, datt d'Schülerzuel nach wie vor réckleefeg ass. Do verléiere mer natierlech ëmmer Stonnen am Contingent.

Mir hunn dëst Joer 3.707 Leçonnen attribuéiert kritt, an ech mengen dat ass e Minus vun 39 Stonnen. Wat ech nach wollt soen: déi Zuelen hu mer jo Ufank Mäerz kritt, dat si ronn 20 Kanner manner am Fondamental. Dat wäert awer nach no uewen adaptéiert ginn an dëst am Juni/Juli. An dann, den Taux d'encadrement, dee Koeffizient, dee bleift onverännert dëst Joer. Wat nach gefeelt huet, wat mer awer dëst Joer Ufanks Mee schonn accordéiert kruten, dat waren déi 138 Leçonnen de Remplacement permanent. Dat si 6 Posten. 92 Leçonne Cours d'accueil, dat si 4 Posten. An dann natierlech den Instituteur spécialisé fir d'Prise en charge vun den Enfants à

besoins spécifiques, dat sinn 126 Leçonnen. Mir hunn eng Schoul méi, dat kënnt nach dobäi. Mee d'Opdeele vun de Contingenten, fir iwwerall gerecht déi Stonnen ze verdeelen, ass natierlech ëmmer eng relativ schwéier Aufgab. Schwéier war awer och dëst Joer, datt dobäi kumm ass, datt déi Opdeelung vum Contingent scho ganz fréi huet misste gemaach ginn, sou datt nach net all Zuele virloochen, sief et vun den Allongementen iwwert d'Arrivéeen an d'Departen. Sou datt et wierklech ganz, ganz schwéier war, fir do dat gerecht ze maachen. Bon, wéi gewinnt, sinn d'Présidenten an och d'Comité d'École sech relativ gutt eens ginn, sou datt och jidderee seng Stonne krut, déi e wollt, oder säi Contingent.

Da wëll ech e bëssen op déi eenzel Cyclen agoen. Ech fänken u beim Precocé. Do ass et anescht, wéi déi Jore virdrun, do ass et relativ héich an d'Luucht gaangen. Mir hunn 214 Bréiwer rausgeschéckt, do krute mer direkt 145 Inscriptiounen vu Kanner, wat e Plus ass vu 15,9%. Wat eigentlech enorm ass. Bis elo hunn d'Leit d'Kanner éischter an de Crèche gelooss, mee dat wierkt awer elo, dass mer Maison Relais ubidden. An dofir fannen ech dat ganz gutt. Bon, d'Elteren hu verschidde Plagen ugebuede kritt. Den A-B-Grupp, dat si véier Mol eng hallef Plage, oder den E-Grupp, dat ass d'ganz Woch normal, wéi d'Spillschoul och. Dann hu mer 90 Kanner am E-Grupp a 55 Kanner am A-B-Grupp. Einfach zum Verglach: d'lescht Joer hate mer der 75 am E-Grupp a 46 am A-B-Grupp. Da sinn direkt 82 Kanner an d'Maison Relais ageschriwwen ginn.

Dat heescht, mir hunn an de Structures d'Accueil 82 Inscriptiounen. Ech wëll do och zu deenen eenzele Strukture soen, wat och nei ass, wat e bëssen ännert. Dir wësst datt d'Lenkeschléi am Januar net ugefaangen huet mam Precocé. Dat heescht, do kënnt lo déi Klass am September bäi, dat heescht déi geet op. Dann hu mer Brill-Lenkeschléi, do hu mer 2 Klassen, d'Gafelt, do hu mer weiderhin eng Klass. Butschebuerg, dat läit awer e bëssen dodrun, datt wéineg Kanner do an de Precocé ginn, datt mer Schwierigkeeten hatten, fir déi Klass ze fëllen. Déi Klass geet a vum Precocé. Wat net heescht, dass déi Kanner kee Precocé kënne kréien, mee déi ginn an de Ribeschpont. Do entsteet eng ganz nei flott Struktur, déi ginn do integréiert. Am Ribeschpont hu mer an Zukunft zwou Klasse vum Precocé. Strutzbiérg – 1 Klass. An dann, wat ganz nei ass, dat war och och ëmmer de Wonsch fir déi Klass am Eecherdall, wou d'Kanner e bëssen isoléiert am Schoulgebaai waren, fir déi ze integréieren an eng Schoul. Mir hunn dat elo fäerdeg bruecht,

mir kennen de Precoce an Italien mat Betreuung ubidden.

Bis elo war et ëmmer sou drëpsegweis, wou d'Elteren hir Kanner an den Eecherdall ugemellt hunn. Hei war bannent enger Woch déi Struktur an Italien voll. Also och dat ass relativ gutt bei den Elteren ukomm. Sou datt mer lo dëst Joer 8 Klasse Precoce hu vis-à-vis vum leschte Joer, wou mer der 7 haten. Da wëll ech op de Cycle 1 agoen. E puer Zuelen einfach. Do ass dëst Joer eng Klass manner, an dat an der Gafelt. Déi hunn op eng Klass do verzicht, well soss hätte mer d'Klassen net sou gutt gefëllt kritt. Bon, wat awer och ass, si verléieren, net nëmmen duerch déi Klass, déi ofgeschaaft gëtt am C1 Leçone 26, mee si verléieren och am Appui 14 Leçonen. An da vläicht d'Moyenne vun de Schüler, déi am Cycle 1 sinn. Déi geet vu 14,8, wou mer d'Moyenne an de Klassen haten dëst Joer op 16 erop. Dann zum Cycle 2 bis 4. Do bleift et onverännert mat 88 Klassen. Et sinn zwar 13 Schüler manner, mee dat bleift awer an deene Klassen onverännert.

Da vläicht zu deenen eenzele Klassen. Mir hunn zu Butschebuerg e 4.1. do sinn nëmmen nach 20 Kanner, dofir maache mer do nëmmen nach 1 Klass. Mir hunn och eng Klass manner am Brill, am C2. Eng kennt dobäi um Däich. Ech mengen d'Situatioun um Däich, déi ass ëmmer speziell, dofir léiwer do manner héich Effektiver an eng Klass méi. An dann och an der Lenkeschléi, am neie Gebai, an do gesäit een dann och e bëssen, wéi dat geet. Do kennt och eng Klass bäi. Mir hunn do elo schonn e Cycle 2, dee mer mussen doubléieren. Mir hunn d'lescht Joer mat enger Klass ugefaangen an no engem Joer musse mer schonn eng Klass bäimaachen. Do gesäit een, wéi séier dat geet.

Dann zu de Schoulen insgesamt. Mir verléieren Appui. Ausser de Brill. De Brill huet einfach héich Effektiver am C.2, mee och am C.4, dofir kréie si e bësse méi Appui, oder si behalen hiren Appui, soe mer et mol sou, well se da keng Klass méi maachen a méi héich Effektiver hunn. Zu Butschebuerg, do ass et sou, dass jo eng Klass manner war. Ech hat dat scho gesot. Et ass eng grouss Klass, et sinn 20 Kanner. Mee fir se opzedeele, dat wäert relativ kleng Klasse ginn, dofir sinn déi do éischer op där enger Klass bliwwen. Um Däich do hu mer relativ vill Primoarrivanten, dofir ass et och do besser, eng Klass bäizemaachen.

Dat wat d'Direktioun schonn d'lescht Joer accordéiert huet, den Här Mischaux kann eis dat jo och soen, dat ass deen Enseignant supplémen-

taire, dee mer accordéiert kruten, fir d'Ekippen um Däich ze verstärken.

De Projet CASE a Förderzentrum, déi ginn natierlech och weidergefouert. Ech mengen, Dir gesitt dat am Detail, wann der d'Proposition kuckt. Dann hunn 2 Enseignanten um Däich de Projet „Léisungsteam“ op d'Bee gestallt. E Projet, dee jo och schonn an der Gafelt ass. Ech mengen hei ass de But, geziilt géint Mobbing an der Schoul oder aggressiivt Verhale virzegoen. Mir hunn och Kanner, déi maachen e Refus de travail, déi einfach soen „Mir maachen dat lo net“. Si wëllen hei geziilt dogéint virgoen. Si hunn dat presentéiert. Et sinn och verschidden Enseignanten um Däich, déi dat wëlle matmaachen. Si maachen dat de Moment benevole, well si dat einfach wichteg fannen. Och hei vun eiser Säit aus e Merci u si, datt si dat maachen. Mee awer och d'Gafelt, Merci datt si dee Projet och weider wäerte féieren.

D'Gaffelt war och relativ schwéier ze plange well mer d'Zuele vun den Allongementen nach net woussten. Si hunn natierlech e Verloscht am Appui. Soss war de Cycle 1 véier Klassen. Si maache lo fir all Cycle 3 Klassen, dat ass hir Proposition. D'Lenkeschléi. No der Ouverture vun der Schoul, déi am Januar jo opgaangen ass, bon mir haten déi provisoersch Organisatioun zwar schonn d'lescht Joer gemaach, do ass et sou, dass am Cycle 2.1 eng Klass bäikënnt. Ech fannen et ganz wichteg hei ze soen, wéi gutt datt mer virdu reagéiert hunn an d'Säit sou amenagéiert hunn datt een einfach mat Mobilier kann direkt dorausser e Klassenall maachen.

Wat an der Lenkeschléi relativ speziell ass, Dir gesitt dat, wann Dir d'Ressorts scolaires kuckt... Natierlech wëllt jiddwereen, dee ronderëm wunnt, an d'Lenkeschléi goen. Dat ass awer ganz schwéier ze geréieren. Ech mengen, de Quartier wisst. Einfach wann ech kucken, datt mer vun 28 Kanner op 44 Kanner erop ginn an engem Joer. Da gesäit een datt eleng d'Lenkeschléi jo schonn e Surplus huet vu souvill Kanner. An da gëtt et relativ schwéier, fir de Ressort scolaire ze definéieren an ze soen, mir fueren do weider, wou mer d'éischt Joer ugefaangen hunn. Mir hunn d'lescht Joer ugefaangen, do konnte mer verschidde Stroosse bäihuelen. Mir hunn awer lo scho gemierkt, wéi séier et geet. An dofir hu mer lo de Ressort scolaire, ech mengen Dir hutt en och virleien, deen ass nei definéiert ginn. Mir passen natierlech drop op, an dat ass ganz wichteg, datt, wa Geschwëster an der Lenkeschléi scho sinn, an et kommen do Kanner bäi, datt mer déi dann ze-

summe loossen an net d'Eltere bei zwou Schoule fuere loossen.

Ribeschkpnt, dat hat ech jo gesot, do kënt eng Struktur bäi am Precocé, déi an deem neie Gebai. Dat ass fir d'Gafelt och e bëssen ze entlaaschten, well d'Gafelt, déi ass relativ voll. An awer ass et och fir déi Kanner vu Butschebuerg, déi kënnen dohinner goen. Déi wunnen och, wann ee mol kuckt, genau sou no beim Ribeschkpnt wéi op där aner Säit bei Butschebuerg. Si wunnen ënnen an der Rue des Saules an uewen, Mont Saint Jean, dat kréien se och einfach vun der Distanz hir. Wichtig um Strutzbiérg. Si behalen den Appui am C1, well deen enorm wichtig ass. Si verléieren e puer Stonnen am C2. Bon, Strutzbiérg ass e ganz, ganz schwéieren Terrain, mir wëssen dat alleguer. Mee d'Direktioun steet do voll derhannert fir dat Gebai oder déi Schoul ze ënnerstëtzen. Si hunn och de Fränk Engel, dee chargéiert ass fir de Projet Gewaltpreventioun ze maachen. Och deen hëlleft ganz vill um Strutzbiérg, deen ass och am Gaang, do e Projet op d'Been ze stelle fir Gewaltpreventioun. Ech wollt och soen, dass de Paul Vaessen mat senger Ekipp aus der Direktioun hei dat néidegt Personal zur Verfügung stellt. Well ech mengen, Dir sidd lech all bewosst, dass d'Situatioun um Strutzbiérg relativ schwierig ass.

Dir wësst och natierlech datt mer net nëmmen Enseignanten hunn. Mir hunn natierlech och d'Instituteurs spécialisés an eise Schoulen. Do ass fir all Schoul een do. Do kann de Joël herno drop agoen. Och d'Educateurs spécialisés, déi natierlech och ganz wichtig sinn. D'Psychologen, déi an der Direktioun sinn an och d'Pedagogen, dat seet herno alles de Joël Michaux. Vlächcht dann e Wuert zur Psychomotricienne. Well ech weess, datt déi Fro jo iergendwou eng Kéier kënnt. De Paul hat mer gesot, mir hunn zwou hallwer. Wat ganz flott ass, dat ass datt mer elo en Airtramp kréien an der Crèche Italien uewe mat engem Sall, deen deene Leit zur Verfügung gestallt gëtt an dann natierlech d'Kanner vum Fondamental och do kënnen dovun profitéieren.

Schoulschwammen, ganz kuerz dozou. Et war lo an der Kris relativ schwéier, fir normal schwammen ze goen. D'Schoulen hunn dat Bescht draus gemaach, mee natierlech war et net sou wéi gewinnt, ëmmer sou all 14 Deeg eng Kéier, wéi dat lo ass. Ab der Rentrée hoffen ech, datt dat sech normaliséiert. An da wäert d'Schoulschwamme sou lafe wéi dat anert och. LASEP, och do war et relativ roueg. Mee et fänkt awer och rëm un. D'Kanner ginn och rëm an d'LASEP, dat bréngt

natierlech och eppes mat sech. Ganz wichtig, wat ech awer nach wëll soen, ass d'Informatik an de Schoulen. Während der ganzer Kris hu mer gesinn, wéi wichtig ass d'Informatik an de Schoulen. Dat spillt eng enorm Roll. D'Kanner mussen kënnen en I-Pad zur Verfügung hunn. Grad während dem Homeschooling haten d'Kanner en I-Pad, dee se konnte gebrauchen. Mir sinn am Gaangen, an dat ass dat, wat ganz flott ass. Mir hu Butschebuerg, dat ass fäerdeg. Si hunn iwwerall Ecranen. Si hunn och eng interaktiv Tafel, si wollten keng zwee. Si hunn eng interaktiv Tafel, déi dann dem C4 zur Verfügung steet.

Dann de Ribeschkpnt, do si mer am Gaangen. Do wäert elo an der Summervakanz alles fäerdeg gemaach ginn. Mir hunn nach iwwerall I-Padden nogeliwwert. Den Däich soll ëmgeännert ginn, dat kënnt awer réischt d'nächst Joer. A Brill a Strutzbiérg. Strutzbiérg ass scho besser ekipéiert wéi de Brill, mee de Brill, do mussen mer fir d'éischt kucken, wéi et mam Elektreschen ass an da wäerte mer och hei déi néideg Teleën an och interaktiv Tafel fir de Coding ze maachen, installéieren. Vlächcht e kuerzt Wuert zu de Points de rencontre Pedibus. Dir wësst, datt mer iwwerall ronderëm d'Schoulen am Gaang sinn, Point de rencontres de maachen. Do gëtt de Projet lancéiert fir d'Rentrée. Mir waren och elo an der Lenkeschlei an och do wäert dat ab der Rentrée lafen. Mir maachen natierlech och do eng Presentatioun. Dann, Dir wësst, d'PDSen, déi si lo dëst Joer um Ordre du Jour. Déi wäerte mer an där nächster Schoulkommissioun, déi den 21. Juni ass, presentéiert kréien, wéi och de PEP, dat ass och ganz kloer.

An dann nach ee lescht Wuert, an dann ass et un lech. Mir maache mam Erni Ferrari zesummen, den 30. Juni, well et ass ëmmer vill Diskussioun, fir eng Presentatioun an der Schoulkommissioun ze maache vum Aarbechtsgrupp Waldschoul. Well do wëll jo jidderee wëssen, wéi geet et virun. Do-fir hu mir dat elo decidéiert. Mir wäerten dann awer och net nëmmen d'Waldschoul presentéieren, den Aarbechtsgrupp. Mir wäerten lech och e Konzept Ribeschkpnt an och d'Konzept vun der Crèche presentéiere fir ze diskutéieren. Da wësst Der deen Datum schonn. Ech hoffen, datt dat an der Rei ass. Den 30. Juni. Dat war et vu menger Säit aus. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci dem Josiane fir d'Presentatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun. An elo ass et un deenen anere Parteien, fir och dozou Stellung ze huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Merci Josiane fir Deng Explikatiounen. Zackeg derduerch, dat ass och gutt esou. Am Numm vun der CSV soe mer der Schoulekippen ronderëm den Erni Ferrari an den Direkter Joël Mischaux, de Schoulpresidenten, de Komiteeën a virun allem den Enseignanten an allen Intervenanten an eise Schoulen an der Direktioun an och an de Maison Relais villmools Merci. Eis 7 Quartiersschoule funktionéieren gutt, well mer hunn der jo lo 7. A wat ëmmer erëm faszinant och ass, dat ass déi friddlech Cohabitatioun tëscht Schoul a Maison Relais. Ech mengen do si mir eng exzeptionell Gemeng, well dat leeft nach op laang alen Terrainen net sou problemlos wéi hei.

An ech mengen dat ass, well mer och alleguer hei op dës Bänken ëmmer derhannert stoungen dass och eis Maison Relais a kommunaler Hand sollt bleiwe mat allem, wat dat bedeit. Mat allen Investe, mat alle Personalproblemer, déi mer hunn a Gedanken, déi mer musse féieren. Mee dat ass gutt esou. An et kann och just gutt funktionéieren, wann nieft den Intervenanten an der Schoul an an de Maison Relais och déi Verantwortlech vun der Gemeng, an dat misst een hei vläicht eng Kéier soen, an domat si mir hei bannen och all gemengt, dass mir der Schoulorganisatioun och all Joer eis Zoustëmmung ginn. Dat ass jo och an deene leschte Joren ëmmer unanime geschitt.

D'Zesummenaarbecht Betreuungsstrukturen a Schoul huet bei eis e ganz grousser Stellenwert, och sou ass et méiglech, pedagogesch Konzepte, souwuel fir d'Schoul, wéi fir d'Maison Relais, déi ëmmer an der Noperschaft sinn, zesummen auszeschaffen an ëmzesetzen. A leider hu mer jo réischt an dräi Wochen d'Presentatioun vum PEP a vun dem PDS an do wäerte mir jo och nach eng Kéier d'Geleeënheet hu fir d'Wichtigkeet vun där kontinuierlecher pedagogescher Aarbecht souwuel an der Schoul wéi och an der Maison Relais nach ze ënnersträichen. Dann elo zur Schoulorganisatioun. Sait 16 Joer bitt Diddeleng der Precocé un. Sait 16 Joer:

Dat heescht, déi éischt sinn elo schonn op 4ième/3ième. Saitdeem huet d'CSV all Joer op d'Wichtigkeet vun der Méiglechkeet fir den Ausbau vun de Precocé-Klassen higewisen a virun allem och fir d'Méiglechkeet, eng Kantin an d'Betreuungsstruktur fir Precocé-Kanner unzebidden. Fir den Elteren, déi berufstätig sinn an déi net d'Chance hu fir Grousselteren ze hunn, wou d'Kanner kënnen heem iesse goen, fir deenen och d'Méiglechkeet

ze ginn, eng Kompatibilitéit Beruff a schoulesch Betreuung optimal ze erméiglechen.

An mir waren och déi éischt oder déi zweet Gemeng am Land, de Rom, dee bestätegt dat, mee op jidde Fall eng vun deenen éischten, déi eng eeg Cohabitatioun hate Precocé-Maison Relais-Struktur op Lenkeschleé. An déi och all Joer an null komma nix hir Offer ausgebucht hat. Et war zwar et bëssen zéi, et huet 15 Joer gedauert, mee lo si mer haut do, wou mir eis ëmmer virgestallt haben, wou mer sollten higoen.

Mir si ganz gutt opgestallt. Och dank gudden Investissementer an eis Infrastrukturen an an eist Personal, si mer souwäit, dass mer iwwerall eise Precocé-Klassen, souwuel e Mëttesdësch wéi och eng Ganzdagsbetreuung ubidde kënnen, an dat freet eis ganz besonnesch. Well mir waren ëmmer déi, déi als éischt gesouert hunn a mir sinn ëmmer ausgebremst ginn, dass do net de Besoin do wär. Mee wéi gesot, de Succès vun där héijer Aschreiwungsquot vun 68% vun de Precocé-Kanner vun der Stad Diddeleng, dat schwätzt fir sech. An 146 Kanner vun 214 méigleche Kandidaten ginn elo mat dräi Joer bei eis an de Precocé. A vun de Structures d'accueil, do profitéieren 60% dovun. Dat ass scho remarkabel a mir si ganz frou dass mir all zesummen ëmmer erëm déi Energie haben, fir an déi Richtung weiderzegaen.

Wéi gesot, mir hunn ëmmer op d'Wichtigkeet vum Precocé gepocht. An do geet et net nëmmen ëm déi fréi Sozialisatioun vun deene kleng Kanner an enger Grupp. Net nëmmen ëm déi gutt pedagogesch Aarbecht, déi gemaach gëtt. Dat Allerwichtigst an eisen Aen ass awer d'Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch am Precocé. Fir domadder och e gudden Start ze hunn an d'Léiere an eng Prämiss fir an eise dach usprochsvolle Schoulsystem matzekommen. Mir haben och suggeréiert, dass et interessant zu Diddeleng wär, mol eng Etüd ze maachen, vu que dass mer lo scho sou laang déi Precocé-Strukturen hunn, vläicht mat der Uni Lëtzebuerg. Fir ze kucken, ob déi Kanner, déi de Precocé besichen och wierklech manner Schwierigkeeten hunn op hirem Schoulparcours. Dat wär vläicht mol eng interessant Evaluatioun. Vläicht ass schonn an déi Richtung ugeduecht ginn, dat ass mol eng Fro, déi ech vläicht einfach hei an de Raum stellen. Well zemools Kanner, wou doheem net Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an där hu mer extrem vill hei zu Diddeleng, wou och net an enger lëtzebuergeschsproocheger Crèche sinn, déi hunn et déi éischt Jore schwéier an der Schoul. Well wann een d'Sprooch net versteet, gëtt ee

schnell frustriert oder traureg. Wortlosegkeet féiert oft zu depressivem Verhalen, awer nach vill méi oft zu aggressivem Verhalen, wourënner de Schoulsuccès natierlech och leit.

An zu Diddeleng, dat ass e Fakt, hu mer just nach eis zwou kommunal Crèchen, d'Nuddelsfabrik an d'Minettstäpp, wou just Lëtzebuergesch geschwat gëtt. All – ech betounen all ! – aner Crèche hänkt sech zwar de Mäntelchen un, och lëtzebuergeschsproocheg Betreierung unzebidden, mee wann ee mol nofreet, do sinn a ganz ville Crèchë just een bis maximal zwee Betreier am ganze personelle Contingent, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Oft souguer mol net als „Native speaker“, déi awer soen „Esch schwätzenn e bëssen Lëtzebuergesch“ an domadder komme mer och net virun. Wann d'Kanner net richtig Lëtzebuergesch léieren, da bréngt dat alles guer näischt. Mee et si vill Crèchen, déi sech just de Mäntelche vun der Lëtzebuergeschsproochegkeet ëmhänke fir den Agreement ze kréien. Do sinn a mengen Aen net genuch Kontrollen, mee dat ass en anere Punkt.

Mee dofir, wéi gesot, ass et wichteg, dass mir den Ausbau vu lëtzebuergeschsproocheg Crèchen, och als Gemeng, seriö huelen. Dat ass am Fong och e Virschrëtt zu eisem gudden Ausbau vun de Precocen, an dat solle mer och weiderhi fërderen. Well awer vill Kanner an deenen anere Crèchë sinn, si vill vun eise kleng Butzen net méi mam Lëtzebuergesch konfrontéiert. Dat héiert ee jo och an der Schoul. An elo heescht et drubleiwen, fir dass mer och d'nächst Joer sou gudd Succès hu fir eis Precoce-Klassen. Dass mer Reklamm maache fir – an dat muss ee jo och mol soen – eng gratis Offer. De Precoce ass nach ëmmer gratis, mat enger gudder Betreierung, mat guddem Personal, mat Lëtzebuergesch schwätzenden Enseignanten a Betreier.

A wat och sécherlech en Deel vum Succès war, den Erni hat eis gesot gehat, dass hien dëst Joer d'Bréiwer och schonn extrem fréi rausgeschéckt hat, dat war schonn am Februar, e bësse méi fréi, wéi soss déi Joren. An dat ass gutt. Dass d'Leit och Zäit hunn, doriwwer nozedenken, wéi gutt dat ass a wéi fërderlech dat ass, dass se hir Kanner bei eis aschreiwen a wéi gesot, do hoffe mer, dass mer an déi Richtung weiderginn. Ech hu just eng Fro: Et wär vläicht och flott ze kucken, wéi invitéiere mer d'Kanner? An d'Elteren, dass se hir Kanner aschreiwen? Hu mer do e flotten Depliant, dee mer matginn a ville Sproochen? Wa mer dat net hunn, wär dat z.B. och eng Suggestioun, déi ee mol eng Kéier kéint ausschaffen. Et

muss een och bedenken, mir hunn och vill Leit, déi vläicht e Courier kréien an dës Liesens net mächtig sinn. Där hu mer och relativ vill hei zu Diddeleng. An och fir deene Leit dat awer bildlech a méi einfacher Sprooch oder mat Piktogrammer mat op de Wee ze ginn, dass eng Integratioun an eis Schoule schonn ab 3 Joer eng Méiglechkeet ass, an dass dat och gutt ass.

Den Eecherdall huet elo als Precoce-Struktur säin Déngscht gemaach. En huet seng Dieren zougemaach. Et ass zwar e bësse schued, well dat sou e cosy Gebai war, flott war, fir am kleng Grupp ze schaffen. Mee den Ersatz duerch eng komplett nei Precoce-Klass am Quartier mat Betreierung ass eng exzellent Alternativ. An d'Josiane huet et scho gesot. Dee Grupp war jo och an null komma nix ausgebucht, wat jo och bewisen huet, dass mer do an déi richtig Richtung gaange sinn. Butschebuerg, do ass och – faute de combattants – d'Precoce-Klass zougemaach ginn. Mee hei war och, genau wéi am Eecherdall, kee Mëttesdësch ugebuede ginn, wat elo duerch d'Opnam vun enger zweeter Klass an där super neier flotter Maison Relais Ribeschpont jo eng ganz gutt Kompensatioun ass. An d'Suerg, dass de Schoulwee lo vläicht ze wäit ass oder net geséichert ass. Ech mengen, do si mer eis och all eens, Precoce-Kanner, déi ginn oft nach mam Auto geliwwert, well dat awer nach sou kleng Butzië sinn. An ech denken, do sinn d'Elteren net sou embêtéiert, wa se elo aus der Rue des Saules müssen op Butschebuerg goen oder eeben iwwert d'Lëtzebuerger Strooss an de Ribeschpont. Ech mengen dat ass elo kee Problem.

Meng Fro ass awer: Wat maache mer lo mam Site Eecherdall? Also och do hätt d'CSV sech scho Gedanke gemaach. Wéi wär et dann, wa mer do z.B. och, vu que dass mer lo am Crèchë-Modus sinn, och do eng kleng Crèche-Struktur géifen opmaachen? Well do ass d'Offer och an der Schmelzer Géigend net extrem héich. An d'Mikro-Crèchen, déi gi jo och vum Ministère gewënscht an och gefërdert. Dat wär z.B. eng Méiglechkeet, dass een iwwerleet, ob een net do op deem léiwen, cosy Site vun der Eecherdaller Schoul och do an déi Richtung géif goen, fir vläicht eng Crèche-Struktur opzebauen? Nodeem elo eis Quartier Italien-Struktur opgeet, wär dat vläicht en neien Challenge. An de Besoin fir d'Leit am Quartier ass sécher och do. Dann awer och nach eng aner Fro: Wéi maache mer et weider mat Butschebuerg? Hu mer awer rëm wëlles, eng Precoce-Klass d'iwwernächst Joer rëm unzebidden? Plange mer do weider, och vläicht eng Méiglechkeet ze hunn – ech weess, dass dat net

evident ass – fir e Mëttesdësch unzëbiddene an eng Structure d'Accueil? Oder loosse mer d'Iddi vum Precoce ouni Betreierung um ganze Site Diddeleng falen? Oder kucke mer dat einfach punktuell d'nächst Joer, wéi d'Bevëlkerungsstruktur zu Butschebuerg ass?

Da kommen ech zu den Cyclen 1 - 4. Hei hunn eis Schoulen nees missen ënnereneen d'Käpp zesummestiechen, fir déi dach fir Diddeleng net einfach Situatioun, dass mer eise Kontingent nach ëmmer mussen reduzéieren, sou gutt wéi méiglech ze meeschteren. An d'Klassenopdeelungen an d'Appui-Stonne plus/minus gerecht ze verdeelen, dass ALL eis Diddelenger Kanner op ALL Site, déi bescht Méiglechkeet vu Betreierung hunn. Nach eemol meng Felicitatiounen un d'Präsidenten, d'Komiteeën, d'Direktioun, déi dat all Joer nees ronn bréngt. Dass eis Stonnen „hors contingent“ och accordéiert goufe läit dodrun, dass déi Demanden och gutt argumentéiert sinn an eng gutt ficeléiert Propos un de Ministère gaangen ass. Mir brauchen eis Remplaçant permanenten, mir wëlle gutt Cours d'accueil fir ein Nouveaux Arrivanten ubidden, a mir soen och Merci fir eis IEBS- Stonnen, déi op all Gebai gerecht verdeelt ginn hei zu Diddeleng. Grad déi IEBS-Stonnen, déi ginn awer oft geholl fir net nëmmen individualiséiert Prise-en-charge ze huele fir Kanner mat Léierschwieregkeeten, mee – an dat ass och an de leschte Joren eng zouhuelend Problematik – och fir Kanner mat problemateschem Verhalen ze betreien. Fir do eng besser Prise en charge unzëbidde geet d'Schoul Däich scho säit e puer Joer op de Wee, fir de Projet CASE unzëbiddene, wou een Intervenat als Krisenmanager oder Streitschlichter an enger Klass intervenéiert, e Kand, wat sech an enger Kris befënnt raushëlt a méi individuell mat deem schafft.

Déi Propos, de Projet „Léisungsteam“ fir géint aggressivt Verhalen, Mobbing, Aarbechtsverweigerung virzegoen, ass en exzellente Projet. Bis elo, wat mir ganz staark bedauern, bedeit d'Engagement vun deenen Enseignanten, déi dës Zousatztaache an dës Zousatzformatiounen maache puere Benevolat. Dat muss ee sech mol virstellen. Dat mussen mer änneren. An do ass et ganz schued, dass mer am Ministère net déi néideg Ënnerstëtzung kréie fir eis personell sou opzestocken, dass mer an ALL Schoule Kriseschlichter, Léisungsteams kënnen ubidden. Sécher bitt de Ministère Kompetenzzentren un, wou mer kënnen opfälleg Kanner hischécken. Dat klénge jo gutt. Mee d'Realitéit ass awer eng ganz batter anescht. Et sinn enorm Waardelëschten an dëse Kompetenzzentren. Wann der eng Demande

maacht, da kënnt der Frou si wann äert Kand no dräi Joer, nodeem et 26000 Tester gemaach huet, vläicht eng Plaz kritt.

Den Här Michaux ka mech vläicht korrigéieren, mee zwee Joer sinn et sécher. Dann ass d'Kand schonn am Lycée an dann huet de Problem sech jo deelweis schonn erëm verlagert. Zweetens fanne mer, dass eng Interventioun um Terrain, am Quartier, wou d'Kand wunnt, a senger Schoul, a senger Maison Relais, och wann dat guer net virgesinn ass laut Ministère, mat sengen Elteren, déi eenzeg schnell an effikass Léisung ass. An drëttens fanne mer dass dësse Projet och e präventive Projet ass. E Bewosstmaache vun der Problematik bei eise Kanner, ech mengen d'Thema Mobbing ass an deene leschten Deeg en long et en large diskutéiert ginn. A wann och vill Leit erschreckt waren, dass d'Hauptinterventiounen am Cycle 3 waren, dann ass dat och batter Realitéit. Dat ass do, wou d'Problematik ass an net réischt op 5ième am Lycée. Mee et ass bei deene méi kleng Kanner, wou se mat inadéquatem Ëmgoen, virun allem vun den neie Medien, oft Geforlafen, Mobbing ze maachen oder Mobbingopfer ze ginn.

An ech hoffen awer, dass eis Enseignanten net d'Knëppele bei d'Tromm geheien, mee hire Projet weider duerchzéien. Och wann dat hinnen näischt bréngt, mee als CSV gi mir hinnen awer e grouse Luef an e grouse Merci mat op de Wee a mir si frou fir hiert Engagement. Meng Fro ass: sollt och en änleche Projet an der Gafelt starten? Wéi gesäit et domadder aus? Oder verleeë mer déi Diskussioun op Enn Juni, wa mer de PDS hunn. Mee wéi gesot, do war och e Projet, deen an der Luucht hangt. An et wär flott, wann net nëmmen do, mee och an deenen anere Gebaier, dës Iddi vum Léisungsteam géif gräifen. Och de Strutzbierg huet monéiert, dass d'Appui-Stonnen oft mussen geopfert ginn, fir verhalensopfälleg Kanner ze betreien. An dofir betounen ech et nach eng Kéier: Ech hoffen, dass en Ëmdenken am Ministère kënnt, fir op déi dezentraliséiert Prise en charge ze setzen an net op déi national Zentren, fir an den Schoulen direkt duerch kompetent an zousätzlecht Personal schwierig Situatiounen méi direkt ze léisen.

Ech profitéieren awer och vun der Geleeënheet, d'Josiane huet et scho gesot, fir nach eng Kéier op déi eidel Waldschoul ze schwätzen ze kommen. Mee dat brauch ech jo lo net ze maachen, do schwätze mer jo dann d'nächste Kéier driwwer. Ganz kuerz wëll d'CSV awer hiert grousst Bedauern ausschätzen. An dat ass déi eenzeg

Datz déi ech ginn, wat d'Net-Existenz vun Aktivitéite vum Projet „Bewegte Schule“ ubelaangt. Wa mer gesot kréien: Jo, d'Schoul muss op eis zoukommen, fir dass mir da kënnen hinnen eppes ubidden, dat ass de falsche Wee. Grad a Corona-Zäiten hätt de Grupp „Bewegte Schule“ missten eng Offer hu mat Video, mat Spillmaterial, fir d'Enseignanten ze ënnerstëtze fir dass eis Kanner sech méi beweegen. Einfach ze waarden dass d'Schoulpersonal, déi, wéi Der jo lo héieren hutt, aner Suergen hunn, musse sech bei hinne mellen, fir dass dëse Service, dee jo awer och vun der Gemeng an d'Liewe geruff gouf, aktiv gëtt, dat ass an eisen Aen de falsche Wee. Do musse mer nobesseren.

Do mussen einfach déi Leit de Courage hunn an op den Terrain goen, Moies scho beim Accueil Turnübunge maachen oder Spiller ubidden am Schoulhaff an der Paus. All Gebai huet eng Paus, gitt an d'Gebaier, turnt mat de Kanner. Loosst se hopsen, sprangen, jäizen, danzen. Dofir braucht der keng Invitatioun vum Léierpersonal. Dofir eis Suggestioun nach eng Kéier: „Bewegte Schule“ – mir hoffen, dass do e bësse Beweegung an dee Service rakënnt, well Beweegung ass extrem wichteg. A wa mer scho sou e Service hunn, da geet et net einfach duer, datt mir soen, mir hu sou e Service, mee e muss och méi aktiv ginn. Apropos Beweegung. Pedibus, dat Wuert ass gefall. Ech fannen et gutt, wann d'Gemeng Sammelplazen ausweist an de séchere Schoulwee um Buedem zeechent. Och dat hat d'CSV scho viru Jore proposéiert, éier mer op en anere Wee wollte goen, dee jo awer net reusséiert ass. Mee lo maache mer et jo awer, an dat ass och gutt esou.

Ech sinn och ganz frou, dass och vill Elteren d'Dynamik geholl hunn, fir selwer e Pedibus op d'Been ze stellen an och hinnen dofir e grouse Merci. Ech sinn och ganz frou ze héieren, dass, wat d'Ressort scolairen ubelaangt, dass mer effektiv de Leit eng Garantie ginn, wann ee Kand op Lenkeschléi gesat ginn ass, dass och dat zweet Kand oder drëtt Kand kann dohinner goen, fir dass d'Elteren net mussen tëschent de Gebaier hin an hir lafen. Ech verstinn och, dass mer do mussen e Stréch zéien, well mer am Ufank jo net woussten, wéi de Quartier Lenkeschléi sech entwéckelt. Mee deen entwéckelt sech jo ganz gutt. Do si vill kleng Kanner déi kommen. An eis super, mega-cool Schoul, déi wäert gutt besicht ginn an och mat flottem Liewe gefëllt ginn.

Also nach eng Kéier villmools Merci allen Intervenanten. D'CSV ënnerstëtzt all Invest, ob zäitlech,

infrastrukturell, materiell, awer och moralesch an eise Schoulen, fir dass et eise Kanner gutt geet. An dofir stëmme mir dës Schoulorganisatioun och mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. D'lescht Joer ëm dës Zäit, do hat ech meng Stellungnam zur Schoulorganisatioun domat ofgeschloss, dass mer hoffentlech eng normal Rentrée am September géifen erliewen. Deem war leider net esou. D'Pandemie hat eis ferm am Grëff an et ass weidergaange mat Mask a Confinement an neierdëngs elo mat schoulesche Schnelltester. Mir sinn also nach net komplett eraus. Dofir wëilt ech am Numm vun eiser Fraktioun allen Acteuren an a ronderëm d'Schoul an dem Gemengepersonal e grouse Luef ausschwätze fir an den neit einfache Konditioun vum Schouljoer 2020/2021 dach nach dat Bescht draus gemaach ze hunn, fir iergendwéi „normal“ Schoul ze halen an d'Betreiung ze assuréieren. Awer och de Kanner, dee ne vill zougemutt gouf an hiren Elteren, och deenen en décke Merci.

D'Ausschaffe vun der provisoirescher Schoulorganisatioun fir dëst Joer war änlech wéi déi fir d'lescht Joer, dat heescht, net einfach. D'Reuniounen iwwer Visio sinn ni ze vergläiche mat dem Presentiel. Dobäi kouw, dass d'Organisatioun ganz fréi, also virun der Ouschtervakanz, huet misse stoen. Dofir Merci de Presidentinnen an de Presidenten an hir Komiteeën, dem Erni Ferrari a virun allem der Direktioun ënnert der Leedung vum Joël Mischaux an dem Josiane fir dës equilibriert Schoulorganisatioun. Ech wëll awer och an dësem Kontext, och wa si net direkt an der Schoulorganisatioun involvéiert sinn, den SEA, de Service Education et Accueil, net vergiessen, dee mëttlerweil eng ganz wichteg Roll an eise Schoule bei Projete spillt, och deenen en décke Merci soen.

E puer Remarken zu der Schoulorganisatioun selwer. Diddeleng wisst stänneg, dat hunn ech och schonn e puer Mol gesot. Et ass net liicht ze verstoen dass mer nees, an dat fir d'véiert Joer hannerteneen, eng Baisse vum Contingent – dës Kéier vun 39 Leçonnen, dat entsprécht ronn 20 Schüler – hunn. Zum Gléck ass et eriwier mat der alljärelecher Adaptatioun vum Contingent, déi eis 10 Joer laang ëm déi 16 Stonne pro Joer kascht huet. D'Konsequenz vun der Baisse vun de Leçonnen ass déi, dass d'Zuel vun de Stonne

fir Appui, respektiv fir aner Initiativen a Projeten erofgeet. Dat gesi mer queesch duerch all Cyclen. Dat ass schued. Besonnesch well an dee- ne leschten 12 Méint dach vill Matière net sou behandelt goufen wéi üblech, an d'Schüler grad elo d'Appui-Stonne bräichten, fir déi vill Retarden opzeschaffen. Manner Schüler bedeit, dass dës oder déi aner Klass da mol kann agoen. Dat ass dëst Joer de Fall, beim C1 a Gafelt. Am Cycle 2 – 4 sinn et jeeweils eng Klass zu Butschebuerg an um Brill. Den Equilibre vun de Klassen am C1 bis C4 bleift eeben erhale, well an de Schoulen Däich a Lenkeschlei eng Klass bäikënnt.

Meng Remark zum Precocé. D'Attraktivitéit duerch nei a méi Sitten, déi d'Ganztagsbetreuung mat Restauratioun ubidden, wéi och de finanziellen Aspekt, deen een net soll aus den Ae verléieren, hu méi Leit motivéiert, d'Kanner éischer an de Precocé ze ginn, wéi weider an der Crèche ze loossen. Eist klengt Schoulgebai Echerdahl gëtt zougemaach. „Cosy“ huet d'Madame Kayser et bezechent. Richteg. Mee et ass ëmmer de Problem gewiescht, dass et just eng Klass war, déi dach aleng an der Sakgas luuch. Dofir och hei e Problem vun der Sécherheet, deen eigentlech éiweg do war. Mir haten do eben just viru ville Joren e Precocé dohinner gesat, well mer dann eng zweet Persoun a Form vun engem Educateur dobäi haten. Fréier an der Spillschoul, war nëmmen een Enseignant do. Dat war wierklech e Sécherheitsproblem, deen domadder behuwe ginn ass. Bon, elo ass et esou, dass de Precocé net méi lo do ka stattfannen, mee gëtt an der Schoul Italien integréiert, wou et no der Mise en conformité, déi ofgeschloss ass, an nodeems dat Gebai den Agreement kritt huet, elo all Déngschtleestunge vun de Betreuungsstrukturen do offréiert kënne ginn. Zu Butschebuerg sinn erëm eng Kéier net genuch Kanner ageschriwwen ginn, fir dass de Precocé konnt fonctionéieren. Par contre an anere Gebaier, wéi Gaffelt, wou d'Effektiver héich sinn, kënnen elo Verschibunge gemaach ginn an déi nei Klass Ribeschpont an d'Kanner kënnen an där neier Struktur opgefaangen ginn.

Zum Projet „Léisungsteam“ Däich. Niewent de Projete Case a Förderzentrum ginn eng Partie Enseignante vun dëser Schoul op fräiwëlleger Basis dësen nächste Projet un. Änlech wéi an der Schoul Gaffelt viséiert dëse Projet „Léisungsteam“ Mobbing, aggressivt Verhalen an Aarbechtsverweigerung vu Schüler erfzesetzen, awer och d'Léierpersonal a Konfliktsituatiounen mat Kanner oder hiren Elteren ze ënnerstëtzen. Leider huet d'Direktioun am Ministère keng oder ganz limitéiert Ressourcen, déi zur Verfügung fir

dëse Projet gestallt kënne ginn. Dofir ëmsou méi hoffe mer dass all Enseignant duerchhält, dee sech do op fräiwëlleger Basis engagéiert huet, fir dat och weiderhin ze maachen. Soss si sou Projete ganz séier condamnéiert. Problemer vu Gewalt a Mobbing sinn net nei. Et sinn der nach ëmmer an eise Schoule ginn. Mee se huelen an de leschte Joren u Gravitéit zou. Dofir begrësse mer och de Projet „Gewaltpreventioun“, deen de Fränk Engel an alle Schoule begleet soll. Ech mengen et wär och en Appell hei vu menger Säit un d'Josiane fir dass och dee Projet eng Kéier an enger Schoulkommissioun presentéiert gëtt.

Zum Schwammunterrecht hat ech just eng Fro, ob et dobäi bleift, dass elo d'Kanner vum Precocé och nees normal Schwammunterrecht kréien, wann elo d'Mesurë rëm opginn.

Zum Pedibus: Jo, iwwerall stinn eis Point de rencontres elo. An elo ass ze hoffen, dass en Appel de collaboration un d'Elteren duerch d'Verdeele vun engem Flyer deen néidege Succès kennt. De Projet ka just mat dem Appui vun den Eltere liewen. Voilà, sou wéi an der Schoulkommissioun direkt de Joël Mischaux d'Presidentinnen an d'Presidenten an hire Kommittee felicitéiert huet fir hir exzellente Aarbecht an all hir Propositionen geneemegt huet, wëlle mir eis dës Felicitatiounen uschléissen. An dofir nach eng Kéier en décke Merci vun eiser Säit un all déi Intervenanten. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci dem Här Zuang. Weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Bürgermeester fir d'Wuert. Et ass meng éischt Stellungnam zu der Schoulorganisatioun, nodeem ech vun der Madame Goergen, déi sech jorelaang ëm dësen Dossier gekëmmert huet, deen och ganz komplex ass, iwwerholl hunn. Ech faasse mech kuerz an ech gräfen e puer Punkten op. Et ass jo och scho vill gesot ginn, an ech wëll net rëm alles widderhuelen. Déi Gréng schléissen sech natierlech un un all déi Mercien, déi d'Madame Ries, d'Madame Kayser an den Här Zuang fir jiddweree lo scho ginn huet. Mir krute an der Schoulkommissioun wichteg Projete virgestallt, déi jo haaptsächlech d'Sécherheet, e gewaltfräit Klima an e respektvollen Ëmgang ënnert all den Acteuren vun der Schoulcommunitéit fördere sollen.

Um Däich de Projet „Case“ a „Förderzentrum“. Dat Léisungsteam huet eng Formatioun gemaach

mam André Feller, dat ass e Sozialpedagog, Anti-Aggressivitéits- a Coolness-Trainer. Ech hat selwer eng Formatioun beim Här Feller gemaach an dat bréngt och gutt Resultater. Och um Strutzbierg ass e Poste fir Gewaltpreventioun, dee mam Här Engel Fränk besat gëtt, an deem och intervenéiere kann, wa Kanner Krise maachen. All dës Mesurë si leider noutwendeg, fir dass alle guerten d'Kanner an och d'Enseignante sech sécher a wuel fillen an der Schoul an d'Schoulhalen an engem friddleche Kader méiglech gemaach gëtt. Et gouf och gesot, datt verschidden Enseignante sech benevole engagéieren. Chapeau dofir! Respektiv den Appui geopfert gëtt. Deemno gi Stonnen, déi eigentlech fir eng schoulesch Hëllef sinn, fir eng éischter edukativ Hëllef genotzt. Am beschte Fall gi fir sou „sozio-emotional Posten“ Stonnen hors Contingent accordéiert. Besser wier et, nach méi Acteuren aus dem edukative Beräich um Terrain ze hunn.

Dann zum Precocé. Ech mengen de Precocé gëtt et säit 20 Joer, well mäi Jéngste war nämlech deem éischte Joergang, deem an de Precocé gaangen ass. Ech hunn dat nogerechent, da missten et awer 20 Joer sinn. Ech fannen d'Iddi och gutt vun der Madame Kayser, fir dat an einfacher Sprooch ze presentéieren, an do gëtt et jo de Service Klaro vun der Apemh, do kann een sech inspiréieren, respektiv, déi kéinten engem dat och schreiwen. D'Gebai vum Precocé, dat zum Brill gehéiert, heescht lo net méi Lenkeschléi, mee Brill-Lenkeschléi. A mir hunn eis gefrot, ob dat net zu Konfusioun féiert mam Precocé vun der Schoul Lenkeschléi. Einfach vum Numm hir. Vlächcht wier et eng Iwwerleeung wäert, do en neien Numm ze sichen. Vlächcht Foxenhiel oder en aneren. Zu Butschebuerg gëtt et jo d'nächst Joer kee Precocé méi. Déi Kanner kënnen an de Ribeschpont goen. Am Géigesaz zu der CSV, wëlle mir d'Leit awer encouragéieren, zu Fouss oder mam Buggy zu Fouss, mam Vëlo de Schoulwee ze maachen. An do wier et natierlech flott, wann et do géif eng Verbindung ginn. Déi gëtt et leider net.

Dann zum Volet Ressorten. Hei hu mir eng Rëtsch Ännerunge kritt, betreffend d'Schoul Lenkeschléi. Dozou eng Fro. Z.B. wa bei der Strooss Hanzendall steet, Lenkeschléi ODER Strutzbierg. Wann e Kand da vum Service scolaire op de Strutzbierg geschéckt gëtt, ass et dann esou, dass dat, wat am Brëif steet, definitiv ass oder kënnen do d'Elteren awer nach eng Demande un de Schäfferot maachen, wa si léiwer Lenkeschléi wëllen? Et bleift jo dobäi, datt Gesëchter vun enger Famill kënnen an déi selwecht Schoul goen, och wann de

Ressort deen Ament ännere géif. Schued fanne mir dass de Quartier Wolkeschdall praktesch ganz rausgeholl gëtt vum Ressort Lenkeschléi. Sécher net all, mee ganz vill Kanner konnte soss an d'Waldschoul goen. An et ass een eigentlech dovun ausgaangen, datt de Wolkeschdall an och d'Foxenhiel an d'Lenkeschléi kéinte goen. Besonnesch wou vun der Fochsenhiel just eng Trap eropgeet, an dann ass ee quasi schonn do. D'Kanner aus dem Wolkeschdall hätten domadder e ganz verkéiersberouegte Schoulwee gehat. D'Schoul Lenkeschléi huet fir de Cycle 2 – 4 just eng Klass pro Joergang. Mir hunn eis gefrot, ob dat net vlächcht e bësse knapps geplangt war, well déi 3 Klassen an der Waldschoul net méi existéieren. Et ass lo eng zweet Klass am Cycle 2.1. dobäikomm an de Musekssall huet elo missen ëmdisponéiert ginn.

Nach eng weider Fro: Sinn dann nach genuch Reserven u Klasseraim um Strutzbierg an am Brill? D'Kanner aus dem Wolkeschdall ginn dann elo alleguer an de Brill, an et wier vlächcht de Moment, sech nach eng Kéier d'Kräizung Rue du Parc – Rue Pasteur unzekucken. Virdrun ass och scho gesot ginn, d'Demande fir d'Zon 30 km/h an der Rue du Parc bis do op déi Kräizung ass verworfen ginn, well et eng Sammelstrooss ass. Vlächcht wier dann awer déi Iddi mat enger Luucht mat engem Knäppchen, wou d'Kanner kéinten drécken, dass een dat vlächcht nach eng Kéier kuckt, ob dat net méiglech wär. Well déi Demande ass jo och schonn oft vun Eltere komm. Och den Iwwergang iwwert d'Zouftger Strooss um Kräizbierg, also vum Hanzendall eriwier an d'Lenkeschléi, do ass et och net ongeféierlech. Mee do komme jo och Ännerungen, och fir de Vëlo, wéi den Här Molitor dat ugekënnegt hat.

En anert Thema an der Schoulkommissioun war d'Idee „Bewegte Schule“. Also zousätzlech zum Turnen a Schwammen d'Kanner zu méi Bewegung ze motivéieren. Kleng Pause maache während de Stonnen, fir Spillercher oder spontan Übungen. Et ass bal evident, dass dës flott a wichteg Iddi mat de ganze Covids-Mesuren e bëssi ënnergaangen ass. An et soll awer erëm Bewegung drakommen, ënner anerem mat Ënnerstëtzung vum Service des Sports. Ee vun de Schoulpresidenten hat och de Virschlag gemaach vun engem Projet „Mam Vëlo an d'Schoul“. Wat mir natierlech begréissen. Eng Fro dozou: Sinn iwwerall genuch Vëlosstännere bei de Schoulen? Den iwwerdaachte Vëlosstänner um Däich ass ganz ästhetesch gelongen a motivéiert bestëmmt nach zousätzlech. Et kritt ee jo och nach ëmmer eng Subventioun beim Kaf vun engem Vëlo vum

Staat an och an eiser Gemeng. Dat gëllt och fir de Kannervélo. Dat kéint kommunikativ vläicht mol erëm opgefrescht ginn. Dat wësse munch Leit vläicht net oder net méi. Eng aner Iddi wier, Second Hand just fir Kannervéloen Op der Schmelz, bei eisem schéine Verkéiersgaart. Mir stëmmen dës Schoulorganisatioun mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Merci, Här Buergermeeschter. Ech schlësse mech deenen anere Spriecher un, déi schonn d'ganzt Personal, wat mat Schoul ze dinn huet an deem schwierege Joer vu Mäerz d'lescht Joer bis elo nach ëmmer fir hiren Asaz gelueft huet. Et war wierklech keng einfach Zäit. A mir fannen datt d'Gemeng Diddeleng wierklech gutt am Schoulbetrib an am Service Education/Accueil iwwert déi Zäit ewechkomm ass, an dofir eise Merci. Mir wëssen, datt Kanner mat engem Hannergrond vun net-lëtzebuergesch schwätzenden Elteren et an eisem Schoulsystem méi schwéier hunn.

A mir wësse vu Studien aus der Uni datt déi Kanner, z.B. am Secondaire, staark ënnerrepräsentéiert sinn. Mir wëssen och alleguer, datt duerch déi Covid-Zäit déi Ënnerscheeder tëschent gudde Schüler a manner gudde Schüler méi grouss a méi schwierig gi sinn. Informatikmaterial zur Verfügung ze stellen ass gutt a wichteg, mee et geet awer eleng net duer. Et muss een och nach mat deem Material doheem kënnen eens ginn. An deem Sënn si mer mat der Schoulorganisatioun, wéi mer se presentéiert kréien, ganz zefridden. Ënner anerem ënnerstëtze mer voll déi Projeten, déi op Gewaltpreventioun aus sinn a mir denken, et wier wierklech wichteg, dat op all Schoulen ze generaliséieren.

Mee de Problem läit ganz kloer um nationalen Niveau, wou einfach net genuch, an dat sot den Här Zuang och schonn, Cours d'Appui offréiert ginn. An dat ass e Problem vu Prioritéiten am nationale Budget. A mir hätte geduecht, grad elo wär dee richtegen Zäitpunkt gewiescht, fir d'Prioritéiten ze iwwerdenken. Grad elo wou d'Leit mam Confinement a mat Kanner doheem a mat Schoulaufgabe gemierkt hunn, datt d'Léierpersonal keng einfach Missioun huet an eng grouss Leeschtung bréngt, méi an eis Schoulen ze investéieren. An dann op där anerer Säit déi hasardéis Militärinterventiounen an Afghanistan, déi eis ëmmerhin 100 Milliounen Euro kascht hunn. An elo am Mali, wou Jongen hi geschéckt ginn an eng ganz komplex Situatioun, déi se iwwerhaupt net kennen

a meeschteren. Also mir fannen, mir géifen och vill besser doen, am Afghanistan an am Mali Schoulen ze bauen, wéi do Militärinterventiounen ze maachen. An deem Sënn stëmme mer déi Schoulorganisatioun hei mat, a mir denken awer datt um nationalen Niveau vill méi an eis Schoule misst investéiert ginn. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Der Madame Kayser hir Stellungnam, déi se lo am Numm vun der CSV gemaach huet iwwert d'Schoulorganisatioun ënnerschreiwen ech natierlech mat zwou Hänn. Well eis als CSV an och mir perséinlech läit eng gutt Prise en charge vun deene Kanner mat Schwierigkeeten um Häerz. Dozou gehéiere selbstverständlech déi Kanner mat Verhalensschwierigkeeten. Et ass schonn drop agaange ginn. Mee dozou gehéiert eng Strategie vu Gewaltpreventioun an der Schoul an hei hu mer jo och gutt Usätz hei zu Diddeleng, dat hu mer jo lo grad héieren. An déi Problematiken, déi do an der Schoul erauskommen, dat ass jo och den Ausdrock vun engem héije Leidensdrock bei deene jeeweilege Kanner.

Allerdéngs wëll ech awer och d'Bemierkung maachen dass et eng ganz Rei Kanner an der Schoul oder och vun doheem aus eebe ginn, déi och grad sou e grouss Leidensdrock hunn an déi awer riskéieren, op der Streck ze bleiwen. Well dat si Kanner, déi net grad sou opfälleg sinn, z.B. depressiv Kanner oder Kanner mat Angschtzustänn oder souguer mat enger Rei psychosomatesche Symptomer, dat kann lwwergig sinn, als Beispill. A sou Kanner riskéieren awer och duerch de Raster ze fale vun den Hëllefsmoossnamen. A firwat an deem Fall? Ech hu virdru gesot, déi leiden am Stëllen a si sinn net onbedéngt där Kanner, déi lo direkt den Unterrecht stéieren a sinn och domadder net onbedéngt e Störfaktor an der Klass. Ech baséieren och dës Aussoen op verschidde Fäll, déi a menger psychologescher Praxis u mech erugedroe gi sinn, wou d'Elteren sech awer e bëssen eleng gelooss spieren, wéi se da kënne mat sou enger Situatioun ëmgoen.

Och wa se vläicht un d'Häerz geluecht kréien, si sollen e Psycholog consultéieren. A si sinn awer do e bësse sech selwer iwwerlooss. An dofir hätt ech och eng Rei Froen do derzou. Ob et net sënnvoll wär, eng Rei Direktiven ze ginn un d'Schoulpersonal, wéi se sollten och a sou Fäll

reagéieren? Wie wär do z.B. zoustänneg, fir drop ze reagéieren? Wär et déi direkt Referenzpersoun, also d'Schoulpersonal? Wär et eventuell de Schoulpresident, wou kéint en Orientéierungsgespräch stattfannen? Ass et net méiglech dass d'Elteren a sou engem Orientéierungsgespräch och en Depliant oder eng Lëscht mat Hëllefsmoossnamen, wou se verschidde Méiglechkeete kéinte fannen, wou se Hëllef kéinte kréien, fir déi iwwerreecht ze kréien oder u se erugedroen ze kréien? Eng Lëscht z.B. mat Ulaflazen, oder och dass deene Leit mol vläicht de System erkläert gëtt, wat fir eng Méiglechkeeten dass och innerhalb vun der Prise en charge vun der Schoul bestinn. Hei ass och e groussen Informatiounsbedarf. Well wéi wëll ee sou Kanner hëllefen, déi, wéi gesot am Stëlle leiden.

Ech insistéieren nach eng Kéier drop. Well dat sinn déi, déi gäre vergiess ginn. Déi aner déi opfale, déi si méi am Fokus vun den Hëllefsmoossnamen. An ech wollt am Fong eng Lanz dofir brieche an och gären héieren, wéi dat hei zu Diddeleng oder och an der Region Süden kann ugaange ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci och. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Merci fir Äert Abréngen an dës Diskussioun ronderëm déi nei Schoulorganisatioun fir déi nächst Rentrée.

JOËL MISCHAUX (DIREKTION VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Merci fir d'Invitatioun, Merci de Virriedner. Ech ginn op e puer Punkten an, déi ech mer notéiert hunn. Vläch fir d'éischt d'Zesummenaarbecht CEA. Also mir hunn do weider eng qualitativ nach eng quantitativ Auswärtung, mee ech behaapte mol, dass déi nach ni sou intensiv war wéi d'lescht Joer, Covid-bedingt. Wann et alt eppes Guddes bruecht huet, da war et sécherlech dat. Déi Ekippe sinn zesumme gewuess. Ouni lo vun der Lenkeschléi ze schwätzen, wou de Modell et u sech scho mat sech bréngt. Ech mengen dass et an där Optik ass, wou mer och misste weidermaachen, weiderdenken an och weider zesumme wuessen. Mir sinn do op engem ganz gudden Wee. Ech hunn do och de Verglach mat anere Gemengen aus dem Land. Do sti mer awer wierklech ganz gutt do. Fir vläch kuerz bei der Kris ze bleiwen. Ech hunn dee Merci lo schon oft genuch, iwwer divers Kanäl, de Leit ausgedréckt, also souwuel de Kanner, den Eltere wéi och den Enseignanten. Dat ass keen einfacht Joer gewiescht an ass et och nach ëmmer net. A wéi de Rom gesot huet, hoffe mer, dass mer da vläch d'nächst Joer a bëssen

enger anerer Normalitéit kënnen starten. D'Hoffnung stierft jo ëmmer als lescht.

Ech wollt do nach eng Kéier op déi Schnelltester agoen, déi ernimmt goufen. Et ass duerch Leit, wéi déi, déi op der Lenkeschléi schaffen, wou mer mëttlerweil bei iwwer 93% Akzeptanz bei den Elteren am Fundamental leien. Hei zu Diddeleng bei 3 Schoule bei iwwer 99%. Dat ass a mengen A remarkabel am positive Sënn. Dat ass extrem héich an dat ass ee vu ville Moyenen, déi et eis erlaabt hunn, d'Schoul awer bal en continu oprecht ze erhalen. Vun deenen zwou Wochen ofgesinn. Ech mengen do sti mer vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner awer relativ gutt do, och wann ech ganz genau weess, dass et net iwwerall déi selwecht Ofleef waren, wéi mir se alleguer gären hätten.

De Precoc gouf ugeschwat. Ech sinn absolut der Meenung, datt et géng Sënn maachen, dat vläch eng Kéier ze verdéiwen. Et ass vun zwee Leit ugeschwat ginn an et ass evident, dass de Label engagé deen do stattfënnt, bis an de Secondeira era seng Auswierkungen huet. Dem Romain Martin seng Etüden, déi si ganz kloer, wat et bedeit, als net Mammesproochlech hei de Schoulsystem ze fréquentéieren. Mee ech mengen eleng d'Besiche vum Precoc huet bestëmmt positiv Auswierkungen. Et wär bestëmmt interessant et eng Kéier, entweder national oder an enger Direktioun, eebe grad eng wéi déi heien, wou déi Problematik jo ganz heefeg ass an deenen dräi Gemengen. Dat géif absolut Sënn maachen, dat eng Kéier ze belichten. Do kéint een eng Kéier à part driwwer diskutéieren. D'Kontakter zur Uni, déi géingen dat erméiglechen.

Léisungsteamen, e groussen Merci. Ech wollt spezifesch op dat vum Strutzbiérg agoen, wat e bëssen à part am Moment leeft, ouni ... mir hunn nämlech och zu Keel eent, wou mer déi selwecht Problematik hunn, dass mer keng Ressourcen hunn, déi mer einfach sou kënnen zur Verfügung stellen. Ech kommen nach do drop zrëck. Ech wollt dat um Strutzbiérg extra ernimmen, well mer do eeben effektiv ee vun der Direktioun fräigestallt hunn. D'Problematik um Strutzbiérg war erhéicht vis-à-vis vun anere Gebaier, sou dass mer einfach de Choix geholl hunn, fir d'éischt et do sou am Detail ze plangen, dass et och skaléierbar ka sinn op engem nationalen Niveau. Mir haten eng Entrevue – d'Josiane war dobäi – mat der Magistratur. Deen nächste Volet wäert si mat der Medezin, well dat si Parametere, déi eis an der Educatioun einfach echappéieren an dat awer muss matgeduecht ginn. Well mir kënnen

net ouni d'Magistratur Léisungsteame bis an den Detail plangen, well do muss een herno ofgesé- chert sinn. An ech hunn och elo den 11.06.2021 op nationalem Plang eng Entrevue mat den Héije- ren aus der Magistratur, fir déi Saach do – entre autres – nach eng Kéier ze diskutéieren.

An ech mengen et ass op dee Level, wou een et einfach och muss setzen. Et ass ab deem Mo- ment, wou een et propper ficeléiert huet, wou een dann herno och ka Ressourcë froen. Soss ass et ëmmer schwéier, well et ass een e bëssen am Flou an et huet ee keng Zuelen. An Zuele sinn, ech mengen, d'Question parlementaire vum Martine Hansen huet et gewisen, am Moment schwierereg. Mir hunn nach ëmmer Penurie am Land. An all Decharge, déi accordéiert gëtt, rappt op enger anerer Plaz e Lach, bei der alldeeglecher Pre- senz bei de Kanner. A sou laang déi Problematik besteet, also ech sinn an der Commission de re- crutement vun de Quereinsteiger, fir dat nëmmen als Beispill ze nennen, sou laang ass et natierlech och fir e Ministère ganz schwierereg, einfach sou Dechargen ze verdeelen. Et ass eng gréisser Problematik. Wat net wëll heeschen, dass mer an absehbarer Zäit awer, wann déi Méiglechkeet sech ergëtt, awer op dee Wee absolut sollte goen, fir do weider Ressourcen zur Verfügung ze stellen. Et gouf och vun engem ugeschwat.

Et ass awer meng perséinlech Meenung lo, dass ech mengen, dass déi Ressourcen am edukative Secteur ze siche sinn, wou een eng Complemen- taritéit kritt tëschent dem Schoulpersonal an dem edukative Personal. Och do si mer am Ges- préich mam Josiane, fir déi Iwwergäng Schoul – CEA, wou déi zwou Perspektiven op d'Kand loka- liséiert sinn, fir och dat anescht ze gestalten an net nëmmen d'Klensch an de Grapp ze drécken an d'Problematik bei deenen aneren eriwuer ze ginn. Dat heescht, et ass am Fong op deenen dräi Le- velen. De CEA, dee beim Kand intervenéiert, dat edukatiivt Personal, wat an der Schoul interve- néiert, an d'Schoulpersonal, wat beim Kand in- tervenéiert. Wou een e Ganzt muss fannen. Mee och do si mer beméit, et ze verbesseren, well do muss ee wierklech vu verbessere schwätzen.

De Bien-être gouf ugeschwat. Ech kann do e puer Detailer ginn, well ech och do an den nationale Gespréicher dobäi war. Mir hunn dat gefuer- dert. Fir de Moment emol gëtt et eng Offer. Déi ass am Gaang ausgeschafft ze ginn, souwuel fir d'Schoulpersonal, mee awer och ganz spezifesch fir d'ESEBs-Leit, déi sech ronderëm de Bien-être dréien. Ech wëll lo net ze vill an d'Detailer goen, well ech déi eenzel Formatiounen lo net kennen.

Mir hunn d'Parametere vum Package einfach mat- ginn. Et muss een net verstoppen, dass mer am Land mëttlerweil eng ganz Rei vu Suicide-Tenta- tiven hunn och am Fundamental. An dat sinn eebe genau Kanner oder Jugendlecher, déi dat virdrun net onbedéngt manifestéiert hunn, déi dat am stille Kämmerche mat sech selwer rëmgedroen hunn. An ech mengen schonn, dass et eng grouss Aufgab wäert sinn, dat ze lokaliséieren bei de Kan- ner.

Also generell ass de Message ëmmer deen: d'En- seignante selwer, déi hunn e Flyer, wou all déi néi- deg Kontakter drop sinn aus der ESEB, dat ass fir all Schoulen ënnerschiddlech. Et ass ëmmer de Schoulpsycholog, deen op d'mannst eng Kéier d'Woch fest an der Schoul och ass. Bei eis ass dat sou, dat ass landeswäit net ëmmer sou. Dat muss den Uspriechpartner sinn. Well et ass jo an deem Fall net den Enseignant, soss hätt d'Kand et scho gemaach. An ech mengen och dass een do den Enseignant net an eppes randrécke soll, wat en net geléiert huet. Also effektiv ass dat de Schoulpsycholog an déi hunn eng ganz Rei vun Uspriechpartner landeswäit, déi se kënne ver- mëttelen. „Bewegte Schule“. Josiane, do wolls Du vläicht nach eppes dozou soen? Jo. Ok.

Ech wollt just kuerz op d'Lenkeschléi agoen, op dat neit Gebai Lenkeschléi, wat mëttlerweil sou de „Lieu touristique du tout-Luxembourg“ ginn ass. Mir kënnen eis net méi rette vun Ufroen vun alle méigleche Leit, déi do dat schéint Gebai wëlle kucke goen. Ech hunn der Madame Schütz lo mol mat op de Wee ginn, an d'Josiane ass do au cou- rant, dass elo mol wat d'Schoulen ugeet, nëmme méi Leit kommen, déi konzeptuell wëlle matden- ken. An net nëmmen do schnoffele kommen. Et ass kee Wallfaartsort. Ech wär och frou wann dat vun anere Gemengepäpp am Land och mol sou géing gemaach ginn, well dat hält Iwwerhand. A meng léif Schoulpresidentin fänkt do iergend eng Kéier un, de wäisse Fändel raus ze hängen. Dat huet kee Samschde méi, wou dat doheem ass an dat kann net sou weidergoen, do musse mer op- passen.

Dann zur Schoulorganisatioun. Déi ass trotz alle Schwiereregkeete gutt gelaf schlussendlech. Erni, Du wärs do nach méi an den Detail goen. Mir hunn op der éischter Lëscht méi Demandë rakritt, wéi mer Plazen hunn. Ech muss awer och elo scho soen, och wann herno deliberéiert gëtt, dass mer eng Rei vun Ofgäng wäerten hunn. Do si vill Leit dobäi, déi dat mat Tréine matgedeelt hunn, déi scho ganz laang hei schaffen, déi aus familiäre Grënn et einfach net méi hikréien, hir

Plaz do ze halen, wou se lo sinn a méi no dohinner plënnere, wou hir eege Kanner an d'Schoul ginn. Ech mengen, dat muss ee respektéieren. Oder et si Leit, déi ganz wäit ewech geplënnert sinn. Dat sinn da Konsequenzen, déi op anerem Niveau ze siche sinn.

Am Kloertext heescht dat, dass mir och dëst Joer eis Klassen alleguete wäerte besat kréien. Mir wäeren idem mat brevetéiertem Léierpersonal, wat fir mech d'Schwieregkeet bedeit, dass ech wäert dofir suergen – an ech maachen dat gären – dass eis laangjäreg Chargéen, déi zu Diddeleng intervenéiert sinn, wäerte probéieren och hei ze behalen. Sief et op der Lëscht vun der Direktioun selwer, wou mer se dann zréck an d'Schoule ginn. Also dass eis kee verluer geet, dee seng Déngschter gemaach huet. Voilà. Erni.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ERNI FERRARI (SERVICE ENSEIGNEMENT): Merci Här Buegermeeschter. Merci Joël a Josiane. Dat meescht ass jo lo beäntwert. Ech géif nach eng Kéier op de Precocé zréckkommen, wou mer jo all Joers net richtig wëssen, wéi déi Aschreiwunge sech entwéckelen. An deenen anere Cyclen ass et do trotzdeem e bësse méi einfach. Mir probéieren effektiv ëmmer, d'Bréiwer relativ fréi am Joer un d'Eltere raus ze schécken. Et stëmmt awer, dass mir net vill weider Dokumentatioun derbäi hunn. Dat huet och e bëssen domat ze dinn, dass de Precocé net nëmmen eng reng schoulesch Organisatioun ass, mee de SEA ass jo och do mat dran. Well d'Elteren d'Kanner jo och nei am SEA umellen, net gutt Bescheid wëssen, vill Froen hunn.

D'lescht Joer oder dat Joer virdrun, do hate mer direkt d'Inscriptiounsfiiché vun der SEA matgeschéckt. Dat gëtt awer dann direkt e groussen Dossier fir d'Elteren a mir sinn zu där Conclusioun komm, dass et besser wier, wa mer dat sou kleng wéi méiglech halen, déi Inscriptiounsfiichen, déi mer rausschécken, an dann d'Elteren eebe bei eis an d'Servicer kommen, wou se dann awer direkt méi am Detail a besser kënnen informéiert ginn. Wou mir dann och kënnen dektéieren, wa si déi doten Offer wëllen hunn, ob mir dat bidde kënnen oder ob dat net geet. Ech fäerte ganz, dass mer sou vill Deplianten an Informatiounsblieder schécke kënnen, wéi mer wëllen, mee ob dat lo den Elteren e besseren Iwwerbléck gëtt, ass schwéier soen. Jiddefalls probéiere mer ëmmer sou fréi wéi méiglech déi Informatioun erauszeginn, well d'Elteren, déi musse

jo awer wëssen, ob se d'Kanner an de Crèchè loossen, oder ob se se bei eis an de Precocé wëlle schécken.

D'Crèchè maachen och oft fréi Drock op d'Elteren, well se wësse wëllen, bleift der lo oder ginn Är Kanner awer an de Precocé. Dofir si mer och praktesch schonn ëmmer fäerdeg wann d'Schoulkommissioun ass. Iwwert d'Schoulorganisatioun hu mer schonn de prakteschen Deel an eng gutt Opdeelung gemaach an och scho verschiddenen Elteren eng Bestätegung geschéckt oder e Refus geschéckt, wa mer mierken, dass eppes net geet. Fir dass si sech sou fréi wéi méiglech kënnen arrangéieren oder plange fir dat nächst Joer.

Schwammen – Precocé. Dat war jo schonn dëst Joer net virgesinn. Mir hu jo de Problem, dass déi eng Schwämm um Strutzbiereg zou ass, do feelen eis natierlech Plagë fir Precocé-Klasse kënnen ze schécken. Um Strutzbiereg war et fir si och ëmmer vill méi praktesch. Do war e Schwammmeeschter sur Place, deen dann Zäit hat, fir no hinnen ze kucken. Souwäit ech weess, hëllefen och am René Hartmann d'Schwammmeeschteren dem Personal vun den Cycle 1 – Klassen, wann et drëms geet, op si opzepassen oder beim Undoen/Ausdoen eng Hand mat unzepaken a beim Fönen och mol. Ob mer d'nächst Joer Plagë kréie fir de Precocé kann ech net soen. Ech muss do nach ofwaarden. An d'Schwämm muss jo do och nach ofwaarden, wat de Lycée lo nach vu Planing eragëtt. Ech bezweifelen awer, dass mer do Plagë wäerten hu fir de Precocé. Verschidde Precocé-Klasse, déi kënnen awer profitéieren, wann och Cycle-1-Klassen am Gebai sinn, dass se och nach Kanner matschécken, eenzeler. Wenn eng Cycle-1-Klass vum Strutzbiereg schwamme geet, da kënne si och eventuell eenzel Kanner matschécken, natierlech nëmmen, wa si der Meinung sinn, dass dat och Sënn ergëtt a gutt ze maachen an der Schwämm.

Dat ass den Enseignanten iwwerlooss, fir do erauszefannen, war am beschte geet. Precocé Butschebuerg d'nächst Joer? Jo, mir hunn elo de Butschebuerg-Precocé net ofgeschriwwen fir d'nächst Joer. Et hänkt ëmmer dovun of, wéi vill Inscriptiounen mir kréien. Et ass jo awer effektiv esou, dass mer déi lescht Jore relativ wéineg Inscriptiounen haten zu Butschebuerg déi dräi lescht Joer. An dëst Joer eeben extrem wéineg. Gutt, déi zwee Joer virdrun hu mer et ëmmer nach hikritt, dass mer op eng Klassenzuel vu Schüler komm sinn, wou een e Precocé awer nach konnt rechtfäerdeg, mee dëst Joer wär et net méi gaangen, egal wat mer probéiert hätten. Mee

wann dat sech d'nächst Joer rëm zum Gudde mat den Inscriptiounen ännert fir Butschebuerg, da firwat net? Dat wär zum Precoce.

Et muss een och nach soen, Precoce Eecherdall, jo, et war vläicht e flotten Eck. Mee mir haten Elteren, déi hate Schwieregkeeten, wa se am Quartier gewunnt hunn. Da sinn hir Spillschoulskanner eventuell nach am Quartier an d'Spillschoul gaangen, eeler Kanner aus där Famill hunn da missten op den Däich goe fir de Cycle 2 bis 4. An dann hate se eventuell och nach e Precoce-Kand, wou da sollt an den Eecherdall goen. An do haten dann awer vill Elteren de wäisse Fändel rausgehaangen an du sote mer, da siche mer eng aner Léisung. A mir gesinn et jo un den Zuelen. Dëst Joer hate mer direkt relativ vill Inscriptiounen fir de Quartier Italien, sou dass mer direkt mat guddem Gewësse konnte soen, do passt déi Klass och hin. Bon, mir gesinn elo déi nächst Joren, ob dat sech da weider sou rausstellt, dass dat de Fall och bleift do.

Déi nei Schoul Lenkeschléi an d'Ressorten. Mir woussten et jo vun Ufank un, dass et schwéier géif gi fir ze plangen, wéi eng Schüler mer aus wéi enge Quartieren an aus wéi enge Stroossen dohinner schécken. Ech mengen dat éischt Joer hate mer eng 10 Kanner, déi an deem neie Quartier bei der Schoul wunnen, respektiv géifen dohinner wunne kommen. D'lescht Joer ëm dës Zäit hat ech vun 19, 20 Kanner geschwat. Lo si mer bei iwwer 40 Kanner, déi elo do wunnen. Mir wësse jo net, wien elo alles nach dohinner wunne kënn. Mir kréien dat jo net matgedeelt, bis zu deem Zäitpunkt, wou d'Elteren eis dat soen. An et heescht elo natierlech oppassen, dass mer net riskéieren, dass mer déi nächst Jore Kanner an de Schoulen unhuelen, an da kommen der no, an dann hu mer iwwerall Effektiver vun iwwer 20. Well d'Schoul huet net onbegrenzt Méiglechkeete fir Klassen ze dedoubléieren. Sou dass mer dëst Joer gekuckt hunn, wou mer am beschte kënnen eng Aschränkung maachen.

Et ass jo och sou, dass mir ufanks probéiert hunn, fir d'Schoul Brill an de Strutzbierg ze entlaaschte mat Schüler. Dat heescht fir de Strutzbierg, déi Kanner, déi uwen am Hanzendall an der Géigend wunnen a fir d'Schoul Brill dann déi Kanner, déi am Wolkeschdall wunnen. A mir gesinn awer elo, dass et net méi opgeet. Och mat all deenen Demanden, déi mer kruten, dat sinn der eng 20, besonnesch aus dem Quartier Wolkeschdall. Wa mer déi lo all missten unhuelen, da platze praktesch all Klassen herno aus allen Néiten an et ass doduerch net méi machbar. Et ass natierlech sou, mir hätte lo kee Cycle 2.2. aktuell, wa mer keng Schüler aus

dem Quartier Wolkeschdall gehat hätten d'lescht Joer. Do waren ee Moment op 7 Kanner fir den Cycle 2.2., deen aktuell do ass. Do hu mer dann d'Elteren aus dem Quartier Wolkeschdall gefrot.

Ufanks hate mer och geduecht, mir géife se net alleguerten huelen, mee da stellt sech d'Fro: Wéi ee Kand aus wéi enger Strooss huele mer? Huele mer éischer een aus där Strooss oder aus där anerer Strooss? An d'Eltere wollten och geschlossen alleguerten zesummen oder guer net dohinner goen. Sou dass mer lo effektiv och nach 10 Kanner aus dem Wolkeschdall hunn an déi Klass ass da momentan op 17. Dat kënne mer natierlech net an alle Klasse maachen.

Mir hunn awer elo och bei deenen Elteren, déi an där Klass Schüler hunn, direkt gekuckt, dass d'Kanner déi nokommen an der Spillschoul oder am Precoce och, dass mer deenen dann och eng Plaz ginn an där neier Schoul, net dass déi eng Kanner zu Lenkeschléi bleiwen an déi aner Kanner an de Brill musse goen. Et war awer och sou, dass déi zwou Klassen, déi vun der Waldschoul komm sinn, dat ass elo aktuell de Cycle 4.1. an de Cycle 4.2. Do sinn och vill Kanner dran, déi zu kengem Zäitpunkt iwwerhaupt an de Ressort Lenkeschléi gehéiert hunn. Mee do hate mer jo op der Versammlung gesot, déi mer fir d'Eltere gemaach haten, dass mer d'Kanner zesummeloossen an net trennen. Awer natierlech sous Konditioun, dass mir net all Kanner, déi lo nach an där Famill nokommen och nach an där neier Schoul kënnen ophuelen. Lo musse mer kucken, wéi dat sech lo do weiderentwéckelt. Ech mengen och net, dass dee Ressort, sou wéi mer en elo do stoen hunn, ëmmer an éiweg wäert sou bestoe bleiwen. Mir müssen eebe kucken, wéi déi Weiderentwécklung an där Schoul do ass.

Jo, déi Fro nach: Wann do steet am Ressort: Lenkeschléi oder Strutzbierg. Neen, et ass net geduecht, dass d'Eltere kënne wielen. Et ass scho sou, dass mir natierlech ëmmer kucke müssen, wat geet, wat geet net. Et kann natierlech sinn, dass fir e Kand aus enger Strooss mer fir e gewësse Cycle nach gutt Plaz hunn an da soen: Do géif et goe fir Lenkeschléi a mir géife souguer de Strutzbierg entlaaschten. Dass si keng weider Klass musse kreéieren, wa mer ee bis zwee Kanner op Lenkeschléi schécken an net op de Strutzbierg. Et kann natierlech sinn, dass dann en anert Kand och an där Strooss wunnt a mir soen: Et deet eis wierklech leed, mee mir hu schonn iwwer 20 Kanner oder 20 Kanner an där Klass a wa lo nach dat Joer drop Allongementer a sou dobäikommen, da riskéiere mer, awer rëm nees

eng Klass missen ze dedoubléieren. Dass mer da vläicht an deem Fall soen: Et deet eis leed, mee dat kënne mer net maachen. Ech weess, dass et dann e bëssen no „à la Tête du Client“ ausgesäit, mee mir probéiere jo och, d'Organisatioun sou ze maachen, dass mer net op där enger Säit ze vill Klasse mat héijen Effektiver kréien an op där anerer Säit sinn da Klassen, wou se nëmme mat 10 Stéck schaffe mussen. Dat probéiere mer. Et geet net ëmmer, natierlech.

Oft sinn d'Distanze bis bei déi nächst Schoul dann awer ze grouss, dass mer dat awer net maache kënnen. An dat ass natierlech eise Problem bei der Organisatioun, besonnesch och bei den Allongementen dëst Joer bei deenen anere Cyclen, anere Schoulen. Do hu mer am Mäerz vu verschiddene Schoulen, Cyclen 9 Allongementen gemellt kritt, déi mer dann an eis Rechnung mat rageholl hunn. An et stellt sech da mëttlerweile eraus, dass et warscheinlech nëmme nach 2 Allongementen ginn. An dat ginn dann och an den Effektiver vun deenen eenzele Klasse Verschiebungen mat deenen een am Mäerz nach net gerechent huet, an et ass och e fréien Zäitpunkt fir ze kucken, wéi et sech wierklech entwéckelt. Am September wësse mer et réischt, wéi vill Kanner wierklech do sinn. An der Tëschenzäit hu mer jo och nach ëmmer Arrivéee vu Kanner vun auswäerts. Kanner déi bäikommen, Elteren, déi fortzéien, dat geschitt alles réischt elo, wou mer déi Informatiounen kréien. Dofir ass et net ëmmer sou evident, fir fréizäiteg e gudde Planning ze maachen fir dass dat mat den Effektiver och iwwerall schéin equilibréiert ass. Ech ginn dem Josiane dann d'Wuert fir déi aner Froen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci Erni.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Bon, ech ginn elo net nach eng Kéier op alles an, wat scho gesot ginn ass. Just beim Precocé, do hate mer et jo gesot, wéi ech hei ukomm sinn am Schäfferot, do hate mer hei 3 Klassen am Precocé an der Betreung. Mir hunn eis verduebelt. Wat enorm wichteg ass. Wat awer och emol eng Kéier ze bemerken ass. Et kann een net alles an engem Joer realiséieren, mee mir hunn awer konsequent dru geschafft. De Succès weist et. D'Personal bei de Privatcrèchen, do hu mir keen Impakt drop. Mir kënne guer näischt maachen, wann dat Personal Franséisch schwätzt. Mir selwer maache jo lo och eng Crèche op, dat hëlleft natierlech e bësse fir d'Elteren do ze entlaaschten. Am Precocé Butschebuerg, wéi den Erni et sot, d'Klass, déi ass lo net verschwonnen,

wann erëm eng Demande do wär. Mee ech mengen awer reng vun der Betreung, vun der Struktur, ass de Ribeschpont awer einfach méi schéin, mat Beweegungsraum, mat allem Drum un Dran, wat déi Kanner och wierklech brauchen. Dofir, wa Betreung gebraucht gëtt, dann hätt ech léiwer, d'Kanner wäeren am Ribeschpont wéi zu Butschebuerg.

Ressort scolaire. Do huet den Erni lo en long et en large erkläert, wéi dat leeft. Wa mer kucken, ech hunn lech d'Chiffere genannt: Lenkeschléi, do kommen 22 Kanner bäi, eleng an deem Quartier. An dann héiere mer op där anerer Säit, d'Schülerzuel geet zrëck ëm 20 Kanner. Da muss ee jo awer iergendwéi eng Kéier soen, da si jo aner Schoulen, déi gi jo vill méi entlaascht. Bis elo war keng Diskussioun. Wolkeschdall, si sinn an de Brill gaangen, an elo op eemol mussen mer all an d'Lenkeschléi. Dat geet jo och einfach net. Dat ass richteg, do ass en Deel an d'Waldschoul gaangen, awer dat war nëmme de Cycle 3 a 4. Wéi gesot, de Brill ass nach net iwwerlaascht. De Strutzbiérg ass och entlaascht ginn, dat däerf een dann och net vergiessen. Mir hunn dee ganzen Hanzendall eropgeholl an d'Lenkeschléi, dat heescht, mir hu jo awer och en Deel manner Kanner um Strutzbiérg. En muss een dat awer och ëmmer wierklech equilibréiert kucken. Dann den Här Zuang hat gesot, d'Presentatioun vum Projet Gewaltpreventioun an der Schoulkommissioun. Natierlech, wann de Projet prett ass, da wäerte mir deen och an der Schoulkommissioun weisen.

Dann d'Madame Heinen sot, Vëlosstännere bei all Schoul. Also am Prinzip hu mer wierklech Vëlosstännere bei all Schoul. Ob et der lo genuch sinn? Ech ginn net all Dag kontrolléieren. Ech hoffe schonn ëmmer, datt d'Schoul se mellt a seet, mir brauchen nach Vëlosstännere. Da war nach déi Iddi mam Depliant, fir méi vereinfacht d'Elteren ze informéieren. Et ass sou, dass mer am Gaang si eisem Service Communication dee ganze Schoulbuet ze iwwerschaffen. Do wäerten an Zukunft praktesch Informatiounen getrennt gi vun deem, wat an de Schoule leeft. Dat heescht, d'Eltere kréien en Depliant, wou se mat Piktogrammer, mat allem Drum un Dran informéiert ginn. Wéi schreiwen ech mäi Kand an de Precocé an? Wéi ass d'Prozedur fir de Chèque Service? Do kommen eenzel Deplianten. Net méi wéi elo dat klengt Buch, wat net wierklech informativ war. Also do si mer am Gaang, drun ze schaffen. Fir d'Entrée wäerten déi éischt Ännerungen kommen.

An dann eppes, wat mer och um Häerz läit, dat ass „Bewegte Schule“. Also dat gëtt ëmmer sou duergestallt, wéi wann dat mir wäeren, déi dat misste maachen. Mir hunn et oft genuch an der Schoulkommissioun gesot, mir haten an der leschter Schoulkommissioun driwwer geschwat. Wie mécht dat a wien ass do responsabel? Et läit um Léierpersonal fir dat ze maachen. Et ass schonn hir Aufgab, fir „Bewegte Schule“ duerchzezéien. Et hunn et awer ganz am Ufank vu menger Ried gesot. D’Kanner, da komme se un. Mir wäuschen eis d’Fangeren, mir setzen eis. Mir maachen d’Fënsteren op. Mir léften all 5 Minutten. Mir ginn op d’Toilette. Mier iessen. Mir wäsche rëm d’Hänn an an an. An da solle mer wannechgelift och nach 5 Mol dertëschent iwwert de Gank sprange fir „Bewegte Schule“ duerchzezéien. Ech fannen einfach, et muss een deem Projet Zäit ginn. De Guy an de Sven hunn dat gutt presentéiert. Ech hunn et och gesot an der Schoulkommissioun. D’Lenkeschléi ass z.B. eng Schoul, wou mer lo och wäerte gesi bei de PDSen, déi dat verankeren am PDS.

Et ass awer net nëmme Lenkeschléi, och de Strutzbiereg huet e Projet gemaach, wou se sech Material kaaft hunn, fir och „Bewegte Schule“ ze maachen. Mee beim beschte Wëllen, mir kënnen net vum Léierpersonal de ganzen Zäit verlaangen, lo maacht nach hei dertëschent a maacht dat do. Mir ginn där Saach eng Chance. Dir wäert gesinn, dat leeft elo un, dat wäert och gutt ginn. En plus bitt de Service des Sports mam Myriam zesummen och ganz, ganz vill Sport an de Schoulen un. Also mir leeë ganz vill Wäert dorobber. A „Bewegte Schule“, wann de Loris vläicht nach e puer Wuert wëll driwwer soen. Mee mir hunn et an der Schoulkommissioun d’leschte Kéier nach eng Kéier ugeschwat, dat fänkt un ze rullen, mir wäerten och op de Biedem verschidde Pechbiller maachen. Also och dat leeft un.

Dann nach eppes, wat de Joël Mischaux sot zu de Visite vun der Lenkeschléi. Also effektiv, ech muss soen, et ass der Gemeng hiert Gebai, d’Myriam gëtt zou bombardéiert mat Visitten. Ech probéiere wierklech, och ëmmer dobäi ze sinn. Ech verstinn awer, datt de Joël seet: Stopp, dat kann net sou viru goen. Dofir hu mer festgehalten, dass déi Visitten an Zukunft wäerten iwwert d’Gemeng organiséiert ginn, ausser et kënnt en Aarbechtsgrupp. Mee mir ginn op alle Fall informéiert. Wa mir et gewäerde loossen, da mécht d’Mim nëmmen nach Visitt guidéieren. De Joël op senger Säit huet gesot „Stop!“ a mir als Gemeng hunn och gesot „Stop!“. Et ass en exzeptionellt Gebai, dat gëtt gelueft. Mir hate gëschter Moien déi lescht

Visitt. Dat ass alldeeglech. Et ass wierklech en Virzeigemodell fir d’Zesummenaarbecht Maison Relais mat Schoul. Dat ka ganz anescht fonctionéieren. Et soll och sou fonctionéieren. An der Circulaire vum Ministère do steet dat och dran. Déi Zesummenaarbecht ass och op nationalem Plang wichteg. A wéi gesot an Zukunft, wat d’Visitten ugeet, mir probéieren do eis Bescht, mee ech verstinn awer, datt mir als Gemeng, ech als Schaffen, net kënnen dauernd Visite maachen, sou gutt wéi d’Mim als Schoulpresidentin dat och net ka maachen. Ech mengen, ech hätt alle beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane. Da kritt de Loris nach d’Wuert an da ginn ech och nach op de Volet Eecherdall an.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, Merci Josiane. Well souvill diskutéiert gëtt ronderëm „Bewegte Schule“ a well de Service des Sports an deem Kontext och e puer Mol ernalimt gouf, wollt ech awer kuerz dozou Stellung huelen. Lo sti mer allegueren op a maachen den Hampelmann. Dass mer e bësse kënnen erliewen, wat dat ass. Also „Bewegte Schule“ ass jo e beweegungsorientéierte Schoultag. Do geet et drëms, fir mat klengen, kuerzen a prezise kierperlechen Aktivitéiten engersäits d’Gesondheet vum Kand an och vum Léierpersonal - déi dierfe jo do matmaachen - ze fërderen. An d’Opmierksamkeet an d’Konzentratioun domadder ze erhéijen. An et vereinfacht an ënnerstëtzt de strukturellen Alldag an enger Schoul.

Lo kann een dat am Schoulhaff maachen, dat kann een am Gank maachen, dat kann een am Klassensall maachen, jee do gëtt et am Fong keng Limiten. Dat ka souwuel viru Schoulufank sinn, dat ka während engem Cours sinn, dat kann awer och an deene klengen oder méi grouse Pause sinn. An deem Sënn hu mir dat lancéiert. De Service des Sports hat do en Dossier virbereet a presentéiert fir eeben d’Schoulen ze ënnerstëtzen, wa se dat dote wélten ëmsetzen. Well et ass eeben, wéi d’Josiane et gesot huet, et ass un der Schoul selwer fir dat ëmzesetzen, wa se mengen, dat géif an hirer Schoul Sënn maachen. Dat gëtt dann entweder iwwert de Schoulpresident an de PDS geholl, wéi mir dat elo d’nächste Kéier presentéiert kréien an enger ganzer Schoul. Oder eeben en eenzelen Enseignant kann dat mat senger Klass maachen.

Well sech d’Leit awer e bësse schwéier gedoen hunn huet de Service des Sports d’Leit nach eng

Kéier zesummegeruff an hinnen erkläert, wat dat Konzept ass. Well dat ass lo net eng Sportsaktivitéit. Dat ass e kuerze Moment, dat kann och 30 Sekonne sinn, wou ech während dem Cours eng Kéier opstinn, fir dass ech net méi op der Leitung setzen an nach eng Kéier de Geescht an de Kierper fräi kréien an dann erëm normal weiderfuere mam Cours. Also brauch ech kee Sportskurs ze organiséieren. Dat kann den Enseignant a soll den Enseignant och selwer maachen. Mir hunn hinnen als Service des Sports e klengen Dossier zesummegehalt mat klengen Iddien, och mat Materialiddien. Et ass och Material kaaft ginn. An och do steet de Service de Santé scolaire an och de Service des Sports berodend zur Verfügung. Awer am Endeffekt ass et den Enseignant selwer, deen a senger Klass decidéiert mat sengem Schoulpresident: Wat wëllen a kënne mir hei ëmsetzen? Also de Service des Sports ass an deem Sënn eraus fir d'Ëmsetzung sur Place. Dat wollt ech awer eng Kéier kloerstellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris och fir déi dote Präzisounen. Ech wollt nach op d'Zukunft vum Eecherdall agoen, respektiv och vum Site en tant que tel. Am Kader vun eisem PAG ass et jo geplangt fir entweder kënne Bâtiment oder Equipement public. Dofir ass jo lo d'Struktur drop. Do ginn et zwou Méiglechkeeten, zwou Pisten, déi net ausgeschloss sinn. Wou ee soll kucken, wat am beschten dohinner passt. Wéi gesot, de Moment hu mer dat net festgesat. Wéi gesot, entweder et geet een hin an an d'kuckt een do eng Crèche, Mini-Crèche anzeriichten. An ze kucken, wéi vill Kanner een do kann ophuelen a wéi dat Ganzt sech dann och abett an d'Mobilitéit. Vu que dass et awer an enger Sakgaass ass, dass do och vill Aktivitéite sinn. Op där anerer Säit kann een awer och abordabele Logement do maachen. Och dat ass net oninteressant. Dat sinn zwou Pisten, déi ee kann aschloen. Déi soll een iwwerpräiwen ouni sech festzesetzen an dann am Fong dat Beschtaeraushuelen. Dat sinn déi zwou Optiounen, déi um Dësch leien.

Dëst gesot, mengen ech, wär op déi verschidde Punkte geäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoe wat déi provisoersch Schoulorganisatioun ugeet. Wien ass mat där averstanen, sou wéi se hei presentéiert gouf? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech hei villmools Merci fir d'Diskussioun an och dem Joël Mischaux an dem Erni Ferrari Merci fir hir Präsenz a fir hiert Abréngen.



6. OFFICE SOCIAL

Approbatioun vum Avenant vun der Konventioun iwwert d'Mise à disposition vu Sozialwunnengen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer weider op den nächste Punkt. Dat ass den Office social. Dat ass d'Konventioun wat d'Mise à disposition ugeet vun de Logementen. An do ginn ech eisem Sozialschäffen, dem René Manderscheid, d'Wuert.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Déi Konventioun, déi Dir lo hei virleien hutt, dat ass am Fong geholl dat lescht Stéck an engem Puzzel. Wat heescht dat? Dir hutt an Ären Dokumenter och déi éischt Konventioun zu deem Thema. Dat war 2015, wou mer ugefaangen hunn als Gemeng, eis Wunnengen, déi mer zu deem Zäitpunkt haten, dem Office social zur Verfügung ze stellen. Nieft deenen anere Wunnengen, déi se zu deem Zäitpunkt hate vun anere private Proprietären. Do hu mer eis Wunnenge vun der Gemeng dem Service social zur Verfügung gestallt, fir déi Cellule Logement an d'Liewen ze ruffen.

An haut hu mer en Avenant zu där besteeënder Konventioun. Ech wäert lech déi Konventioun lo net hei à la Lettre virlesen. Dir gesitt d'Punkten 10, 11, 12 an 13, déi nei sinn. Et ass net méi an net manner, dass mer déi Wunnengen, déi mer deemools dem Office social zur Verfügung gestallt hunn, dass mer déi rëm als Gemeng zrëckhuelen, mat e puer Ausnamen, wéi Der do gesitt. Respektiv dass den Office social eis e puer Wunnengen zur Verfügung stellt, déi si recuperéiert hunn an dass mer dann deen zweete Piller kënnen opbauen, eise Service Logement. Dat ass am Graffen elo, wat d'Konventioun beinhalt, dass mer do kloer Spillreegelen hunn, dass mer transparent sinn. Dass jiddweree weess, wien ass Proprietär a wien ass Locataire a wie bekëmmert sech ëm déi verschidden Objeten?

Ech wëll awer allgemeng soen, dass ech frou sinn an houerfreg, dass mer kënnen haut dee Service Logement definitiv an d'Liewe ruffen. Am Mee hate mer jo eng Pressekonferenz zu deem Thema, wou mir dat och der Press virgestallt hunn. An et ass och e weidert Stéck vun eiser Schäferotserklärung, wou mer hei an d'Realitéit ëmsetzen. Dat ass mer elo ganz wichteg ze bemerken. Well ech jo och beim Budget ëmmer soen, dass dat Wuert Soziaalt hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert ass, an heimat gëtt dat och nach eng Kéier déck ënnerstrach.

Mir si frou dass mer dat hunn. Dat geet warscheinlech deem engen nach net duer. Et kéint een nach vill méi maachen, domat sinn ech d'Accord. Mee op jidde Fall hu mer hei e ganz grouse Stack vu Wunnengen zu Verfügung, déi mer de Leit kënnen zur Verfügung stellen. An, et ass lo grad gesot ginn, och an Zukunft wäert d'Diddelenger Gemeng oppassen, dass mer kënnen nei Wunnenge schafen oder bauen. Op jidde Fall, mat deem Stack Wunnengen, wou mer lo hei hunn, ass et net gedoen. Mir wäerten och an Zukunft weider investéieren, fir dass de Service Logement deene Leit kann hëllefen, déi et brauchen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da soen ech dem René Manderscheid Merci fir déi doten Erklärungen zu der Konventioun an d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buegermeeschter. Ech hunn hei gekuckt an der Annex B do steet Résidence St. Martin 1 op 2 Rue Antoine Zinnen. Wéi ass et da mat deenen dräi Appartementer vun der Résidence St. Martin 2 op 15, Rue Antoine Zinnen? Wourënner fënnt een déi do a wat fir enger Kategorie?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok. Merci. Nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Meng Froen, déi gi vläicht e bëssi méi wäit eraus aus dem Avis, mee et ass wierklech, fir dass ech dat Ganzt besser verstinn. An ech erlabe mer lo, als relativ Neit dobäi, déi Froen ze stellen. Natierlech begrëisse mir all Initiativ, wann et drëms geet Logement, soziale Logement, abordabele Logement ze bauen oder ze mobiliséieren. Dat wëll ech op dëser Plaz och gesot hunn. Mee fir mäi Versteesdemech: Ech verstinn net richteg, wéi eng Logementer falen ënnert de Service Logement a wéi eng falen ënnert de Service social? Dat wier mol eng éischt Fro. An dann: Wiem gehéieren déi Raimlechkeeten oder déi Ge-

baier? Well mir hu jo Appartementer a mir hunn och Kummeren. Wann ech elo richteg gezielt hu si mer bei 30 Appartementer a 35 Kummeren, déi mer souzesoen zur Verfügung stellen. Bon natierlech, an dat hutt Dir och scho gesot, ass et wichteg fir eng Stad wéi Diddeleng, déi 20.000 Awunner huet, fir déi Zuel an d'Luucht ze setzen. An do ass meng nächst Fro: Wéi gesäit et aus an der noer Zukunft? Hutt Der do schonn eng Previsioun, wat d'Zuelen ugeet, wat d'Acquisitiounen vläicht ugeet? Wéi mer kéinten déi Zuel erhéijen?

An dann, och nach zum Verständnis. Ech verstinn net richteg, mam Kierchefong Beetebuerg, déi eis Sozialwunnengen zu Diddeleng zur Verfügung stellen. Wann Dir mer do kuerz kéint erklären, wat do de Lien ass mat Beetebuerg? An eng lescht Fro. Mir hu jo Sozialwunnengen, déi ënnert der Croix Rouge, Fondation Pro Familia, Fondation Jugend- an Drogenhëllef lafen. Sinn déi alleguerte besat? An ech mengen, dat sinn och Wunnenge mat engem spezielle Besoin vläicht. Wéi gesäit et do aus? Hu mer do vläicht och geplangt, fir méi Wunnengen ze kréien? Virun allem geet déi do Fro och a Richtung vu Jugend- an Drogenhëllef. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Froen. Nach weider Froen, Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Gutt, da géif ech probéieren ze äntweren. 15, rue Zinnen, dat missten déi Appartementer sinn, wann een erop fiert op der lénker Säit. Déi behält den Office social. Op déi Fro vun de Gréngen, wat d'Previsiounen ugeet, do hu mer keng prezis Zuel. Mee ech hunn lech gesot gehat, d'Diddelenger Gemeng hält déi ganzen Zäit d'Aen op fir kënnen eppes ze kafen oder ze lounen oder wéi och ëmmer. Respektiv dass mir bei all neie Projet hei an Diddeleng Wunnenge wäerten kafen. Am leschte Gemengerot hu mer jo nach eng Kéier decidéiert, 5 Wunnengen ze kafen an der Nic Bodry-Strooss, wou lo gebaut gëtt.

Wéi gesot, ech kann lech keng prezis Zuel soe fir d'Previsioun. Awer mir si permanent am Gaang ze kucken, fir eisen Ensembl vu Wunnengen, Appartementer oder vu Studioen, ze vergréisseren. De Kierchefong dat ass esou, do ass de Kierchefong un d'Gemeng Diddeleng erugetrueden, wéi se z.B. d'Veräinshaus nei gemaach hunn, ofgerappt hunn. An déi Appartementer, déi se do ofgerappt hunn hu se erëm ersat. An du si se un eis erugetruede gewiescht, ob mir interesséiert wieren als Office social, dass mer eis do géif mat aclin-

ken. Dass mer déi géife loune fir dann an der Cellule weider ze verlounen. Dat ass de Kierchefong. Et ginn och nach Wunnengen um Ribeschpont, an déi Wunnengen an der Zinnestrooss, dat ass och de Kierchefong. Si sinn un eis erugetruede fir d'Zesummenaarbecht. Sou dass se mat engem Partner wéi d'Gemeng Diddeleng, respektiv dem Office social kënnen stabil an d'Zukunft plangen.

An dann d'Croix Rouge, Jugend- an Drogenhëllef. Do ass net virgesinn, datt déi Zesummenaarbecht erweidert gëtt. Well d'Wunnengen déi mer brauchen, déi sinn alleguer besat. Mir selwer brauchen händeringend nei Wunnengen an eis Waardelëscht ass och net grad kleng, fir net ze soen, si ass grouss. An d'Jugend- an Drogenhëllef, déi kréien dat zur Verfügung an dat behalen se och. Et ass am Ament net geplangt, dass dat erweidert gëtt. A wann enges Daags déi Wunnenge vun der Jugend- an Drogenhëllef an der Croix Rouge, wann déi net méi gebraucht ginn oder si hunn eppes anescht wëlles, da fält se an de Besëtz vun der Gemeng, vu dass et meeschtendeels alles Gemengewunnenge sinn an da verloune mir se am Service Logement dann un aner Leit weider.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Ren. Ech wollt just nach eng Kéier kloerstellen, well Dir d'Fro gestallt hutt. Et ginn dräi Cas de figure: Wat net hei op der Lëscht ass, dat sinn allegueren déi Haiser oder déi Appartementer, déi a privater Hand sinn an déi den Office social geréiert. Well privat Leit der Meenung sinn, och um Niveau Gestion locative sociale, den Office social déi geréiert. Dat ass hei zu Diddeleng e Beispill wéi och op villen anere Plazen. Da gëtt et och nach Haiser oder Appartementer, wou d'Gemeng Proprietär ass. Dat ass bei deem Fall wou ech virdru gesot hunn, net de Fall. A wéi eng Gebaier sinn do, wou de Service Logement geréiert a wéi eng Gebaier sinn do, wou d'Cellule Logement geréiert? Wéi gesot, déi déi an der privater Hand sinn, déi sinn hei net mat dran. Et sinn zwee verschidde Cas de figuren. Ech wollt dat just vum Verständnis hir einfach en Kéier kloerstellen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir déi zousätzlech Erklärungen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà. Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Just nach eng kuerz Fro. Ech huelen un, dass et dat net méi gëtt, mee gëtt et dann och nach eng Wunneng, déi iergendwou eidel steet, wa lo mol e Feier wär,

ass et soss mol Wunnenge ginn, wou dann déi Leit ënnerkéimen. Ech mengen dat gëtt et net méi? Déi ginn dann an en Hotel logéiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, Neen.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Et gëtt ëmmer eng Noutwunneng. Dofir heescht et jo och Noutwunneng. Mee heiansdo kann et sinn, dass temporär, ganz kuerz Zäit och déi Noutwunneng ka besat sinn, well effektiv nach en Noutfall bei den Noutfall kënnt. Effektiv gi mir dann op dee Wee fir temporär an en Hotel. Dat hu mer och scho virdru gemaach gehat. Mee eng Noutwunneng ass am Prinzip ëmmer fräi. Dat ass emol d'Wonschdenken an dat ass och meeschtens ze realiséieren. Wéi gesot, mir haten och schonn eng Kéier de Fall, wou mer zwou Noutsituatiounen haten an da musse mer entscheeden, een draetzen an deen aneren an den Hotel. Mee eng Noutwunneng ass ëmmer virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, d'Madame Kayser an den Här Gangler.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Och nach eng ganz kuerz Fro. Wéi vill Logementer aus privater Hand huet de Service Logement? An et ass och hei warscheinlech e bëssen d'Konfusioun, Service Logement – Cellule Logement. Et kéint een och vläicht eng Kéier kucken, fir sech do en aneren Numm ze ginn, well dat ass an de Käpp net ëmmer evident. Och fir déi Leit, déi dann her-no Locataire si bei eis. Da wësse se oft net, vu wem gi se betreit. Well et ass e groussen Ënnerscheid, vläicht kanns Du dat och nach eng Kéier kuerz erklären, dass eeben d'Cellule Logement och e Suivi fir déi Leit huet.

Ech mengen dat ass jo de gréissten Ënnerscheid. A wat dobaussen och wichteg ass, ze kommunikéieren, dat ass dee och Suivi hunn, d'Cellule Logement iwwert de Service social. An de Service Logement, do wëlle mer jo op en anere Wee goen. Do hate mer jo scho rieds, dass mer do och eng Kéier de Kontrakt virgestallt kréien, wéi mer de Leit déi Logementer zur Verfügung stellen. Wéi eng Klauselen do dra sinn. Dat hate mer jo d'leschte Kéier e bëssen diskutéiert. Vläch wär et och ganz interessant, deen eng Kéier virgestallt ze kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hätt da just déi Fro: an der Cellule Logement hu mer jo dann all déi Appartementer, déi mer de Leit zur Verfügung stellen, déi se da lounen. Ass dat limitéiert op dräi Joer?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Genau.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): An ech wollt just froen: Klappt dat? Oder hu mer do Problemer mat Leit, déi mer net rauskréien? A wéi verhale mer eis do?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Madame Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, ech hätt och nach eng zousätzlech Fro. Effektiv, mat der Konfusioun vun den Nimm, ass et vläicht wichteg ze kommunizéieren, wou déi richteg an och eenzeg Ulafstell soll sinn. Well ech gi ganz oft gefrot: Wouhi soll ech mech iwwerhaupt wenen? An da soen ech ëmmer de Service social. Mee ech wëll dat och vun lech bestätegt kréien a vläicht sollt dat eng Kéier allgemeng kommuniquéiert ginn dass dat wierklech de Service social ass oder de Service Logement eeben. Dat weess ech och net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Den Här Manderscheid an den Här Zuang.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hat gemengt bei der leschter Gemengerotssëtzung hätte mer do e puer Saache bäigedroen, fir dat opzeklären. Mee ech probéieren et dann nach eng Kéier. Effektiv, de Service Logement, deen huet zwee Piliere, datt ass d'Cellule Logement an de Service Logement. D'Ulafstell – mir hunn elo dozou e flotten Depliant ënnert d'Leit bruecht – ass ëmmer d'Maison sociale. An am leschte Gemengerot hu mer jo nach eng Assistante sociale agestellt wou de Service verstärkt ginn ass. D'Ulafstell ass also an der Maison sociale, wou déi Assistante sociale all d'Demande wäert unhuelen. An et ass déi Assistante am Service Logement déi kuckt, wéi kënnt fir wat fir ee Service a Fro. Sief dat de Service Logement oder d'Cellule Logement. Den Ënnerschied tëscht deenen 2 Services: d'Cellule Logement, dat ass alles dat, wat den Office social lount bei de private Leit, wou mer da weiderverlounen u Leit, déi eng Wunneng brauchen oder e Studio. An do ass d'Durée vun där Mise à disposition, déi ass bis Maximum 3 Joer.

Den Här Gangler hat gefrot gehat, ob mer do net scho Problemer hate mat Leit, dass se net vum selwe rausginn. Et kann ee soen: Jo, mir hunn do heiansdo e bësse méi Stress. Obwuel d'Leit au départ wëssen, dass no dräi Joer Schluss ass, si mer ëmmer nach bereet gewiescht, och no deenen dräi Joer ze probéieren, eng Verlängerung ze maachen. An ech hat lech d'leschte Kéier jo am Gemengerot verzielt, dass et an der Zeitung och e puer Fäll gouf - ouni lo Affekot vun der AIS ze sinn - wou se effektiv raus gesat gi sinn. Dee Wee gi mir och als Gemeng Diddeleng. A leschter Zäit hate mir nach ëmmer Chance, ier mir dee leschte Schratt hu misste maachen ass eng Léisung fonnt ginn. Also als Gemeng Diddeleng hu mer nach keen Déguerpissement misse maachen. Ech wëll net ausschléissen, dass dat enges Daags kënnt. Mee ier dee Wee gemaach gëtt, an dat wëll ech ënnersträichen, si ganz vill Mesurë geholl ginn. An ech wëll och ënnersträichen, dass vill Locataire déi mer an eise Wunnengen hunn, wa se bis dra sinn, munch gutt Virsätz oder aner Saache vergiess hunn. A wann et dann awer zu engem Déguerpissement kënnt, dann ass ëmmer erëm, an deem heite Fall d'Gemeng, vill Schold, wann een d'Press verfolgegt. Mee ech kann lech garantéieren, dat ass net de Fall. Mir wäerten alles maachen an deenen dräi Joer an doriwwer eraus, fir dass déi Leit - déi gi jo betreit vun eise Leit, vun eisen Assistenten - fir dass déi Leit spueren a si kréie vun eise Leit gehollef, lénks a riets ze kucken, wou kann een da lo eng nei Wunneng oder Appartement fannen.

De Service Logement, dat ass e ganz klore classesche Bail à loyer. Dee ka bis „à vie“ goen, muss awer net. Ech hunn lech do Beispiller genannt vun enger Famill mat dräi Kanner, déi kréien da vun eis eng Wunneng mat engem Bail à loyer. An enges Daags sinn déi dräi Kanner flügge, si maachen hiert eegent Liewen. Dann ass déi Koppel nach just zu zwee an da kréie se vun eis eng aner Wunneng, méi eng kleng Wunneng. An déi grouss ass da rëm fräi fir aner Leit. Wéi gesot, de classesche Bail à loyer ka bis „à vie“ goen. Ech misst dann op déi puer Froe geäntwert hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Ren.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt nach just dozou soen, vu, dass et effektiv duerch déi Konfusioun mat Cellule Logement a Service Logement, dass mer geduecht hunn, vu que dass den Office social jo seng eege Comptabilitéit huet an och seng eege Mise à disposition mécht, dass mer am Fong elo besser vu „Gestion locative sociale“

schwätzen, spröch Cellule Gestion locative sociale. An do maache mer och kee Bail, do maache mer eng Mise à disposition. Dat ass eng Mise à disposition déi, wéi de René sot, op 3 Joer ass. Mir maachen och mam Propriétaire e Kontrakt fir eng Mise à disposition fir 3 Joer. Wann e Propriétaire z.B. gewëllt ass, fir während dëser Zäit säin Immeubel ze verkafen, dat steet dat him natierlech fräi, mais hien muss eis op d'mannst 6 Méint am viraus Bescheed soen respektiv esou vill Zait, fir dass mir eng Méiglechkeet kréie fir déi Leit, déi de Moment do a senger Propriétéit sëtzen, kënnen ze relogéieren. Wat d'Famill natierlech méi grouss ass, dann ass et fir eis méi schwéier, eppes Passabeles ze fannen. Dat ass déi eenzeg Konditioun. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Hei war jo nach d'Demande, wéi vill Logementer aus privater Hand am Office social...

ROMAIN ZUANG (LSAP): Am Moment leie mer bei 35 Wunnengen vu Privatileit. Dat sinn der schonn vill. Dat heescht, mir wuesse relativ schnell, an awer gëtt et och do eng Liste d'attente. Dofir komme mer jo och all Mount eng Kéier an der Cellule zesummen fir nei Demanden ze beschwätzen. Fir Affektatiounen ze ginn, brauche mer ëmmer erëm Immeublen an dofir kënn och lo dëse Mount nach e frëschen Appell un d'Propriétaires an d'Blédchen. 2018 hate mer fir d'lescht sou eng Annonce gemaach, an déi hat vill Succès. Dat heescht, lues a lues drépsen ëmmer erëm nei Offeren eran. Et ginn och ganz staark Méint, wéi z.B. elo de Mee, do waren 3 Wunnengen direkt beienee komm, en Haus a zwee Studioen. Dat heescht, et kommen heiansdo Momenter, do melle sech vill Propriétaires, mee et sinn och streckeweis Zäiten wou et méi roueg ass. Et ass keng Propriétéit, keen Immeubel ze vill.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier fir déi dote Präzisioun. Et héiert ee jo kloer raus, dass mir probéieren, eis hei ganz breet opzestellen. Dëst gesot, brauche mer awer och nach den Avall vum Gemengerot zu dëser Modifikatioun vun der initialer Konventioun. Déi ass jo an der Distributioun.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.



7. AVIS ZUR NOMINATION VUN ENGEM NEIE FIESCHTER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer weider bei eisen neie Fieschter. De Guy Netgen geet jo an d'Pensioun dëst Joer an ech wollt him hei e ganz, ganz grouse Merci soen am Numm vum ganze Gemengerot fir déi Aarbecht, déi hien all déi Jore gemaach huet, hei zu Diddeleng. Et ass jo sou, d'Gesetz gesäit vir, dass de Gemengerot en Avis gëtt par Rapport zum neie Fieschter an och den neie Préposé fir de Raum Diddeleng – Beetebuerg.

An do gesitt Der raus, dass d'Kandidatur rakomm ass vum Här Guy Rassel. A mir si gefrot ginn als Gemengerot, eisen Avis ofzeginn. Quitt dass et hei e Staatsbeamten ass an d'Nominatioun jo vun de staateleche Stelle gemaach gëtt. Mee d'Gesetz gesäit fir, dass de Gemengerot säin Avis soll ofginn. An ech géif proposéieren, dass mer dat och solle vollstens ënnerstëtzen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci. A mir freeën eis dann op déi zukünfteg konstruktiv Zesummenaarbecht.



8. PERSONAL

8.1. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir e Chargé de Cours an der Museksschoul (Formation Danz) am Statut vum Salarié fir de Besoin vum Département administratif vun der regionaler Museksschoul

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, dëst gesot komme mer op Personal froen. An do geet et ëm d'Museksschoul. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Wéi Dir wësst, bitt eis regional Museksschoul zënter der Rentrée 2019/20 jo och Coursen am Beräich Danz un an dat mat ganz groussem Succès. Aktuell besichen 110 Schülerinnen a Schüler mat Begeeschterung eis Coursen, déi mer ubidden. An eisen Danzdepartement huet sech zënterhier, trotz der Pandemie, déi eis lo schonn eng Zäit ze schafe mécht ganz gutt entwéckelt. Mir sinn 2019 mat 8 Klassen an enger Enseignante an der Danse classique gestart. Mir hunn du d'lescht Joer d'Offre scolaire ausgebaut mat 13 Klassen an 2 Enseignanten an deenen 3 Sparten Danse classique, Danse contemporaine an och Danse Jazz. Dat sinn déi, déi vun der nationaler Programmkommissioun och virgesi sinn.

Fir eis drëtt Rentrée lo dëse September plange mer 17 Klasse mat deenen zwou selwechten Enseignanten, woubäi d'Gesamtstonnenzuel dann awer elo e volle Kader dépasséiert. An dofir musse mer dësen zweete Poste kreéieren. Dat hu mer och esou der Museksschoulkommissioun gesot, an déi waren och domadder d'Accord. Bleift nach vläicht do bäizefügen dass op haut, dat heescht zwou Woche virun eiser Journée Porte ouverte an der offizieller Ouverture fir Aschreiwunge vun neie Schüler scho ronn eng 100 Schüler a Schülerinnen ageschriwwen sinn. Dat weist jo och, datt eng reell Demande um Terrain fir d'Danze besteet.

Dir wësst dass traditionell bei deem nächste Gemengerot och wäert déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul um Ordre du jour stoen. An da wäert natierlech och de Bob

Morhard rëm hei sinn, fir op all Är Froe kënnen ze äntwere wat d'Museksschoul am allgemengen ubelaangt an natierlech och den Danz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia, fir d'Erklärungen zu der Kreatioun vun deem dote Poste. Si Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall. **Ass de Gemengerot mat där Kreatioun averstanen? Jo.** Villmools Merci.

8.2. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir en Employé communal, an der Catégorie d'indemnité C, Groupe d'indemnité C1, Sous-groupe éducatif et psycho-social fir de Besoin vum Département administratif, Service Education et Accueil

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer bei d'Kreatioun vu Poste an eise Structures d'accueil. Do ginn ech dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Hei gëtt fir d'éischt e Poste kreéiert am Grupp C1 vun der Structure d'Accueil. Dat ass e Poste, dee mer musse schafe fir d'Maison Relais an Italien. Eigentlech war jo virgesinn, dass mer Personal géifen eriwuerhuelen. Do muss e awer soen, vu que dass eng Klass bäikënnt vum Precocé musse mer dann och neit Personal huelen. Hei ass einfach d'Kreatioun vum Poste.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane. Remarken, Froen dozou? Da wëlle mer doriwwer ofstëmmen. **Sidd Dir domadder averstanen? Jo.** Merci.

8.3. Kreatioun vun zwee Vollzäit-Poste fir Employé communal, an der Catégorie d'indemnité B, Groupe d'indemnité B1, Sous-groupe éducatif et psycho-social fir de Besoin vum Département administratif, Service Education et Accueil

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Bon dat selwecht ass natierlech bei den Diploméierten, dat sinn 2 Poste am Grupp B1, an dat ass och fir Italien. Dat ass dat Personal, dat mer do sur Place brauchen, fir dat lafen ze loossen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Och domadder averstanen? **Och unanime.** Merci.

8.4. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir e Fonctionnaire communal, an der Catégorie de traitement C, Groupe de traitement C1, Sous-groupe administratif fir de Besoin vum Département administratif, Service Informatique et nouvelles Technologies

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mer eriwwer an eise Service Informatique. Och do d'Kreatioun vun engem Poste fir e Fonctionnaire communal.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, och do géife mer e Poste kreéieren. Et ass sou, dass mer am Gaange sinn, déi ganz Reorganisatioun ze maache vum Scan-Service. Do kommen ëmmer méi elektronesch Ufuerderungen op eis duer. Dat ass jo alles am Gaang, iwwerschafft ze ginn. Et sinn der och a Pensioun gaangen. An hei muss en neie Poste kreéiert ginn, well et gëtt awer e Posten, wou's de Responsabilitéit kriss. A fir dat Ganzt ze informatiséieren an ze reorganisieren, proposéiere mer hei eng Kreatioun vun engem Poste fir eng voll Tâche an deem Service.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane. Froen. Remarken?

CLAUDE MARTINI (CSV): D'leschte Kéier hate mer jo Schwieregkeeten, fir een op engem änleche Posten ze fannen. Et wär vläicht net schlecht, wa mer dës Kéier e bësse méi flexibel wäeren, wat d'Demandë sinn. Dat heescht, d'Leit, déi eng Demande schreiwen, déi net genau dem Profil entsprechen, déi Demandë sinn ni ukomm, well se gefiltert goufe virduer, well se net dem Profil entsprach haten. Do hu mer laang ee gesicht gehat. Et wär vläicht net schlecht, wa mer do e bësse méi flexibel wäeren, wann d'Demanden alleguete géifen ukommen. Datt een dann duerno kéint vläicht en Tri maachen oder d'Annonce frësch ausschreiwen no engem anere Profil, wa mer kee richtege fannen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech ka vläicht do direkt äntweren. Also et ass keen Informatiker, dee mer hei sichen. Mir hu jo deemools missten de Posten ëmwandelen well mer keen Informatiker oder kee Fonctionnaire fonnt hunn, deen och nach Informatiker ass. Déi si relativ rar. Hei ass kee rengen Informatiker. Dat eent huet näischt mat deem aneren ze dinn. Ech gesinn awer lo net, firwat mer dee Posten net sollen als Fonctionnaire ausschreiwen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also ech wollt just soen, et gi Prinzippien. E Posten deen een ausschreift ass prinzipiell e Posten als Fonctionnaire communal. Dee schreift een aus. Do huet ee verschidde Méiglechkeeten, fir auszeschreiwen. Do kann een ausschreiwen ouni Admissiounsexamen, mat Admissiounsexamen oder scho fäerdeg. Dat sinn d'Prerequisiten an der Fonction publique, an déi si gesat. A wann een da keng Leit fënnt, da geet een hin an d'schreift een aus als Employé communal. An déi Hierarchie an déi Prinzippie sollt ee bäibehalen. A mir ware méi wéi eng Kéier hei, wou mir dat gemaach hunn, well mir eebe keen als Fonctionnaire fonnt hunn.

Sou eng Flexibilitéit, wéi Dir hei sot, déi huet een net Här Martini. Dat muss ech ganz kloer hei soen, well et verschidden Hierarchië ginn um Niveau vun der Ausschreiwung an der Fonction publique. Dat ass awer net onwichtig. Mee dëst gesot, probéiere mer awer hei déi richtege Persoun ze rekrutéiere mat der Ausschreiwung. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8.5. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir e Fonctionnaire communal, an der Catégorie de traitement C, Groupe de traitement C1, Sous-groupe technique fir de Besoin vum Département technique, Service Gestion et Maintien du Patrimoine, Circulation.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An dann de leschte Posten, Circulation. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, de Mica da Silva, deen Dir all kennt an deen de Moie jo och schonn hei war, deen ass vum Service Circulation d'lescht Joer schonn an de Service Travaux publics eriwwer gewiesselt an hien huet dann deemno säi Poste matgeholl. Mir hunn deemools, wou hien eriwwer gewiesselt ass och keen neie Poste kreéiert gehat. Lo feelt natierlech erëm eng Kéier eng Persoun an och e Posten am Service Circulation. A fir datt mer dee kënne besetze musse mer dee Poste fir d'éischt emol kreéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Remarken? Froen? Dat ass net de Fall. Wien ass mat där Schafung do averstanen? **Unanime.** Da soen ech hei Merci. Da géife mer an de Huis-clos eriwwerkommen.

ZESUMMEN ËNNERWEE

10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vëlofuerer a Foussgänger



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo: Foussgänger sollen sech op der lénker Säit vum Wee halen. Vëlofuerer sollen sech op der rietser Säit vum Wee halen.

2. Vitesse upassen: Et ass wichteg zu all Moment op ënnerschiddlech Situatiounen reagéieren ze kënnen an ëmmer d'Kontroll iwwer de Vëlo ze behalen.

3. Ofstand suergt fir Sécherheet: Vëlofuerer solle beim Iwwerhuele genuch Ofstand zu Foussgänger an anere Vëlofuerer halen. Foussgänger sollen de Vëlofuerer och genuch Plaz loosse fir laanscht ze fueren.

4. Schelle virum Iwwerhuelen: Duerch d'Schelle soll de Vëlofuerer de Foussgänger mat genuch Distanz op sech opmierksam maachen. Esou erschreckt de Foussgänger net, wann de Vëlo vun hanne kënnt.

5. Bléckkontakt: Bléckkontakt zu sengem Géigeniwwer schaaft Vertrauen a Sécherheet. Duerch de Bléckkontakt kann ee sécher sinn, dass ee vu sengem Géigeniwwer gesi gött.

6. Moien a Merci: Fir e respektvolle Mateneen dinn e "Moien" an e "Merci" ëmmer gutt.

7. Richtungswiessel ukënnegen: Richtungswiessel vum Vëlofuerer solle mat entsprechenden Handzeechen ugekënnegt ginn. Duerch kloer Zeechensprooch weist de Vëlofuerer de Foussgänger an anere Vëlofuerer wat e maache wëll.

8. Haart Musek an Handy vermeiden: Am Verkéier ass et wichteg op säin Ëmfeld opzepassen. Dofir soll ee vermeiden ze oft op den Handy ze kucken oder haart Musek ze lauschten.

9. Den Hond un d'Léngt: Net jidderee weess wéi en Hond reagiert an en Hond un der kuerzer Léngt gött jidderengem méi Sécherheet.

10. D'Ëmwelt respektéieren: Vëlofuerer a Foussgänger sollen näischt an d'Natur geheien.



#
**jourde
marché**

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE